



gaangen, déi Pilotphas ofzeschléissen. A wann déi Analys positiv ass, da lancéiere mer déi Initiativ Fit 4 Service global fir Kleng- a Mëttelbetriber mat engem Voucher-System, fir och den administrativen Opwand esou kleng wéi méiglech ze halen.

Natierlech kréien d'PMEn a besonnesch d'Commercen, déi investéieren, och finanziell Bähëllef. 2016 hunn déi Hëllef sech op 25 Milliounen Euro chiffréiert. Dir wësst, dass och

hei en neie Projet de loi fir e PME-Bähëllefegesetz um Instanzewee ass. Mir waarden do op dem Conseil d'État säin Avis. An ech denken, dass mer och do ganz flott nei Moossname kréien am Beräich vun der Risikofinanzéierung, nei Bähëllefen och fir jonk Entrepreneuren, déi mat neie Konzepter wëlle schaffen.

Et gëtt also eng ganz Panoplie vun neie Moossnamen, fir eise Commerce ze ënnerstëtzen, fir dass e sech optimal ka positionéieren, och an

der Groussregioun. All eenzel Measure gräift aneneen iwwer, bilt zesummen eng iwwergräifend Strategie, fir dass de Commerçant alles fënnt, wat e brauch, fir säi Betrib nohalte, dynamesch a rentabel opzestellen. De Bail commercial ass dobäi ee wichtege Bestanddeel vun där Strategie. An ech si frou, wann d'Chamber hiren Accord zu deem neie Gesetzestext wäert ginn.

Villmools Merci, Här President.


► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madamm Statssekretärin.

Domat wäre mer um Enn vun eisen Aarbechte vun den Owend, grad wéi mer d'Diskussioun elo ofgeschloss hunn. Muer bleift eis just nach ofzestëmmen.

Ech soen lech Merci, a kommt gutt heem!

(Fin de la séance publique à 19.41 heures)



SÉANCE 16

MERCREDI,
17 JANVIER 2018

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

2. Changement de composition du comité de discipline

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

3. Ordre du jour

- M. Eugène Berger, M. Mars Di Bartolomeo, Président

4. 7037 - Projet de loi

1° portant sur la gestion des édifices religieux et autres biens relevant du culte catholique, ainsi que sur l'interdiction du financement des cultes par les communes,

2° modifiant

a) l'article 112 de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu,

b) l'article 30ter de la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement,

c) l'article 57 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, et

3° abrogeant

a) l'article 76 de la loi modifiée du 18 germinal an X (8 avril 1802) relative à l'organisation des cultes,

b) le décret du 5 mai 1806 relatif au logement des ministres du culte protestant et à l'entretien des temples,

c) le décret du 18 mai 1806 concernant le service dans les églises et les convois funèbres,

d) le décret du 30 septembre 1807 qui augmente le nombre des succursales,

e) le décret modifié du 30 décembre 1809 concernant les fabriques des églises

- Rapport de la Commission des Affaires intérieures: M. Claude Haagen

- Discussion générale: Mme Diane Adehm, M. Claude Haagen, Mme Lydie Polfer, M. Roberto Traversini, M. Gast Gibéryen, M. Marc Baum (intervention de M. Gast Gibéryen), M. Michel Wolter (interventions de M. Claude Haagen) (dépôt d'un amendement), M. Alex Bodry, M. Michel Wolter (interventions de M. Alex Bodry et M. Claude Haagen), M. Alex Bodry

- Prise de position du Gouvernement: M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur (interventions de M. Alex Bodry, Mme Octavie Modert, M. Claude Wiseler, M. Gilles Roth, M. Michel Wolter, Mme Nancy Arendt, Mme Viviane Loschetter et M. Gast Gibéryen)

- Parole après ministre: M. Michel Wolter (interventions de M. Alex Bodry, Mme Viviane Loschetter et M. Gast Gibéryen)

- Amendement 1: M. Michel Wolter, M. Alex Bodry (interruption par M. Gast Gibéryen), M. Michel Wolter (interventions de M. Alex Bodry et M. Claude Haagen), M. Claude Haagen (interventions de M. Michel Wolter, M. Marc Spautz et M. Alex Bodry)

- Vote sur l'amendement 1 (rejeté)

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

5. 6864 - Projet de loi portant sur le bail commercial et modifiant certaines dispositions du Code civil (suite)

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

6. 7096 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de partenariat et de coopération renforcé entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la République du Kazakhstan, d'autre part, signé à Astana, le 21 décembre 2015

- Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: M. Yves Cruchten

- Discussion générale: M. Laurent Mosar, M. Claude Adam, M. Gusty Graas, M. Fernand Kartheiser

- Prise de position du Gouvernement: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

7. 7141 - Projet de loi portant approbation de la Convention Benelux de coopération transfrontalière et interterritoriale, faite à La Haye, le 20 février 2014

- Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: Mme Claudia Dall'Agnol

- Discussion générale: M. Marcel Oberweis, M. Gusty Graas, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser

- Prise de position du Gouvernement: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

8. 7148 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Royaume de Belgique, le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume des Pays-Bas concernant l'Assemblée interparlementaire Benelux, fait à Bruxelles le 20 janvier 2015

- Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: Mme Claudia Dall'Agnol

- Discussion générale: M. Marcel Oberweis, M. Gusty Graas, M. Claude Adam

- Prise de position du Gouvernement: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

9. 7159 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de dialogue politique et de coopération entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la République de Cuba, d'autre part, fait à Bruxelles, le 12 décembre 2016

- Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: M. Marc Angel

- Discussion générale: M. Laurent Mosar, M. Eugène Berger, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. David Wagner

- Prise de position du Gouvernement: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

10. Changement de composition du comité de discipline (suite)

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; M. Jean Asselborn, M. Félix Braz, Mme Lydia Mutsch et M. Dan Kersch, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.03 heures)

1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - E schéine gudder Mëtteg! Ech maachen d'Sëtzung op a ginn dovun aus, dass d'Regierung eis zënter gëschter keng nei Matdeelungen ze maachen huet. Ass dat esou?

► **M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur.** - Jo, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Innenminister.

2. Changement de composition du comité de discipline

Ech wollt da just der Chamber matdeelen, dass op Demande vun de Kollege vun der DP-Fraktion an der Zesummesetzung vun dem Comité de discipline folgend Annerung wäert kommen: D'Madamm Anne Brasseur, där hir

lescht Sëtzung et haut ass, gëtt duerch d'Madamm Simone Beissel ersat.

Ass d'Chamber do dermat d'accord?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Mir géifen dann direkt iwwergoen zur Presentatioun an Diskussioun vum Projet de loi 7037. Et ass dee Projet, deem zur Schafung vun engem Fong wäert féieren, deem déi aktuell Kierchefabrick wäert ersetzen. An ech ginn direkt d'Wuert un de Rapporteur weider, den honorabelen Här Claude Haagen.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Här President!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo?

3. Ordre du jour

► **M. Eugène Berger (DP).** - Maache mer haut net...?

(M. Eugène Berger demande quand le vote sur le projet de loi n°6864 aura lieu.)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Dach, mir maachen en hannendrun, wann Der näischt dergéint hutt. Mir maachen e mat deem anere Vott zesummen.

(Brouhaha)

Kommt Dir, Här Haagen!

Ech gi jo dovun aus, dass jiddweree bei dëser Diskussioun bis zum Schluss wäert derbäi sinn, och bis zum Vott, an dass mer dann herno deem zweete Vott och kënne maachen. Ass dat esou?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert. An den Här Haagen huet d'Wuert.

4. 7037 - Projet de loi

1° portant sur la gestion des édifices religieux et autres biens relevant du culte catholique, ainsi que sur l'interdiction du financement des cultes par les communes,

2° modifiant

a) l'article 112 de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu,

b) l'article 30ter de la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement,

**c) l'article 57 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, et****3° abrogeant****a) l'article 76 de la loi modifiée du 18 germinal an X (8 avril 1802) relative à l'organisation des cultes,****b) le décret du 5 mai 1806 relatif au logement des ministres du culte protestant et à l'entretien des temples,****c) le décret du 18 mai 1806 concernant le service dans les églises et les convois funébres,****d) le décret du 30 septembre 1807 qui augmente le nombre des succursales,****e) le décret modifié du 30 décembre 1809 concernant les fabriques des églises****Rapport de la Commission des Affaires intérieures**

► **M. Claude Haagen** (LSAP), *rapporteur*.-Merci, Hâr President. Hâr President, Dir Damen an Dir Hâren, de Projet de loi, iwwert dee mer haut ofstëmmen, gouf den 29. August 2016 vum Innenminister Dan Kersch deposéiert. De Kontext an d'Virgeschicht vun dësem Projet de loi sinn eis alleguerte bekannt, dofir erlaben ech mer, hei just ganz kuerz op den Historique anzegoen. Deen ausféierleche Résumé vum Historique fannt Der am schrëftleche Rapport vun der Kommissioun.

Hâr President, de Projet ass Deel vu méi enger grondleeënder Reform vun de Relatiounen tëschent dem Stat an de Reliounsgemeinschaften zu Lëtzebuerg. Schonn an der viregter Regierung gouf et e breede Konsens, dass déi besteend Relatiounen an zum Deel och eis Gesetzgebung zu deem Sujet net ugepast wieren un d'Realitéten vun eiser Gesellschaft.

En Expertegrupp hat 2012 d'Aufgab kritt, eng Analys vun der besteend Situation ze maachen an eng Reflexioun iwwer eng méiglech Neuerdnung vun de Relatiounen tëschent dem Stat an de Culten ze féieren. Dës Grupp huet ënner anerem festgestallt, dass d'kathoulesch Kierch am Verglach zu anere konventionéierte Reliounsgemeinschaften op eng Manéier bevirdeelegt wier, déi historesch erkläerbar wier, mä déi een haut als diskriminéierend misst ugesinn.

Den Dekret vun 1809, deen oft erwänt ginn ass, gehéiert dem Expertegrupp no zu de Gesetzger, déi der kathoulescher Kierch eng Sonderstellung ginn, déi aner Culten hei am Land net hunn. Et sinn dofir eng Rei Propositionen gemaach ginn, fir den Dekret vun 1809 ze ersetzen. Genau dat huet dës Regierung sech dann och virgeholl, wéi si hire Regierungsprogramm festgeluecht huet.

Am Resultat gouf no Verhandlung mam Bistum de 26. Januar 2015 eng Konventioun ënnerschriwwen, déi virgesäit, dass an enger éischter Etapp d'Gemenge géife vun der Obligatioun befreit ginn, fir den Defizit vun de Kierchefabricken ze decken a fir dem Paschtouer eng Wunneng zur Verfügung ze stellen.

Doriwwer eraus hält d'Konventioun fest, dass den Innenminister an den Äerzbischof sech géife mat de Gemenge respektiv mat de Kierchefabricken a Verbindung setzen, fir dass si sollen hire Bäitrag leeschten, fir kënnen e kompletten Inventaire vun alle Kierchegebaier hei zu Lëtzebuerg ze maachen, déi de Gemenge gehéieren, de Kierche gehéieren oder vun de Kierchefabricken am grouse Ganze verwalt gi sinn.

D'Konventioun hält fest, dass d'Proprietätsverhältnisse vun de Kierchegebaier misste gekläert ginn. Si gesäit schlisslech vir, dass eng zentrale Kierchefong soll geschafe ginn, deen de Patrimoine an d'Aufgabe vun de Kierchefabricken iwwerhëlt, déi domadder géifen ofgeschafft ginn.

Déi éischt Etapp hu mir mam Gesetz vum 17. März 2016 iwwer eng Modifikatioun vum Dekret vun 1809 hei an der Chamber geholl. Mat deem Gesetz vun haut setze mer d'Konventioun iwwert d'Ofschaf vum de Kierchefabricken definitiv ëm.

Wat d'Gesetz selwer ugeet, esou gëtt e Kierchefong geschafen, deen de Patrimoine, d'Rechter an d'Flichte vun de Kierchefabricken iwwerhëlt a grondsätzlech och déiselwecht Aufgaben huet. Et handelt sech bei deem Fong ëm eng Personne morale de droit public, déi ënnert dem Contrôle vum Äerzbistum steet.

Dës Fong huet als Missioun, de Patrimoine, deen e vun de Kierchefabricken iwwerhëlt oder spéider och derbäikritt, ze verwalten an derfir ze suergen, dass déi néideg Moyenen zur Verfügung sti fir d'Ausübe vum kathoulesche Glawen. De Fong muss an deem Kontext fir den Ënnerhalt vun de Kierchegebaier suergen, déi him och gehéieren.

D'Gesetz leet fest, wéi de Fong verwalt gëtt. Et gëtt e Verwaltungsrot vu mindestens dräi Membere vum Bistum genannt. Dës stellt en internt Reglement op, dass d'Organisatioun an de Fonctionnement vum Fong bestëmmt. An deem Kontext ass virgesinn, dass de Verwaltungsrot dezentraliséiert Verwaltungsstrukturen ka schafen, déi selwer keng Personalitéit juridique hunn. De Verwaltungsrot bestëmmt selwer, wivill d'är dezentraler Verwaltungsstrukturen et gëtt a wéi se da solle funktionéieren.

D'Kontext vun deem neie Kierchefong ginn no de Regele vun der Comptabilité commerciale opgestallt an eemol am Joer vun engem Réviseur d'entreprises kontrolléiert.

Wat d'Finanzéierung vum Fong ugeet, esou gëtt festgehalen, dass d'Gemengen d'Aktivitéiten vum Fong ganz allgemeng net dierfe finanzéieren, mä dass si d'Recht hunn, Subsiden ze verginn, wann et konkret ëm den Ënnerhalt an d'Verschönerung vun de Kierchen op hirem Territoire geet.

Dat neit Gesetz regelt och d'Besetzverhältnisse. Et gëtt komplettéiert duerch dräi Annexen, déi am Detail d'Terrainen an d'Gebai opleschten, mat deem jeweilege Propriétaire.

An der Annex I ginn déi sougenannten „biens de cure“ opgelëscht, déi all an de Fong iwwer ginn.

An der Annex II fanne mer d'Kierchegebaier, déi entweder dem Fong oder der Gemeng gehéieren. Wie vun deene Gebai Propriétaire ass, gouf entweder iwwer entspreichend Besëtzerkunden oder Akte festgeluecht oder, wann et d'är keng gëtt, opgrond vu Konventiounen, déi d'Gemenge mat de Kierchefabricken konnten ofschléissen. Am Zweifelsfall, wa keng Konventioun ënnerschriwwen gouf a keng Dokumenter Opschluss iwwert de Propriétaire ginn hunn, ass dat betreffend Gebai dem Fong zougeuerdnet ginn.

Et gëtt och nach eng Annex III vu Kierchegebaier, déi am Gemengebesetz sinn, mä wou de Bistum e besonnenen Interêt drun huet, dass si weider kënnen fir kierchlech Zwecker genotzt ginn.

Den Ënnerschied tëschent den Annexen II an III kënn zum Drogen, wann eng Gemeng hir Kierch wëllt aneschtens notzen an dofir entwee loosse. Am Fall vun enger Kierch an der Annex II, déi der Gemeng gehéiert, kann d'Gemeng eleng decidéieren, dass déi Kierch net méi fir reliéis Zwecker genotzt gëtt. Si kann d'Gebai fir eppes aneschtens notzen, woubäi si awer d'Dignitéit vun deem Gebai respektéiere muss. De Bistum gëtt an deem Fall zwar ëm en Avis gefrot, huet awer doriwwer eraus keen Afloss op d'Decisioun.

Am Fall vun enger Kierch, déi an der Annex III opgelëscht ass, muss den Accord vum Bistum gefrot ginn, fir d'Kierch aneschtens kënnen ze notzen. Wann de Bistum säin Accord net gëtt, da muss de Fong dat Gebai iwwerhuelen, woubäi en der Gemeng en Deel vun den Investissementer, déi dës fir den Ënnerhalt vum Gebai gemaach huet, muss bezuelen.

Et gëtt am Gesetz awer och Bestëmmungen, wat geschitt, wann de Fong d'Gebai net méi wëllt fir kierchlech Zwecker notzen. Wann dat Gebai dem Fong net gehéiert, informéiert en doriwwer de Gemengerot, deen dat iwwer eng Deliberatioun zur Kenntnis hält.

Wann d'Gebai dem Fong gehéiert an dësen et net méi brauch, geet et fir een Euro an d'Gemeng, a wann déi et net wëllt, weider un de Stat. A wann dat de Fall ass, dass déi zwee, d'Gemeng an de Stat, d'Gebai selwer net wëllen an op déi Acquisitioun vum Gebai verzichten, kann de Fong fräi doriwwer verfügen.

Bleift nach de Fall, wou de Fong eng Kierch wëllt notzen, déi der Gemeng gehéiert. Do leet d'Gesetz fest, dass d'Gemeng dem Fong d'Gebai zu engem Präis vun 1.000 bis maximal 2.500 Euro am Joer verlount.

Hâr President, zur legislativer Prozedur ass ze soen, dass den initiale Projet de loi e puermol iwwer Regierungsamendementer adaptéiert gouf. Zum Deel huet d'Regierung domat op Remarken an op Opposition-formell vum Statsrot reagéiert, zum Deel goufen iwwert dës Amendementer déi verschidden Annexen, op déi ech elo grad ze schwätze koom, adaptéiert a komplettéiert.

Den 19. Juli 2017 sinn ech an der zoustänneger Interieurskommissioun als Rapporteur genannt ginn a mir hunn an d'Kommissioun och den

Avis vum Statsrot vum 14. Juli 2017 analyséiert. D'Kommissioun hat des Weideren den Avis vum Syvicol vum 14. November 2016 virleien an och analyséiert.

Fläicht als Éischt e kuerze Résumé vun den Haaptelementer vum Avis vum Syvicol, dee ganz fräi virleucht a sech deemno och op de Projet de loi initial baséiert huet a sech och dorobber bezitt.

Generell war de Syvicol scho laang Demandeur fir eng Reform vum Gesetz iwwert d'Kierchefabricken. Punktuell bréngt hien awer och Kriticken um Projet de loi vir.

Net zefridden ass de Syvicol mat dem Prinzip, dass de Bistum eng Aart Vetorecht huet, wann eng Kierch vun der Annex III op Wonsch vun der Gemeng soll fir e weltlechen Zweck genotzt ginn. Generell ass de Syvicol der Meinung, dass et besser gewiescht wier, wa Kierchegebaier souwuel fir kierchlech wéi fir weltlech Zwecker hätte kënnen genotzt ginn an net exklusiv fir dat eent oder fir dat aner.

Kritiséiert gëtt awer och de Fakt, dass d'Gesetz virschreift, ënner wat fir enge Bedéngungen eng Gemeng hir Kierchegebaier un de Fong verlount.

Eng wesentlech Kritik betrëfft den urspréngleche Verbuet fir d'Gemengen, fir an iergendenger Form den Ënnerhalt vun de Kierche vum Fong finanziell kënnen ze ënnerstëtzen. Dës Punkt gouf iwwer en Amendement ofgeännert, soudatt dës Kritik sech net méi op de finale Projet de loi bezitt, iwwert dee mer herno wäerten ofstëmmen.

Dës Punkt hat och de Statsrot a sengem Avis vum 14. Juli opgegraff, op deen ech elo kuerz wëllt agoen. Ech picke just e puer Haaptpunkten eraus. Méi Detailler, wéi gesot, fannt Der a mengem schrëftleche Rapport.

A sengen allgemenge Consideratiounen huet de Statsrot eng Rei prinzipiell Remarque gemaach, wou en a gewëssenem Mooss op Diskussiounen agaan ass, déi an der Effentleckeet och esou gefouert goufen. Sou hält e fest, dass d'Konventioun iwwert d'Ofschaf vum de Kierchefabricken vum 26. Januar 2015 eng Konventioun am Sënn vum Artikel 22 vun der Verfassung ass an dass den Dekret iwwert d'Kierchefabricken vun 1809 ka per Gesetz ofgeschafft ginn, ouni dass den Artikel 119 vun der Verfassung domadder verletzt géif ginn.

De Statsrot ass och mat der Approche d'accord, fir d'Aktivitéiten an de Patrimoine vun de Kierchefabricken an engem zentraliséierte Fong zesummenzeleeën. Well de Fong, deen de Patrimoine vun de Kierchefabricken iwwerhëlt, e vergläichbare Statut, déiselwecht Zilsetzung an Aufgaben huet wéi d'Kierchefabricken, ënnersträicht de Statsrot, dass een hei net vun enger Expropriatioun schwätze kann.

D'Schaf vun engem zentrale Fong huet a sengen Aen dann de klere Virdeel vu méi enger grousser Transparenz, souwuel wat de Patrimoine, wéi och wat de Verwaltungsrot an déi domadder verbonnen Organisatioun ugeet.

Wat d'Proprietätsverhältnisse ugeet, esou ass de Statsrot sech bewosst, dass d'Ausgangsposition opgrond vun der historescher, der geschichtlecher Entwécklung ganz komplex ass. En akzeptéiert dofir grondsätzlech déi pragmatesch Approche vun den Auteurs vum Gesetzesprojet.

Am Commentaire des articles huet de Statsrot awer eng ganz Rei Kriticken a Proposen ubruecht, déi vun der Regierung an hiren Amendementer berücksichtegt goufen, soudatt de Statsrot seng Opposition-formelléi konnt ophiewen.

Et bleift awer ee Punkt, wou et divergent Meinungen am Statsrot gouf, an dee betrëfft d'Fro vum Transfer vum Patrimoine vun de Kierchefabricken un e Fong. Nieft dem eigentlechen Avis vum Statsrot gouf et de 14. Juli 2017 eng Opinion dissidente vun zwee Membere vum Statsrot. Si si wuel d'accord, dass de Stat d'Recht huet, de Patrimoine vun engem Établissement public an en aneren ze iwwerdreen, ouni domadder d'Eigentumsrecht ze verletzen. Si sinn awer der Meinung, dass deen neie Fong explizitt en effentlech-rechtliche Statut misst hunn an engem allgemengen Interessi dénge misst, fir dass de Statut vun der Domanialité publique oprechterhale bleiwe géif.

D'Majoritéit am Statsrot hat awer argumentéiert, dass am Lëtzebuurger Recht fir de Statut vun der Domanialité publique zwou Konditiounen missten erfëllt sinn, deenen de Fong an hiren Ae gerecht gëtt: Zum enge muss d'effentlech Hand Propriétaire si vun dem Terrain oder der Immobilie, ëm déi et geet, zum anere mussen dës Immobilie oder dësen Terrain effentlech zougänglech sinn oder engem Service public déngen. Well d'Kierchen effentlech zougänglech sinn, brauche se, der Majoritéit am Statsrot no, net eng Missioun am allgemengen Interessi ze erfëllen, fir zum Domaine public gerechent ze ginn.

D'Regierung huet op déi Diskussioun och reagéiert, andeem se de Statut vum Fong als Personne morale de droit public präziséiert huet.

Hâr President, an der zoustänneger Interieurskommissioun hu mir awer net nëmmen d'Avis gekuckt an diskutéiert. Mir haten och Entrevuë mat Verrieder vum SYFEL a vum Bistum. Dës Entrevuen, wéi Der wësst, waren de 24. Juli 2017 an der Interieurskommissioun d'Suite vun engem Débat public, deen iwwer eng Petitioun komm ass zum Thema „Erhalt und Modernisierung der Kirchenfabriken“.

D'Verrieder vum SYFEL zweifelen oder hunn an där Sitzung generell gezweifelt un der Legalitéit vun der Konventioun vum 26. Januar 2015 tëschent dem Bistum an der Regierung a leenen domadder de Gesetzesprojet insgesamt of. Si akzeptéieren net, dass de Bistum d'Kontroll iwwert de Fong an domadder iwwert de Patrimoine vun de Kierchefabricken soll kréien.

Ee weidere wichtege Kritikpunkt war dee vum Finanzement vum Fong. Si schlësse sech hei der Argumentatioun vum Statsrot un, deen - an ech betounen: um initiale Gesetzestext! - eng Opposition formelle ausgeschwat hat am Besuch op en absolute Verbuet fir d'Gemengen, fir Subsiden un de Fong ze ginn. Dës war eng Kritik, déi och vun de Verrieder vum Bistum gedeelt gouf, dee virun allem ënnerstrach huet, dass de Fong misst iwwert déi néideg finanziell Mëttelen verfügen, fir seng Missiounen kënnen ze erfëllen.

Kritesch gesäit de Bistum och de generelle Verbuet fir d'Gemengen, fir d'Reliounsgemeinschaften ze finanzéieren. Dat war ursprénglech net esou am Gesetz virgesinn a gouf eréischt opgrond vun enger Remark vum Statsrot esou festgehalen.

Am wictegste war et fir de Bistum, dass garantiéiert ka ginn, dass de Fong genuch Gebai behält, fir dass d'kathoulesch Kierch hir pastoral Missioun kann erfëllen. D'Annex III bitt grondsätzlech dës Garantie. Allerdéngs bemängelt de Bistum, dass et am Gesetz keng wierklech Garantie gëtt, dass de Stat net enges Daags de Fong ënner staatlech Kontroll kéint setzen.

D'Bistumsverrieder hunn an eiser Kommissioun awer confirméiert, dass d'Gesetz d'Konventioun vum 26. Januar 2015 korrekt ëmsetzt. Si hunn och ënnerstrach, dass de Fong d'Missiounen vun de Kierchefabricken wäert weiderféieren an dass een dofir net vun enger Expropriatioun ka schwätzen.

Wat d'Aarbechten an der Kommissioun betrëfft, do wëllt ech awer och nach erwänen, dass mer an eiser Sitzung vum 11. Januar vun dësem Joer, wou mer de schrëftleche Rapport ugeholl hunn, zwee Bréiwer virleien haten, déi sech op d'Annex II bezéien. Et ass hei ëm de Kierchebauveräin vu Beggen engersäits an d'Por vu Suessem anerersäits gaangen, déi contestéiert hunn, dass jee weils eng Kierch an dëser Annex der Gemeng zougeschriwwen gëtt, woubäi si sech als legitimme Propriétaire ugesinn hunn. D'Kommissioun hat a béide Fäll Dokumenter virleien, déi beluecht hunn, dass déi jee weileg Gemeng Propriétaire vun der Kierch ass, soudatt mir als Kommissioun kee Grond gesinn hunn, de Projet net an där virleieder Form unzehuelen.

Doriwwer eraus géif ech betounen, dass d'Kommissioun och net d'Moyenen an och net d'Aufgab huet, déi de Minister am Gesetzesprojet ageschriwwen huet, fir alleguerten d'Besetzverhältnisse ze iwwerpräiwen an dee Moment och ze klären.

Ech géif och zum Schluss nach soen, dass zwou Erreur-materiellen am Gesetzestext waren, déi och ugeholl ginn, iwwer Courier mam Statsrot. Et betrëfft dës eng Kéier, wat an der Kommissioun och ernimmt ginn ass, dass am Gesetzestext bei der Kadasteropzielung ze liesen ass, net „section BC de Bastendorf-Est“, mä „de Brandenburg-Est“. An dann ass nach all Kéiers bei der Gemeng, notament bei der Gemeng Tandel, „Commune de Tandel“, den „de“ derbäikomm. Dat als Erreurs matérielles, fir dass den Dossier och komplett ass.

Aner Courrieren, déi d'Kommissioun adresséiert gi sinn, si pour information weidergeleert ginn un d'Deputéiert vun där Kommissioun.

Hâr President, Dir Dammen an Dir Hâren, a mengem mëndleche Rapport hunn ech elo sécher deen een oder anere Punkt iwwergaangen, awer ech denken, dass et kloer ginn ass, dass dës Gesetzesprojet eng komplex Matière betrëfft a ganz intensiv op deene verschiddenen Niveauen diskutéiert gouf.

Wann een den initialen Text vergläicht mat deem Projet, dee mer haut virleien hunn, da gesäit een, dass wesentlech Ännerungen agefloss a gemaach gi sinn. Mir proposéieren dann dofir opgrond vun deene Kriticken, deenen d'Kommissioun an och d'Regierung entgéintkomm sinn, d'Kommissioun also proposéiert natierlech der Chamber, fir dës Gesetzesprojet 7037 unzehuelen.



Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci och dem Här Rapporteur. An éischt age-schriwwé Riednerin ass d'Madamm Diane Adehm fir d'CSV.

Discussion générale

► **Mme Diane Adehm** (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut ass e vermeintlech groussen Dag fir d'Majoritéit. Fir de Mateneen am Land bedeit et awer e Réckschrëtt. Och mat der CSV wier et zu enger Reform vun de Kierchefabricken komm, awer am Dialog mateneen. Haut den Owend kann d'Majoritéit vu Blo-Rout-Gréng sech op d'Schëller klappen an aus hirer Siicht soen: „Mission accomplie!“. D'Trennung vu Kierch a Stat gouf duerchgezunn.

Mä just aus der Siicht vun der Gambia-Ideologie ass d'Missioun „accomplie“, well objektiv ass mat dëser sougenanntener „Trennung“ virun allem d'Lëtzeburger Gesellschaft ausereendividéiert ginn. An dat ouni Nout, well et hätt och kënne ganz aneschtens goen, am Konsens an am Dialog mat alle Bedeelegten, an dat Ganzt ouni Kulturkampf vu virgëschter. Asoufern ass dës Reform kee gesellschaftleche Fortschrëtt, mä eendeiteng e gesellschaftleche Réckschrëtt an eng Zäit vum Géiteneen an net an eng Zäit vum Mateneen.

Dobäi wier alles esou einfach gewiescht! Mä fuere mer der Rei no!

Här President, éier ech op de virleienden Text ze schwätze kommen, wéilt ech kuerz e Résumé maachen, wéi dësen Text iwwerhaupt zustane komm ass. Dat ass net onwesentlech an dat weist, wéi dës Regierung schafft a wéi se mat de Leit ëmgaangen ass respektiv ëmgeet.

Alles huet ugefaange mat engem Referendum. Déi nei Regierung wollt domadder weisen, wéi vill besser si wier am Verglach zu der viregter Regierung. Si wollt punkten an huet sech eng bluddeg Nues gefaangen! Si huet, op gutt Lëtzeburgeresch gesot, „eng Zolidd op den Hutt kritt“. Si huet näamlech de Referendum haushéich verluer!

An dësem Referendum sollten eigentlech véier Froe gestallt ginn. Déi véiert Fro war déi iwwert de Finanzement vun de Kultusministeren. Déi gouf fale gelooss, nodeems d'Kierch hiren Accord zu de Konventionne ginn hat. All déi Zäit gouf dës Fro awer als Drockmëttel géint de Bistum verwennt. Dat hunn net nëmme mir esou empfongt, mä och de Bistum huet dat kloer gesot. An ech zitieren hei de Vicaire général, den Här Léo Wagener. Hie sot am RTL-„Background“ vum 17. September 2016: „Et muss ee soen, dass déi «Verhandlungen» alles anescht wéi einfach waren. Et ass och do wirklech mat vill Drock geschafft ginn, fir dass et dohinner komm ass. Mä dat Wuert vun der Kierch muss verlässlech sinn, soss si mir net méi e seriöse Vis-à-vis vum Pouvoir politique an dëser Gesellschaft.“ Zitaten.

Et sief dann awer och nach eng Kéier rappeléiert, dass déi Fro, déi d'Majoritéitsparteien dem Vollek eigentlech wollten ënnerbreeden, konträr zum éischte Protokoll vun der Mënscherechtskonvention war. Souguer wann d'Leit mat Jo gestëmmt hätten, hätt déi Fro, esou wéi se am Ufank gestallt war, net kënne an e geltend Gesetz ëmgewandelt ginn.

D'Regierung huet also vun Ufank u keen opriichtegen Dialog mam Bistum gefouert. Dës Virgoensart a -weis sollt awer stellvertriedend si fir déi Diskussiounen, déi nach ustoungen.

D'Regierung huet am Dossier Kierchefabricken eenzeg an eleng mam Bistum geschwat a verhandelt. Nëmme mam Bistum a mat soss kengem aneren, obschonn's do och aner Akteuren e Matsproocherecht gehat hätten! Mä en opriichtegen Dialog huet den Innenminister zu kengem Zäitpunkt mat de betraffene Parteie gesicht.

Net nëmme huet den Innenminister keen Dialog gesicht, mä en huet bewosst den Dialog mat de betraffenen Akteure verweigert. De SYFEL, de Syndicat des fabriques d'église, gouf aus de Verhandlungen ausgeschloss. Den Innenminister huet sech geweigert, fir si ze empfänken an hinnen nozelauschteren. Fir den Innenminister war de Bistum deen eenzege Verhandlungspartner an dësem Dossier.

De Syvicol, e gewichtegen Akteur an dësem Dossier, gouf net vum Innenminister konsultéiert. Normalerweis gëtt de Syvicol am Virfeld vum Depot vun all Gesetzesprojet am Regierungsrat konsultéiert, wann et ëm d'Gemenge geet. An dësem Fall huet de Syvicol de Gesetzesprojet eréischt pour avis kritt, nodeems en am Regierungsrot deposéiert war. De Syvicol als Syndikat vu sämtleche Lëtzeburger Gemenge gouf am Virfeld einfach iwwergaangen.

De Kultusminister an der Persoun vum Statsminister Xavier Bettel huet een an dësem Dossier

guer net héieren, soudass ee sech d'Fro stelle muss, ob hien iwwerhaupt am Virfeld konsultéiert oder zumindest informéiert gouf.

Och mir als CSV-Fraktioun haten den Innenminister an d'Interieurskommissioun convoquéiert, fir verschidde Punkten ze klären. Den Innenminister ass dësere Demande net nokomm.

Sou vill zur Bulldozerfassung, wéi dës Gesetzprojet op den Instanzewee komm ass!

Dir Dammen an Dir Hären, de Minister Kersch huet zu engem gewëssenen Zäitpunkt duerchblécke gelooss, dass, wann de Bistum an de SYFEL sech geifen eens ginn, dann hätt hien iwwerhaupt kee Problem domadder, fir dës ze akzeptieren an deem a sengem Gesetzesprojet Rechnung ze droen.

Den Här Kersch war de 24. Januar 2017 Invité vun der RTL-Redaktioun. An deem Kader sot hien, Zitat: „Mä ech soen et nach eng Kéier: Wa Bistum a SYFEL sech eens ginn, fir am Gesetz méi wäit ze goen, hunn ech iwwerhaupt kee Problem, fir dat esou an d'Gesetz ze schreiwen.“ Dir wësst jo, dass de Bistum an de SYFEL sech am Dossier Kierchefabricken net ëmmer gréng waren. No laange Gespréicher hunn de SYFEL an de Bistum dunn awer eng Léisung fonnt.

De 7. Mäerz 2017 hunn de Bistum an de SYFEL hir gemeinsam Erklärung public gemaach. An déi gesäit folgend Punkte vir: D'Gemenge müssen net méi den Defizit vun de Kierchefabricken droen, d'Propriétéitsverhältnissen vun de Kierchegebaier gi gekläert, d'Personnalitéit juridique vun de Kierchefabricke gëtt gekläert a si ginn och fusionéiert an et gëtt en neie Kierchefong ageriicht.

Leider haten de Bistum an de SYFEL awer d'Rechnung ouni de Wiert gemaach, an dësem Fall ouni de Minister Kersch! Och wann de Minister nach am Januar 2017 betount hat, dass hien en Accord tëschent dem Bistum an dem SYFEL géif akzeptieren, esou huet de Minister direkt no der Ukënnegung vun enger Eeneigung e Réckzéier gemaach a gesot, d'Kierchefabricke missten ofgeschaaft ginn an duerch en nationale Fong ersat ginn.

Hei huet de Minister Kersch kloer an däitlech gewisen, dass et him ni drëm gaangen ass, fir en Accord am Dialog mat alle Betraffenen ze fannen. Hei geet et kloer just ëm Ideologie an net drëm, fir déi bescht Léisung ze fannen, déi och um Terrain d'Strooss hält. Ideologie am-plaz vu Pragmatismus!

Här President, wéi esou oft huet sech eise Statsminister - och nach Kultusminister - Xavier Bettel wäit ewech gehale vun dësem Dossier! Hie war de groussen Absent an dësem Dossier. Do soll awer zumindest d'Fro erlaabt sinn, ob et hei net um Statsminister gewiescht wier, fir geziilt den Dialog als Method an de Konsens als Zil ze sichen. Grad an esou engem delikate Sujet hätt de Premier missen aktiv ginn, mä dat ass hei net geschitt.

Fir d'CSV ass et onverständlech, dass grad an esou engem sensibelen Dossier hei den Innenminister sech eleng ëm den Dossier gekëmmert huet an de Kultusminister sech aus allem erausgehalen huet. D'Fro no der Sënnhaftegkeet vum Ressort vum Kultusminister dierf een an dësem Kontext duerchaus stellen.

Här President, den Dossier Kierchefabricken ass och doduerch gekennzeechent, dass den Här Minister Kersch, fréiere Syvicol-President, iwwer Circulaire regéiert huet, déi op kengem legale Fundament baséieren. Iwwert d'Circularen huet den Här Kersch d'Gemengen opgefuerdert, sech konform zu engem Gesetz ze maachen, dat et nach net emol gouf an iwwert dat eréischt haut ofgestëmmt gëtt. Dat ass en deemolege Virgang!

De Minister wollt Fakte schafen ausserhalb vun engem gesetzleche Kader. Dat huet dozou gefouert, dass verschidden Delaien hu missen ugepasst ginn an och eigentlech de Prinzip vun der Konventioun tëschent de Gemengen a Kierchefabricken am Endeffekt iwwer Bord gehäit gouf.

De 24. Abrëll 2015 koum déi éischt Circulaire un d'Gemengen, an där se opgefuerdert goufen, d'Propriétéitsverhältnissen ze kläre respektiv sech mat de Kierchefabricken eens ze ginn. Hei gouf nach den Datum vum 1. Oktober 2016 genannt, bis zu deem d'Gemengen Zäit hätten.

An der Tëschenzäit huet de Minister awer gesinn, dass dësen Delay illusoresch wier, an d'Delaien goufe verlängert bis den 1. Oktober 2017.

De Problem ass awer, dass den 8. Oktober 2017 Gemengewahle waren an dass a verschiddene Gemengen d'Majoritéite geännert hunn. Doduerjer hunn och d'Vuë vun de Gemengeréit geännert op dat, wat soll mat de Kierchen an de respektive Gemenge gescheien.

D'Fro, déi sech stellt, ass folgend: Ass dës Majoritéit bereet, der Demande vun dëse Gemengen nozekommen? Wäert dës Majoritéit haut nach Amendementer zu dësem Gesetzesprojet abréngen? Hält de Minister sech u seng Virgaben, dass ënner anerem dem Wonsch vun de Gemengeréit a Kierchefabricke Rechnung gedroe gëtt?

Sollt dat net de Fall sinn, besteet op alle Fall de Risiko, dass déi eng oder aner Gemeng wäert kloen. Sollt dat esou sinn, dann ass dat eleng d'Verantwortung vun der Regierung an un éischter Stell vum Innenminister!

Mir hätten eis gewënscht, dass sech fir d'Éischt emol eng Base légale gi gi wier, ier ee Fakte schaaft. Mir hätten eis gewënscht, dass am Dialog Léisungen hätte kënne fonnt ginn. Mir hunn eis ëmmer fir Léisungen am Konsens ausgeschwat an net am Dissens. Mir hätten eis eng Reform vun de Kierchefabricke virgestallt ouni ideologesch A-priorien.

Just zur Erënnung: Och mir haten eis am Wahlprogramm 2013 fir eng grondleeënd Reform vun de Kierchefabricken ausgeschwat. Mä anescht wéi dës Regierung hätte mir dës Reform am Dialog mat allen Akteuren an d'Wëeër geleet. Mir haten eng Positioun a konkret Proposen. Déi wieren eigentlech konsensfäeg gewiescht, wéi sech am Mäerz 2017 erausgestallt huet.

Eis Alternativen zu dësem Gesetzesprojet ware folgend:

Mir wollten eng Reform vun de Kierchefabricken. Den Dekret, op deem se baséieren, staamt aus dem Joer 1809, a fir eis war et kloer, dass do eng Rei Dispositiounen müssen un eis Zäit ugepasst ginn. Dat stoung iwwregens och esou an eisem Wahlprogramm 2013. Dësen Dekret einfach ofschafen, esou wéi dat mat deem haitege Gesetzesprojet virgesinn ass, dat ass fir eis keng Léisung.

D'CSV seet säit 2012 ëmmer erëm, dass mir eng gutt duerchduechte Reform vun de Kierchefabricke wëllen. Mir wëllen eng Reform, déi mat alle Betraffenen am Dialog gemaach gëtt. Fir eis gëllt nach ëmmer de Prinzip „eng Gemeng, eng Kierchefabrik“. Falls eng Kierchefabrik sollt en Defizit maachen an dësen net decke kann, kann d'Gemeng am Sënn vun der kommunaler Autonomie asprangen. Sollt d'Gemeng dës net wëllen oder net kënne, da soll eng Mutuelle vun de Kierchefabricken asprangen, fir den Defizit ze decken.

Dës Mutuelle vun de Kierchefabricke géif iwwer Gesetz nei geschafe ginn a vun de Kierchefabricke selwer geréiert ginn. D'Mutuelle representéiert fir eis d'Solidaritéit tëschent de Kierchefabricken.

Dat war d'CSV-Propos. An ech si mer sécher, déi wier konsensfäeg gewiescht!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, komme mer zum Projet de loi selwer:

Wat den Inhalt vun der Konventioun ugeet respektiv deem doraus resultéierende Gesetzesprojet, esou gouf den Innenminister es net midd, an der Vergaangenheet ëmmer erëm ze betounen, dass hie just géif eng Motioun vun 2011 ëmsetzen an dass hien dat maache géif, wat d'Experten an hirem Rapport iwwert d'Glawensgemeinschaften aus dem Joer 2012 virgeschloen haten. Dat heescht, an deem Sënn, dass dësere Projet dann eigentlech d'Handschrëft vum deemolege Minister François Biltgen droe géif.

Ech maachen e kuerzen Historique iwwert d'Debatt iwwert d'Relatiounen tëschent dem Stat an de Gemengen engersäits an de Glawensgemeinschaften anerersäits. Dës Debatt war de 7. Juni 2011 an dësem Haus. Deemools gouf eng Motioun ugehall, déi ënner anerem virgesinn huet, d'Legislatioun vun 1809 iwwert d'Kierchefabricken ze reforméieren, an net, d'Kierchefabricken ofzeschafen. Dës Motioun huet d'CSV matgestëmmt an un déi Virgab huet d'CSV sech och gehalten.

Wéi gesot, mir wollten deemools eng Reform. An dat ass och haut nach ëmmer eise Standpunkt, am Géigesaz zur LSAP, déi awer dës Motioun matgestëmmt hat an och mat ënnerschriwwen hat.

Den deemolege Kultusminister François Biltgen huet am Optrag vun der Chamber no dëser Debatt en Expertebericht an Optrag ginn, fir d'Relatiounen tëschent Stat a Glawensgemeinschaften ze belichten. Dës Rapport gouf am Oktober 2012 der Press an och allen aneren Akteure virgestallt. Iwwregens konnten och all déi aner Akteuren deemools scho Positioun zu dësem Rapport bezieen.

Falsch ass et awer ze behaupten, dës Rapport géif eigentlech de Wee vun der Konventioun tëschent dem Stat an de Glawensgemeinschaften zeechnen. Wat d'Kierchefabricken ugeet, hunn d'Experten zwou Alternativen ugeduecht gehat. Keng vun dësen zwou Alternative gouf

am initialen Text vun der Regierung zrëckbehalen!

Dat widderleet eigentlech d'Ausso vum Minister Kersch, et wier alles op der CSV hirer Mësch gewuess.

D'Regierung wëllt d'Kierchefabricken einfach ofschafen an en nationale Fong an d'Plaz setzen. Mä der Regierung hiren Text ass op wesentleche Punkten net dat, wat d'Experten eigentlech virgezechent haten.

Éischters, de Fong sollt am Minister senger Logik eigentlech e privatrechtleche Statut kréien. Den Artikel 1 vum initiale Projet sot kuerz a knapp, dass de Fong eng Personnalité juridique hätt. Den Artikel 8 huet drop higewisen, dass de Fong beim Registre de commerce et des sociétés no den Dispositiounen vun der Fondatioun géif immatrikuléiert ginn.

An zweeter Punkt: D'Gemenge sollten d'Aktivitéit vum Fong net méi kofinanzéieren kënne an also och net méi fir den Ennerhalt vun de Kierchegebaier opkommen, falls d'Gemeng net Propriétaire vum Gebai ass.

Dës zwéi Punkte ware fir d'Regierung an hiren Innenminister zwéi wesentlech Punkten, op deene si sech vum Experterapport distinguéiert hunn.

Här President, wat de Statut vum Fong ugeet, esou hat d'Regierung an hirem initiale Gesetzesprojet virgesinn, dass de Fong sollt ënnert d'Gesetz vum 21. Abrëll 1928 iwwert d'Associations an d'Fondations sans but lucratif falen. Ausdrécklech gouf dat net geschriwwen. Et sollt sech awer esou aus dem Text erschléissen.

De Statsrot huet der Regierung, wat de Statut vum Fong ugeet, d'Rout Kaart gewisen. Hie sot kloer an däitlech, dass d'Kierchefabricken als Établissements publics ze betruechte wieren. Dës hat de Statsrot och schonn a sengem Avis iwwert d'Ofännerung vun den Obligatiounen vun de Gemenge geintiwuer de Kierchefabricken an de Paschteier geschriwwen.

An darselwechter Iwwerleeung seet de Statsrot, dass den neie Fong, doduerjer dass en duerch e Gesetz geschafe gëtt an dass e sämtlech Biens mobiliers an immobiliers vun de Kierchefabricken iwwerhëlt, och en ëffentlech-rechtleche Statut kritt. Dass de Fong also elo eng Personne morale de droit public ass, esou wéi d'Experten dat virschloen, läit net um Innenminister, mä um Statsrot!

Här President, de Statut vum Fong ass awer net de gréisste Problem um Terrain! Fir dass d'Kierch hallefweege intakt am Duerf bleift, ass déi finanziell Ennerstëtzung duerch d'Gemenge vill méi wesentlech. Wat de Kofinanzement vun den Aktivitéiten vum Fong duerch d'Gemengen ugeet, esou gëtt dësen an der Konventioun tëschent dem Stat an dem Bistum ausdrécklech verbueden. Dësere Verbuet steet am Artikel 7 vum Gesetzesprojet.

De Statsrot awer proposéiert fir d'Éischt, den Term „Kofinanzement“ duerch „contribution au financement des activités du Fonds“ ze ersetzen. Hei ass et äusserst interessant, op dem Statsrot seng Iwwerleeungen hinczewisen. Laut dem Statsrot kréien d'Gemengen näamlech net am Gesetzesprojet verbueden, dem Fong seng Aktivitéiten ze finanzéieren, mä de Fong kritt verbueden, vun de Gemengen eng finanziell Kontributioun unzehuelen, wann et iwwert d'Bezuelung vu Gidder an Zerwisser erausgeet.

Mä de Statsrot erkläert awer och den Artikel 107 aus der Verfassung, dee Folgendes seet: «Les communes forment des collectivités autonomes, à base territoriale, possédant la personnalité juridique et gérant par leurs organes leur patrimoine et leurs intérêts propres.»

De Statsrot erkläert da seng Interpretatioun vun den „intérêts propres“ vun de Gemengen, andeems e schreift, dass eng Gemeng sech ëmmer soll ëm den „intérêt communal“ beméien. De Gemengerot soll bei sengen Decisiounen ëmmer den „but d'intérêt public communal“ am A hunn. Op der Basis vun dësen Iwwerleeungen kënnt de Statsrot zur Konklusioun, dass eng Gemeng kann en Intérêt hunn, an ech zitieren, un «la conservation et la préservation du bon entretien, et même l'embellissement des édifices religieux existant sur leurs territoires.»

Fir de Statsrot si religiéis Gebaier oft Bestanddeeler vum kulturellen a geschichtleche Patrimoine vun de Stied. An der Vergaangenheet hunn d'Gemengen oft fräiwëllech zur Erhaltung a Verschönerung vun dëse Gebaier bäigedroen, an dat wäit iwwert dat eraus, wat den Dekret iwwert d'Kierchefabricken aus dem Joer 1809 verlaangt huet.



Fir de Statsrot verstéisst de Verbuet vun all Subventioun vu Gebaier, just well se fir d'Ausübe vun engem Culte benotzt ginn, géint de Gläichheetsprinzip vum Artikel 10bis aus der Verfassung. Aus deem Grond mécht de Statsrot hei och eng Opposition formelle; dat war dann déi zweet Rout Kaart fir den Innenminister!

Och wann den Innenminister haut näischt méi vu senger Intention vun engem strikte Verbuet méi wëllt wëssen a sech iwwert divers Weeër eng Sortie gesicht huet - ech erënneren zum Beispill un d'Fro vum Deputéierte Georges Engel -, fir eis ass dat eigentlech e Bewäis vum ideologesche Kampf, deem de Minister hei gefouert huet.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Diane Aehm** (CSV). - Zousätzlech mécht de Statsrot folgenden Textvorschlag: «Toutefois, peuvent être accordées et acceptées par le Fonds des subventions versées aux propriétaires d'édifices [religieux] érigés sur le territoire de la commune, en vue de la préservation ou de l'embellissement des édifices érigés sur le territoire communal.»

No längeren Diskussiounen kënnen mir eis dëser Propos uschlëssen. Mir hunn eisen Amendement zrëckgezunn, well den Text, esou wéi en elo virliert, de Gemengen eigentlech de Choix léisst, iwwer wéi e Wee se dës Subventionnement wëllen duerchféieren, entweder iwwert de Wee vun engem Gemengereglement oder vun enger Konventioun.

De Minister konnt sech also och op dësem Punkt net duerchsetze mat sengem Verbuet vun engem Kofinanzement vun den Aktivitéiten vum Fong duerch d'Gemengen.

Här President, komme mer op d'Fro vun der Legalitéit vun der Konventioun vum 26. Januar 2015 ze schwätzen!

D'CSV huet och schonns an der Vergaangenheet bedauert, dass dës Konventioun net dem Statsrot an hirer Integralitéit ënnerbreet ginn ass. Den Artikel 2 vun dëser Konventioun gesäit ausdrëcklech vir, an ech zitieren: «La présente convention (...) sera approuvée par la Chambre des Députés conformément à l'actuel article 22 de la Constitution (...)»

Den Artikel 22 vun eiser Verfassung regelt d'Beziungen tëschent dem Stat an de Glawensgemeinschaften. D'Konventiounen iwwert d'Finanzéierung vun de Glawensgemeinschaften goufen dem Statsrot an hirer Integralitéit ënnerbreet.

De Statsrot stellt einfach Folgendes fest an eise Fall: «(...) les auteurs du projet de loi sous avis ne proposent pas l'approbation de la convention par le législateur, mais se limitent à mettre en place un dispositif qui est censé en traduire la substance.» Weider stellt de Statsrot fest, dass den Artikel 22 vun der Verfassung net verlaangt, dass d'ganz Konventioun muss vun der Chamber approvéiert ginn, mä dass just déi Punkte mussen duerch d'Chamber goen, op deenen de Gesetzgeber gefuerdert ass.

Mir als CSV kënnen dës Argumentatioun nëmme schwéier novollzéien. An ech denken, dass d'Gerichter eis soe wäerten, wat schlussendlech Saach ass.

(**Interruption**)

Bis op Weideres bleift fir eis d'Fro vun der Legalitéit am Raum stoen.

Här President, komme mer op d'Expropriatioun ze schwätzen. Wat d'Expropriatioun vun de Kierchefabricken ugeet, esou huet de Minister Kersch ëmmer behaupt, mat sengem Gesetzesprojet géif keen enttegent ginn. Dat gesäit de Statsrot awer anescht!

Am Avis majoritaire setzt de Statsrot viraus, dass de Fong en ëffentlech-rechtliche Statut kritt, also dass de Fong en Etablissement public gëtt. Am éischten Artikel vum Gesetzesprojet mécht de Statsrot awer eng Opposition formelle, well de Statut vum Fong eben net kloer ass, an e proposéiert dann de Statut vum Etablissement public fir de Fong.

An an enger Opinion dissidente seet de Statsrot, dass den Artikel 16 vun der Verfassung mat dësem Gesetzesprojet net respektéiert gëtt. Den Artikel 16 vun der Verfassung seet: «Nul ne peut être privé de sa propriété que pour cause d'utilité publique et moyennant juste indemnité, dans les cas et de la manière établis par la loi.»

Hei gëtt gesot, dass et net duergeet, dem Fong en ëffentlech-rechtliche Statut ze ginn, mä dass de Fong och misst eng Mission d'intérêt général hunn. Och op dësem Punkt wäert an Zukunft mat Sécherheet nach munch Aarbecht op d'Gerichter zoukommen.

Zousätzlech ass och nach eng Kéier drop hinzeweisen, dass d'Konventioun d'Verméige vun Drëttpersonen betrëfft, nämlech de Kierchefabricken. Déi souzen awer weder um Verhandlungsdësch nach hu si dës Konventioun mat ënnerschrivven. Den Dossier ass also alles anescht wéi zou.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ofschléissend wëllt ech soen, dass dës Majoritéit haut e Projet stëmmt, deem ouni Dialog mat de Beträffenen zustane komm ass. Eng méiglech Konsensléisung gouf aus reng ideologesche Grënn verworfen.

Och d'Fro vun der Legalitéit vun dësem Gesetzesprojet bleift am Raum stoen an d'Konsequenzen huet eleng dës Majoritéit ze veräntweren. Mat der CSV wier et och eng Reform vun de Kierchefabricken ginn, mä eng Reform am Konsens, eng Reform, déi eis multikulturell a multikonfessionell Gesellschaft verbënnt.

De Projet hätt eng aner Nues kritt an et wier net zu deem Zerwürfnis komm, dat mir haut hunn. Mir wäerten duerfir géint dësse Projet stëmmen.

► **Plusieurs voix.** - Ooh!

► **Mme Diane Aehm** (CSV). - Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **D'autres voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Merci och. An d'Wuert huet elo erëm den Här Claude Haagen, dës Kéier als Vertrieeder vun der LSAP. Här Haagen!

► **M. Claude Haagen** (LSAP). - Merci, Här President. Nodeem ech am Numm vun der Kommissioun de Rapportbericht hei och presentéiert hunn, wollt ech e puer Wuert awer am Numm vun der LSAP zu dësem Gesetzesprojet soen.

Ech muss Iech soen, et wonnert mech schonn e bëssen, wann d'Vertrieederin vun der CSV heihinnerkënnert a seet, mat deem heite Gesetzesprojet géife mer zréck an d'Vergaangenheet goen. Dat kann ee vläicht esou argumentéieren. Mä wann een iwwert deem Dekret vun 1809 schwätzt an et wëllt een den Dekret vun 1809 up-to-date maachen, da misst emol jiddweree liesen, wat am Dekret vun 1809 alles steet. A wann Der dat dann up-to-date macht, da bleift vun deem Dekret vun 1809 - ech si fein - wahrscheinlech iwwerhaupt näischt iwwreg ausser vläicht dem Titel „Dekret vun 1809“.

Dofir, denken ech, si mir als LSAP op jidde Fall derfir, dass, wat mer hei d'Trennung vu Kierch a Stat, wa mer eng Modernisatioun vun der Kierch wëlle mat Averständnis vum Bistum maachen, mir dat un eis modern Gesellschaft sollten upassen. Dat just als Virwuert.

Dëst Gesetz, soe mir, reit sech an an déi Suite vu Gesetz, déi d'Regierung mam Koalitionsaccord ofgemaach huet. A mir als LSAP soen, dass mer dës Virgeeeënweis begrëssen, well se net ee géint deenen anere gemaach ginn ass, mä well se consensuel gemaach ginn ass.

Hei ass eng Konventioun gemaach ginn, déi ass tëschent der Regierung an dem Bistum ënnerschrivwe ginn, wou de Bistum dat aflësse gelooss huet, wat senger Meinung no fir d'kathoulesch Kierch wichteg a vertrieetbar ass, wat op deem anere Punkt d'Regierung och gemaach huet, esou wéi se et am Koalitionsafkommen an esou wéi se et am Regierungsprogramm och definéiert huet.

Mir sinn also als LSAP zefridden, dass mer haut iwwerhaupt iwwer esou e Projet kënnen ofstëmmen. Et ass ee jo och verwonnert, wann d'CSV elo op eemol seet: „Mat eis wier dat och esou gaangen, ee Punkt nom anere Punkt.“ Dann, muss ech soen, hätte mer dat vläicht - ech weess net - an zwanzeg Joer gemaach, dann hätte mer déi Punkten alleguerter kënnen ofhaken, déi se elo gesot hunn.

(**Interruption**)

Mä ech kommen nach eng Kéier dorobber zréck.

Dofir ass dee Projet de loi fir eis hei déi lescht Etapp an engem Dossier vun enger Modernisatioun vun der kathoulescher Kierch a vun de Reliounsgemeinschaften alleguerter, well mat deene Konventiounen, déi ënnerschrivwe gi sinn, gëtt souwuel festgehalen, wat hir Aufgabe sinn wéi wat hire Finanzement ass a wat hir Pflicht sinn. Dofir ass dat fir eis wichteg an et huet au contraire net zu enger Spaltung an eiser Gesellschaft gefouert.

Mir begrëssen also als LSAP, dass d'Regierung hei Neel mat Käpp gemaach huet an engem Dossier, an dat wësse mer alleguerter, deem extrem komplex ass a wou et beileiwen net ëmmer einfach war, Léisungen ze fannen.

D'Regierung iwwregens ass déi Verhandlungen direkt ugaange mat Vertrieeder vun alle grouse Glawensgemeinschaften, ouni déi et net méig-

lech gewiescht wier, d'Relatioun tëschent dem Stat an de Culten iwwer Konventiounen, déi mer hei och an der Chamber haten, nei ze regelen. Et muss een unerkennen, dass et sécher keng einfach Verhandlung waren. Dofir si mir als LSAP zefridden, mat deene Partner zesumme geschafft ze hunn, fir zu enger gemeinsamer - an ech betounen: „gemeinsamer“! - Léisung ze kommen. Fir eis als Partei war dat hei keen Dossier mat engem Géinteneen. Am Konträr! Et war en Dossier mat engem Mateneen.

Här President, no der Reform hält de Stat vis-à-vis vun de Reliounsgemeinschaften am grouse Ganzen eng méi neutral Positioun an, déi op gläicher Distanz zu allen - an ech betounen och hei: „zu allen“ - Glawensrichtungen steet. Iwwert déi Konventiounen gëtt et eng Unerkennung a finanziell Ennerstëtzung vum Stat fir déi verschidde Reliounsgemeinschaften, déi hirsäits gewësse Verflüchtungen vis-à-vis vum Stat aginn. Doriwwer eraus mëscht sech de Stat awer net méi an déi kircheninternen Froen an.

Am schwierigste waren déi Gesprécher, an dat mierke mer jo hei, an déi Froen ouni Zweifel fir déi kathoulesch Kierch, déi aus historesche Grënn - an dat ass och an der Kommissioun esou gesot ginn, dat hunn ech och a mengem Rapport gesot - eng privilegiert Relatioun mam Stat a mat de Gemengen hat, déi engersäits Virdeeler bruecht huet, an anerendeels hate mer vereelte Strukturen, déi oprechterhale gi sinn, déi au contraire net méi zäitgeméis sinn a waren.

Mat der Reform vun dëser Regierung ass d'Relatioun un d'Realitéit vun der haiteger moderner Gesellschaft ugepasst ginn, wou d'kathoulesch Kierch eng manner wichteg Roll spillt wéi virun 100 oder virun 200 Joer, a well och eng Gesellschaft, déi a wäiten Deeler sekulariséiert ass, méi wéi jeemools duerch Immigratioun an duerch aner Reliounsgemeinschaften u Bedeutung gewënnt.

Zu deene vereelte Strukturen gehéieren ouni Zweifel d'Kierchefabricken, em déi et hei geet, déi am Gesetz am Wesentlechen haut nach d'Virun 100 oder virun 200 Joer. Dës Anachronismus an deem Dekret vun 1809 huet awer an der Praxis zu enger Rei vu Problemer gefouert, déi d'Gesetz iwwert d'Schafung vun engem Kierchefong an eisen Ae léist.

D'LSAP, dat kënnt Der mer gleewen, wier déi Problemer scho gäre méi laang ugaangen an ass immens frou, dass dee Reformprozess elo kann ofgeschloss ginn. Et ass richtig, dass een an deem heiten Dossier ënnerschiedlech Optiounen hat, dass diskutéiert ginn ass, wat een hätt kënnen maachen, wat ee misst maachen, wat dann déi richtig Léisung wier. Dëst ass a ville Gesprécher tëschent der Regierung an dem Bistum ausgehandelt ginn, a mir sinn zefridden domat. Wéi gesot, et bedeit eng neutral Positioun vum Stat, deen op gläicher Distanz zu sämtleche Glawensrichtungen ass.

Déi besonnesch Relatioun tëschent dem Stat an der kathoulescher Kierch gëtt un d'Realitéit vun der haiteger Gesellschaft ugepasst, soudatt eng Gläichbehandlung vun deene verschidene Culte wäert an Zukunft bestoen.

Wat d'Gesetz iwwert de Kierchefong betrëfft, esou léist et eng Rei vu Problemer, déi an eisen Aen hu missen och geléist ginn. Wat waren déi Problemer, déi mir als Partei schonn zanter Jorzéngt kritiséiert hunn?

Mir waren als Partei, als LSAP, net d'accord, dass d'Gemengen automatesch obligatoresch den Defizit vun de Kierchefabricken missten ausgläichen. Et war och fir eis en Anachronismus, dass de Buergermeeschter oder d'Buergermeeschtesch d'office am Kiercherot mat drasetzt, virausgesat si oder hien ass kathoulesch. Mir waren och net d'accord, dass d'Gemeng dem Paschtouer eng Wunneng muss stellen, obwuel dës eng Pai vum Stat kritt.

Et war eis deemno wichteg, d'Gemenge vun dësen Obligatiounen ze befreien. Dat ass, wéi schonn ugeschwat am Rapport, geschitt mam Gesetz, wat mer hei ofgestëmmt hunn, vum März 2016.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Claude Haagen** (LSAP). - Här President, mat der Diskussioun iwwert d'Trennung vu Kierch a Stat kruten d'LSAP an aner Regierungsparteie reprochéiert, si wiere géint d'Kierch! Ech muss Iech soen, dass ass awer beileiwen net de Fall! Mir wëllen iwwerhaupt net, wéi Verschiddener eis dat ënnerstellen, d'Kierch futtimaachen.

Einfach nënnen déi finanziell Obligatiounen fir d'Gemengen ewechzehuelen, hätt vill Kierchefabricken viru finanziell Schwierigkeeten gestallt. Eenzel Kierchefabricken sti sech ganz gudd, aner Kierchefabricken hunn net vill Kapital, hunn net vill Suen. Et gëtt awer tëschent de Kierchefabricken kee Solidaritéitsmechanismus, deen dës Ennerscheeder ausgläicht, dat heescht op Lët-

zebuergesch: Eng Kierchefabrik kann där anerer net finanziell ënnert d'Aerm gräifen.

Wat d'Iddi vun der Mutuelle ubelaangt, déi d'Madamm Aehm hei ugeschwat huet: De Regruppement vum Patrimoine vun deene Kierchefabricken an engem Fong ass jo ganz genau esou eng Mutuelle, wou eben dee Solidaritéitsgedanke wäert matspillen. An ech muss Iech soen, ech sinn e bëssen iwwerrascht, well déi Iddi vun engem Fong, fir déi Kreatioun vun deem Fong ze maachen, ass jo net vun der Regierung komm! Déi ass an der Ausaarbechtung a mam Dialog ebe vum Bistum komm, fir esou eng Kreatioun vun esou engem Fong ze maachen! Fir elo der Regierung ze ënnerstellen, si géif esou ee Fong kreiieren, ass schonn e bëssen absurd.

Mir hunn och ëmmer als Partei de Mangel un Transparenz beklot. Et war bis elo ëmmer immens schwéier, sech e Gesamtbild vun der Finanzsituatioun oder de Propriétéitsverhältnissen vun de Kierchefabricken ze maachen. Net zulescht gouf eng Reform erschwéiert doduerch, dass bei ville Kierchegebaier d'Propriétéitsverhältnissen net kloer waren.

Wann elo aner Decisiounen kommen, wat d'Propriétéitsverhältnissen ubelaangt, d'accord, mä momentan waren déi Relatiounen an déi Diskussioun tëschent de Gemengen an de Kierchefabricken, wa se da stattfonnt hunn, annerhaleft Joer declenchéiert. Dat heescht, souwuel d'Kierchefabricken wéi d'Gemengen haten annerhaleft Joer Zäit, fir ze kucken, op wat fir ee Wee datt se zesummen oder getrennt sollte goen. Ech denken, dass dat an där Zäit misst machbar sinn.

Dëst Gesetz schaaft domadder kloer Verhältnissen. Et enthält a sengen Annexen en Inventaire - an dat ass am Rapport ganz daitlech ginn an och am Projet de loi - vun alle Kierchen a Biens de cure, wou jeeweils de Propriétaire festgehalen gëtt. Wa keng Dokumenter iwwert d'Propriétéit virlouchen, huet d'Regierung eng Decisioun getraff, allerdéings no enger längerer Periode, wou d'Gemengeresponsabel an d'Kierchefabricken zesumme konnten hir Präferenz zum Ausdrock bréngen. Am Zweifelsfall, do, wou et keen Accord gouf, ass d'Gebai dem Fong zougerechert ginn. Op dës Manéier an op deem Wee konnt séchergestallt ginn, dass d'Kierch a priori all d'Gebaier ka weider notzen, déi si bis elo och zur Verfügung hat.

Et ass natierlech och net ausgeschloss, dass den nei gegrént Fong, nodeem en eng komplett Evaluatioun vu sengen Immobilien a senger finanzieller Situatioun gemaach huet a gläichzäitig sech en Iwwerbléck verschafft huet, wat fir eng Gebaier dann tatsächlech genotzt ginn a wat fir eng net, eenzel Gebaier erëm ofgëtt. Am Géigesaz zu deene Kierchen, déi elo de Gemenge gehéieren, ass et awer de Fong selwer - de Fong selwer! -, deen doriwwer decidéiert, wat fir eng Gebaier eventuell net méi fir kierchlech Zwecker kënnen genotzt ginn an deemno entweid kënnen ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Kierchefabricken ginn ofgeschaaft an dann ass et gudd ze verstoen - a mir verstinn dat och -, dass vill vun deenen aktuelle Membere vun de Kiercherëit am léifsten hätten, et géif alles esou bleiwen, wéi et an deene leschten 200 Joer war. Manner novollzéierbar sinn eng Rei Kommentaren, déi den Androck vermëttelen, d'Kierch wier verluer, wann hir Gebailechkeeten an de Kierchefong kommen. Grad wéi wann dee Fong just als Zil hätt, Kierchen zouzemaachen oder se ze verkafen!

Éischtens kann de Fong seng Kierchegebaier net einfach esou verkafen an zu Geld maachen. An zweetens weisen esou Reaktiounen um Terrain, dass et mam Vertrauen an d'Féierung vun der kathoulescher Kierch net wäit hier ass.

Et ass och net esou, wéi wann alles elo an engem groussen Dëppen ouni Buedem géif verschwannen. An engem interne Reglement kann de Kierchefong selwer dezentral Gremie schafen, soudatt weiderhi Leit um lokale Plang sech kënnen fir den Erhalt an d'Gestaltung vun hire Kierchegebailechkeeten asetzen.

Als LSAP fanne mer et awer richtig, dass et net de Stat ass, dee festleet, wéi dës lokal Unitéiten opgedeelet ginn, mä dass dat eng Fro ass, déi kirchenintern soll a muss geregelt ginn. Verschidde Leit, a besonnesch de SYFEL, haten drop higewisen, oder dee schéngt ze fäerten, dass et elo Benevolle géife ginn, déi sech net méi wëlte fir d'Kierch asetzen. Elo muss ech mech awer froen, firwat. Wann déi Responsabel vum Kierchefong net alles falsch maache beim Opstelle vum interne Reglement, wäert deen Engagement um lokale Plang nach genausou vill Sënn maache wéi virdrun.

Och d'Argument, den administrativen Opwand géif elo vill Leit iwwerfuere, well den zoustännige Kierchefong seng Kontabilitéit anescht muss maache wéi fréier, kann ee beileiwen net gëlle loosse. Vill Veräiner an



ONGen hunn dee Schrëtt scho laang gemaach oder souguer misse maachen. Déi Zäiten, wou e Veräin just eng Opstellung vu sengen Dependenzen a vu senge Recettë gemaach huet an iergendwou an enger Schongkëscht Boergeld hat, aus där déi lafend Ausgabe bezuelt gi sinn, déi sinn eriwuer. Et ass awer net esou, datt d'Veräiner un där Ëmstellung zugronn gaange wieren! Natierlech ass dat mat méi Opwand verbonnen, et kascht och méi Suen. Mä soubal een awer gréisser Zomme geréiert, soll dës Form vun Transparenz an Iwwerpréifbarkeet eng Selbstverständlechkeet ginn.

Här President, als LSAP gi mir dovun aus, datt mat der Ëmsetzung vun dëser Reform an och no Akraaftriede vun dësem Gesetz an der Praxis am Ufank dësse Projet de loi net bei jiddwerengem wäert op Akzeptanz stoussen, mä datt e mëttelfristeg souwuel fir d'Gemengen, mä haaptsächlech awer och fir d'Kierch eng positiv Verännerung wäert duerstellen.

Fir d'Gemenge läit de Virdeel op der Hand, well se eng Obligatioun manner hunn, awer weiderhin iwwer Subside kënnen dozou bäidroen, datt de Patrimoine an hiren Uertschafte kann erhalte ginn. Wat d'Kierch ugeet, esou ka si ouni weider Amëschung vu bausse sech nei strukturéieren an hir Moyene méi rationell geréiere wéi bis elo. Am Resultat gëtt et vläicht deemnächst, wann de Fong dat decidéiert, e puer Kierche manner, mä dofir gi méi Leit an d'Kierch.

(Interruption par M. Michel Wolter)

Als LSAP si mir deemno der Meenung, datt dës Gesetzesprojet ee wichtegen Deel vun enger Reform ass, deen net nëmmen noutwendeg ass, mä do och e positiven Impakt wäert hunn...

Här Wolter, Dir kënnt jo a verschidde Kierche goen, da gesitt Der, datt se ëmmer eidel stinn e groussen Deel vun der Zäit!

...mä och e positiven Impakt wäert hunn op d'Relationen tëschent dem Stat, de Gemengen an de Reliounsgemeinschaften.

Dës Gesetz an domadder d'Trennung vu Kierch a Stat bedeit awer och an den Ae vun der LSAP eng Chance fir d'Kierch, eng Chance, fir sech intern ze moderniséieren, eng Chance, fir sech enger moderner Gesellschaft aus dem 21. Jorhonnert unzepassen. Et ass elo un der Kierch, fir dës Chance ze notzen. Dofir ass et gutt a richtig, datt d'Kierch elo bei d'Kierch kënnt.

An domadder ginn ech den Accord vun der LSAP-Fraktioun. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. An nächst ageschriwwen Riednerin ass d'Madamm Lydie Polfer fir d'DP.

► **Mme Lydie Polfer (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen, mir stëmmen also elo haut of iwwert dee leschten Deel, mat deem d'Konventioun tëschent dem Stat an de Glawensgemeinschaften, an an dësem Fall mat der kathoulescher Kierch, definitiv ëmgest gëtt.

Dës Konventioun, déi de 26. Januar 2015 vum Statsminister a vum Aerbëschof ënnerschriwwen gouf, war d'Resultat vun Diskussiounen, jo, vu laangen Diskussiounen tëschent gläichberechtigten Verhandlungspartner. An d'Konventioun huet d'Fuerderung vun deenen engen a vun deenen anere berücksichtegt, soudatt d'Regierung an d'kathoulescher Kierch deen Text, deen dobäi erauskomm ass, och duerno zesummen der Effentlechkeet konnte presentéieren.

An et héiert een ëmmer nees erëm, an och elo de Mëtten, datt d'Regierung mat dëser Konventioun géif d'Trennung vu Kierch a Stat wierklech wëlle forcéieren. An dobäi stellen d'Konventiounen alles aneschtens wéi eng Trennung duer!

Dës Terminologie vun „Trennung vu Kierch a Stat“ kënnt d'ailleurs och net an dem Regierungsaccord vun 2013 vir, well do heescht et, an ech liesen et vir: «Les réalités sociétales requièrent une remise en cause des relations actuelles entre l'État et les cultes. Les partis de la coalition gouvernementale affirment le principe du respect de la liberté de pensée, de la neutralité de l'État à l'égard de toutes les confessions religieuses ainsi que de l'autodétermination des citoyens.» A weider heescht et nach: «Le Gouvernement dénoncera les conventions existantes pour entamer des négociations avec les cultes, lancer une discussion sur leur financement et redéfinir les relations entre les communes et les cultes.»

Et sollt een also net vun enger „Trennung vu Kierch a Stat“ schwätzen, mä vun enger „Neiregelung vum Verhältnis tëschent dem Stat an deenen eenzelnen unerkannte Glawensgemeinschaften hei zu Lëtzebuerg“. An ech erënneren, an et ass de Mëtten och scho gesot ginn, och un déi sechs Projet-de-loien, déi mer

hei am Juli 2016 gestëmmt hunn an déi d'Finanzierung vun deenen unerkannte Culten zu Lëtzebuerg regelen. Nieft nëmmelech de Gehälter an de Pensioone vun deenen aktuelle Ministres des cultes vun der kathoulescher Kierch, déi de Stat viru weider bezitt, kréien d'Glawensgemeinschaften all Joers vum Stat nach eng finanziell Enveloppe, mat där si hir Aktivitéite finanzéieren kënnen. An déi ka bis maximal 6,75 Milliounen Euro d'Joer goe fir d'kathoulesch Kierch.

Elong dësse Fait beweist, datt een net vun enger Trennung vu Kierch a Stat ka schwätzen!

Här President, ech wollt déi Präzisioone maachen, ier ech wierklech elo zu deem Projet de loi kommen, iwwert dee mer haut diskutéieren. Et geet, wéi scho gesot, bei dësem Projet virun allem iwwert d'Besetzverhältnissen bei de Kierchen a Kapellen zu Lëtzebuerg.

Datt dës Fro sech gestallt huet, ass net nei, well - an och dorop ass jo schonn higewise ginn - schonn déi viregt Regierung huet an der Person vun dem deemolege Kultusminister, dem François Biltgen, en Expertegrupp domat chargéiert, Pisten ze zeechnen, fir déi zukünfteg Relationen tëschent dem Stat an de Reliounsgemeinschaften ze iwwerdenken. An deen Expertegrupp huet am Oktober 2012 e Rapport mat enger ganzer Rei Konklusiounen a Propositionen virgeluecht; d'Madamm Adehm ass zum Deel schonn drop agaangen. Ech hunn op verschiddene Punkten eng aner Liesensaart a -weis, mä ech kommen dorop.

An deem Rapport gëtt kloer op déi awer ganz speziell Situatioun higewisen, datt d'Kierchefabrick fir den Entretien vun de Kierchen zustänneg sinn, awer virun allem d'Gemengen dësen Entretien finanzéieren, entweder well se Propriétaire vun de Kierche sinn oder well d'Kierchefabrick net déi finanziell Moyenen hunn, fir dës selwer ze maachen. Jo, bis haut sinn d'Gemengen obligéiert gewiescht, déi grouss Reparaturen un de Kierchen ze bezuelen, ob se Propriétaire waren oder och net!

Speziell ass och, datt et a ville Fäll guer net kloer war, wien iwwerhaapt Propriétaire vun enger Kierch war an ass! An datt et also iwwerfällg war, dës Onkloerheeten aus der Welt ze schafen, doriwwer si mer eis alleguerten eens, souguer haut de Mëtten hei. Wéi een dat da mécht, do ginn dann d'Meenungen zum Deel ausernee. Mä dofir ass et ganz normal, datt sech an de Verhandlungen fir eng nei Konventioun och mat dëser Froe beschäftegt ginn ass.

An deen Expertegrupp do vun 2012, jo, deen huet op zwou Méiglechkeeten higewisen, zwou! An eng dovun - an eng dovun! - war d'Ofschaf vum de Kierchefabricken a fir hir Aufgab souwéi d'Propriétéit vun der kathoulescher Kierch iwwer en neit Organ ze regelen! D'Iddi also dovun, e Fong ze grënnen, en neie Fong ze grënnen, ass net nei! An et ass dofir och net verwonnerlech, datt sech 2015 an der Konventioun op dës Solutioun géeneegt ginn ass. An ouni derbäi gewiescht ze sinn - mä et kennt ee jo awer emol deen een oder deen aneren, deen derbäi war -, mengen ech, kann ech roueg soen, datt dat net op absolutten Drock vun der Regierung geschitt ass!

Der Regierung ass et, wéi gesot, drëm gaangen, datt d'Besetzverhältnissen bei de Kierchegebaier an natierlech d'finanziell Obligationen vun de Gemenge gekläert ginn. A wat fir enger Form de Bistum sech duerno organiséiert an deem neie Fong, dat war him iwwerlooss, obschonn, an ech kommen herno och dorop zrëck, dat awer net ouni Interêt ass och fir d'Gemengen, besonnesch déi, déi Propriétaire vun hire Kierche bleiwen, well dat ass jo dann hiren zukünftige Partner, mat deem se awer müssen iwwert déi Kierche schwätzen. Mä ech kommen nach dorop zrëck, well den Artikel 4 vun dësem Gesetz mécht do munch Dieren op.

Ech wëll och dofir net méi weider elo op déi Froen agoen, ob elo d'Chamber d'Recht hat, d'Kierchefabricken ofeschafe respektiv en neie Fong ze schafen, deen de Besetz vun der kathoulescher Kierch geréiert. De Rapporteur huet dës souwuel a sengem schrëftleche wéi a sengem mündleche Rapport ganz daitlech gemaach. An ech wëll him d'ailleurs fir déi zwéi Rapporten e grouse Merci soen an och fir déi Manéier, wéi en eis Diskussiounen an der zustänneger Kommissioun geféiert huet, well och do konnt ech an deenen Diskussiounen näischt vun engem Kulturkampf bei der Iwwerschaffung vun dësem Projet de loi spieren an héieren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Lydie Polfer (DP).** - D'Regierung an de Bistum hu sech also, wéi gesot, drop géeneegt, d'Besetzverhältnissen bei de Kierchegebaier endgültig ze klären. An d'Approche, déi an der Konventioun festgehalen ginn ass, war am Fong eng ganz einfach: D'Gemengen an d'Kierchefabrick sollten am Dialog matenee

festhalen, ob eng Kierch sollt Besetz vun der Gemeng bleiwen oder ginn oder ob se an deen neie Fong sollt iwwergoen. A wann dann d'Besetzverhältnissen kloer waren, wéi dat awer - oft op alle Fall - de Fall war, an den aktuelle Besëtzer d'Kierch weiderhi sollt behalen, dann ass d'Saach och zimlech einfach gaangen. An ech erlabe mer herno - elo ganz geschwënn - méi präzis op dat anzegoen, wat hei an der Stad Lëtzebuerg geschitt ass; dat hu mir esou gemaach!

An anere Fäll ass heiansdo och e bësse méi laang diskutéiert ginn. Och där Situatiounen hate mer. An ech wäert da besonnesch op eng agoen, déi jo och hei schonn op der Tribün erwänt ginn ass, an ech denken do u Beggen.

Et ass awer och festgehalen ginn, datt fir d'Kathedral zum Beispill a fir d'Basilika vun lechternach speziell Konventiounen sollte gemaach ginn. Mir hunn dat a grousser Transparenz an op eng ganz flott an onkomplizéiert Aart a Weis fäerdegbruecht mat de Responsabele vum Bistum fir d'Kathedral an och mat der Regierung, wou mer den 22. Dezember 2016 ons Konventioun ënnerschriwwen hunn, an där virgesi gëtt, datt d'Stad Lëtzebuerg 125.000 Euro d'Joer bäisteiert fir den Ënnerhalt vun der Kathedral. Déi nämlecht Zomm gëtt vun der Regierung bäigesteiert, ofgesi vun deene grouse Reparaturen, déi géifen néideg gi fir d'Kathedral, do misst et eng speziell Konventioun ginn an do géifen d'Stad an de Stat déi Käschten zu 50% jiddwereen droen.

Dat alles ass virgesinn. A wéi gesot, wann een dat am Dialog ka maachen, da geet dat och relativ gutt iwwert d'Bün. Wann ech dat hei nach eng kéier ënnerstrach hunn, dann ass dat, well an enger viregter Ried gemaach ginn ass, wéi wann hei net mat de Leit geschwat gi wier oder wéi wann et onméiglech gewiescht wier, mat de Leit ze schwätzen. Deem ass op alle Fall net esou gewiescht!

Mir haten also den Opdrag, ze schwätzen. Ech wëllt awer vläicht fir d'Alleréischts nach eppes eng kéier kloer soen, obschonn et scho gesot ginn ass, a vläicht ganz am Detail: Mä do-bausse gëtt net genuch verstanen, datt am Fong, och besonnesch, wa mir dat Gesetz haut elo stëmmen, dann dobaussen an eise Kierchen am ganze Land weiderhi ka Mass gehale ginn, wann dann de Fong dat wëllt!

Ech kann op alle Fall fir déi Gemeng soen, fir déi ech responsabel sinn - an ech kommen dann drop, andeem ech lech e bëssen erzielen, datt dat net esou einfach war an datt do extrem vill Aarbecht hannendrusteet -, datt do näischt wäert änneren, soulaang déi Leit, déi an d'Kierch ginn, och wëlle weiderhin an d'Mass goen a weiderhin hire Glawe wëllen ausüben! An dat ass fir all d'Kierchen an dësem Land dat nämlecht!

Et sinn nëmmen zwou - et sinn nëmmen zwou! - Méiglechkeeten, wou esou Situatiounen kéinte geännert ginn: entweder, datt de Bistum, dat heescht de Bëschof selwer géif froen, aus Grënn, déi dee Moment hir sinn an déi se natierlech wäerten dee Moment och soen: „Mir wëlle fir den Ënnerhalt vun där dote Kierch net méi opkommen, datt do ka Mass gehale ginn.“ A wann déi Kierch dann enger Gemeng gehéiert, da kann déi Gemeng doriwwer fräi disposéieren. Wann déi Kierch dem Fong selwer gehéiert, ma dann hält de Fong, dat heescht de Bistum, ganz eleng déi Decisioun. Dat wier eng Méiglechkeet.

Oder, wann dann eng Kierch wier, déi enger Gemeng géif gehéieren, an d'Gemeng géif wëlle soen: „Ma mir gesinn net méi an, ob do wierklech nach en Zweck ass, fir do eng Kierch ze halen.“ Ier eng Gemeng, géif ech emol mengen, esou eng Decisioun géif huelen, misst schonn eng kloer Situatioun um Terrain sinn, datt effektiv kee méi an déi Kierch géif wëlle goen.

A wat kann d'Gemeng da maachen? Mä dann hänkt et dovun of, ob déi Kierch op der Annex II oder op der Annex III ass. Den Här Rapporteur huet et schonn eng kéier gesot, mä ech soen et nach eng kéier kuerz: Wann déi Kierch op der Annex II ass, da kann d'Gemeng effektiv dem Bëschof dat mellen, an da kann dat awer, andeem d'Dignitéit preservéiert gëtt, geschéien. Wann se op der Annex III ass, an dat sinn awer iwwer honnert Kierchen - dat sinn iwwer honnert Kierchen! - hei am Land, eleng hei an der Stad Lëtzebuerg der zwielef, kann d'Gemeng net eng Kierch entweien, wéi gesot; oder se kann de Bëschof froen, wa se da géif wëllen eng Kierch entweien. Mä do muss de Bëschof dermat d'accord sinn. A wann de Bëschof dann net dermat d'accord ass, fir déi ze entweien, da muss déi Kierch an de Fong iwwergoen.

D'Situatioun ass also ganz kloer an, géif ech soen, och einfach, überschaubar a gerecht geregelt. Mä muer wäert an där doter Hisicht hei an dësem Land näischt änneren, esou wéi ech dat op alle Fall fir d'Stad gesinn a vun deem, wat ech bis elo héieren hunn.

Mä komme mer dann zu deem soi-disant Manktum un Dialog.

Ech kann op alle Fall dat net bestätegen, ganz au contraire! Mir hunn hei an der Stad 21 Kierchefabricken - 21 Kierchefabricken! -, déi 23 Kierche verwalten. Wéi et kloer ginn ass, datt mer mat deem Projet de loi hei géife befaasst ginn, hunn ech déi 21 Kierchefabricken an de Sall vum Gemengerot invitéiert. Mir hunn dat zesummen duerchgekuckt. Zweemol si se alleguerten komm, an net nëmmen een, mä e puer vun all Kierchefabrik, a mir waren eis eens, datt mer eis d'Méiglechkeet elo géife ginn, an aller Transparenz - an aller Transparenz! - dat ze maachen, wat mer als Opdrag kruten, d'Besetzverhältnissen vun deene Kierchen ze definéieren.

An do muss ech wierklech, an ech erlabe mer, dat hei op der Tribün vun der Chamber ze soen, do muss ech dem Service des biens vun der Stad Lëtzebuerg a ganz besonnesch hirem Direkter, dem Här Breger, net nëmmen e grouse Merci, mä e grousst Kompliment maachen. Deen huet déi 21 Kierchefabrick méi wéi eng kéier gesinn, an doraus ass, kann ee wierklech soen, eng Dokteraarbecht, eng Benediktineraarbecht geschitt, well déi Dokumenter, déi se do zesummegeesicht hunn, déi gi bis an d'Jorhonnerten zrëck, wou ganz kloer beluecht ginn ass, wien wat gehéiert.

Fazit vun där Aarbecht, där wierklech extraordinärer Benediktineraarbecht, well dat hei ass nëmmen de Resumé dovun... Jiddweree kann och Abléck doran hunn. Dobäi si véier esou grouss Volumen, wou alles an dem Original derbäiläit. Doropshi war de Fazit, datt vun deenen 23 Kierchen der zwou sinn, déi der Kierchefabrik gehéiert hunn a wou mer mat der Kierchefabrik och ganz eens gi sinn: datt ass d'Glacis-Kapell an dat ass déi kleng Kapell uewen um Kierchberg an der Rue des Maraichers. An déi aner 21 Kierche gehéieren der Stad Lëtzebuerg, dorënner och d'Kathedral, ganz kloer mat Dokumenter beluecht!

Bei deenen allermeeschten, bei 14 Kierchefabricken ass dat och ënnerschriwwen ginn. Siwen hunn net mat ënnerschriwwen, net onbedéngt - net onbedéngt! -, well se d'Propriétéitsverhältnissen a Fro gestallt hunn, mä well se effektiv déi Manéier, wéi virgaange ginn ass eben iwwert de Projet de loi, a Fro gestallt hunn.

Eng Kierchefabrik, mä et war emol net d'Kierchefabrik, et war de Kierchebauveräin vu Beggen, huet do e puer Froen opgeworf, a fir ze soen, mä do kéint een awer soen, et géif dem Kierchebauveräin gehéieren.

Ech gi gären an den Detail dovun an, well et ass u sech interessant, well et weist wierklech och - an ech entschëllege mech elo bei de Kollegen, déi net aus der Stad sinn -, mä et weist ganz gutt, wéi d'Entwécklung vun dëser Stad war, wat awer eis Hauptstadt ass.

Mir hu Kierchen, déi ganz al sinn, déi bis an d'10. Jorhonnert zrëckginn, d'14. Jorhonnert, d'16. Jorhonnert. A mir hunn eng ganz Rei Kierchen, déi eben aus den 30er Jore stamen, wéi d'Stad sech konnt ausdeenen, nodeem d'Festung eben ofgerappt gi war, wou an deene Quartieren, déi do gebaut gi sinn, Kierchen entstane sinn. An déi gi ganz oft - an dat wëll ech dofir ënnersträichen an och deene Leit hire Meritt wierklech unerkennen -, dat geet ganz oft op d'Initiativ vu Leit zrëck, vun eenzelne Bierger, déi hir Kierch wollte maachen. Sou geschitt zum Beispill zu Beggen an och zu Gaasperech. An ech huelen déi zwéi Beispiller, fir lech ze weisen, datt dat guer net esou einfach ass.

Ech huele Gaasperech vläicht vir. Gaasperech huet, well et e Quartier war, deen zur Paroisse Hollerech gehéiert huet, mä deen amgaange war sech auszebauen, 1932 op engem Terrain, deen hinne gehéiert huet, den Œuvres paroissiales, ugefaangen, eng Kierch ze bauen. Den Architekt war den Här Jean Mackel. A si hunn ugefaangen op hirem Terrain a mat Suen, déi aus der Paroisse koumen. D'30er Jore ware keng einfach Joren, d'30er Jore ware Krisejoren. Op eemol ass et vir an hanneren net méi opgaangen an déi nämlecht Œuvres paroissiales sinn un d'Stad Lëtzebuerg erugetrueden a sot: „Wann ech gelift, wann ech gelift, kënne mer lech den Terrain mat deem, wat dropsteet“ - a wat natierlech nach net fäerdeg war -, „kënne mer lech dat schenken? Kënne mer eng Donatioun maachen an Dir obligéiert lech, déi Kierch weiderzebauen a se fäerdeg ze maachen?“

An dat ass dunne och esou iwwert d'Bün gaangen. Dat war 1938, du krute mir duerch Acte notarié, also krut d'Stad Lëtzebuerg d'Donatioun vun dem Terrain mat der net fäerdeger



Kierch, awer mat der Obligation, mir misste se fäerdeg maachen, wat d'Stad Lëtzebuerg och gemaach huet.

Firwat hunn ech dat do elo gesot? Mä waart, ech ginn elo zréck op Beggen! Do war et eng äänlech Situatioun. '31 war déi éischt Petitioun vun den Awunner vu Beggen, fir eng Kierch ze kréien. Bis dohinner hu se ofgehaange vu Weimeschkerch, si sinn d'ailleurs eréischt '49 eng eege Paroisse ginn. A si sinn un de Schäfferot erugetrueden, fir ze soen: „Mir géife gären eng Kierch bauen. Gitt ons en Terrain, mir bezuelen, mir siche Suen, mir gi Sue sichen, fir se ze bauen!“

De Schäfferot sot och Jo an de Schäfferot huet hinnen en Terrain zur Verfügung gestallt. Si hu Pläng maache gelooss vun dem Architekt Jentgen an, wéi esou oft, den éischten Devis war 395.000 - déizäit nach Frangen -, an och schonn déizäit sinn d'Devisen herno méi héich ausgefall: Herno waren et der 550.000.

Wuer si se d'Sue siche gaangen? Si hate selwer 44.000 Frang nach vun dem Kierchebauveräin. „An“, sote se, „Mir kréien all Joers esou vill eran“, a fir 300.000 Frang si se en Emprunt maache gaangen. Wien huet fir deen Emprunt d'Garantie ginn? D'Stad Lëtzebuerg! Mä, a ganz richtig, déi éischt Kierch - dat war nach e bësse méi eng kleng wéi elo -, déi éischt ass gebaut ginn duerch wierklech déi ganz generéis Hëllef vun de Leit! An dat muss een unerkennen!

D'Fro war, well an dem Akt steet, d'Stad géif hinnen deen Terrain „céder gratuitement“. An, wahrscheinlech well se héieren hunn, wat zu Gaasperech geschitt war, hunn d'Œuvres, also de Kierchebauveräin vu Beggen, der Stad Lëtzebuerg '38 schnell e Brëif geschriwwen. An ech liesen lech dee gäre vir, fir eben ze weisen, wéi mer an de Fong gaange sinn. Do schreiw si selwer: «À ce sujet...», also am Accusé de réception steet: „Mir soe Jo, Dir kritt deen Terrain“, «...on le cède gratuitement». Da soe si, je cite: «À ce sujet, nous croyons devoir vous faire remarquer que dans nos demandes et entretiens nous n'avons toujours que sollicité l'autorisation de pouvoir construire» - Bauge-neemegung! - «sur ledit terrain, lequel resterait propriété de la commune.» Dat heescht, si selwer soten: „Em Gottes wëllen, mir wëllen den Terrain net, haalt deen Terrain! Mir bauen d'Kierch zwar, mä haalt Dir wann ech gelift den Terrain!“

Déi Kierch ass dunn och gebaut ginn. '49 ass Beggen eng eege Paroisse ginn. '60, an de 60er Jore war déi Kierch net méi grouss genuch, an dunn ass d'Kierch vergréissert ginn, esou wéi se haut ass. An deen Ausbau, och do war nees eng kéier den éischten Devis, dee louch bei 5,5 Milliounen, neen, bei 6,4 Milliounen. A wivill huet et awer herno kascht? 7,1 Milliounen. An dovun huet d'Stad Lëtzebuerg 5 Milliounen eng éischte kéier, a wéi et dunn nach méi deier ginn ass, nach eng kéier d'Halschent, 500.000 Frang, bezuelt an all déi Joren alles dat gemaach, wat och der Gemeng hir Kompetenz war.

Ech wëll nëmmen dat hei als déi zwee Beispiller huelen. Mir hu wierklech keng Méi geschiet a keen Dialog geschiet, fir wierklech hei zu gerechten an überschaubare Léisungen ze kommen.

(Interruption)

Dofir, mä ech kommen elo dozou, mir hunn elo vill vun de Kierchefabrick geschwat, an ech kommen dozou.

Dat hei ass en Dossier, a jiddwereen ass sech d'äers bewosst, dat ass en Dossier, dee mat villen Emotiounen verbonden ass, well och am 21. Jorhonnert hunn d'Relioun an déi verschidde Reliounsgemeinschaften nach ëmmer hir Plaz zu Lëtzebuerg. A virun allem - awer net nëmmen - d'Unhänger vun der kathoulescher Kierch sinn zäihleech an alle Schichten - an alle Schichten! - vun eiser Gesellschaft vertrauten. Si liewen hire Glawen entweder passiv, ganz oft awer och aktiv, andeems se sech am Dëngscht vun der Allgemengheet engagéieren.

An ech wëll dofir den Engagement vun deene ville Benevollen - well dat ass benevoll Aarbecht! -, ech wëll deen net nëmmen unerkennen, mä wierklech deenen e grouse Merci soen. Mir hunn an all deene Joren, wou ech d'Geleehent hat, mat hinnen ze schaffen, exzellent Aarbecht gemaach, wou am Fong och ni gréisser Problemer komm sinn. An ech wëll hinnen dofir mäi Respekt wierklech ausdrécken.

An dofir kann ech eben och gutt novollzéien, dat deen een oder deen aneren, dee sech zën-ter Joren eben engagéiert huet, mat gewësse-

nen Emotiounen an och Ängschten dee Projet de loi hei gesäit. Ech wëll awer an aller Däit-lechkeet betounen an dat ganz kloerstellen, datt dëst Gesetz, dat zesumme mam Bistum ausgeschafft gouf, net géint dës Leit a géint hir Aarbecht gemaach ginn ass, ganz am Géigendeel! Ganz am Géigendeel! An ech hoffen, datt de Fong och all deene Leit d'Méiglechkeet wäert ginn an Zukunft, sech weider fir hir Kierch ze engagéieren.

An ech kommen op dat, wat ech virdrun uge-deit hunn: D'Gesetz mécht och do eng ganz kloer Dier op! An ech hoffen, datt eben och dovun profitéiert gëtt.

Am Artikel 4 vun dem Gesetz steet nämlech, bon, fir d'Éischt, datt de Conseil d'adminis-tration vun dem Fong also «peut déléguer les pouvoirs qu'il détermine à une ou plusieurs personnes, administrateurs ou salariés du Fonds, pour l'administration courante du Fonds ou pour l'exécution de ses décisions». An da weider, an do gëtt et wierklech interessant an do kann een déi Iddien, déi och haut de Mët-ten hei scho gesot gi sinn, iwwerhuelen, hei ginn et Méiglechkeeten, fir déi ze iwwerhuelen: «Le conseil d'administration peut créer des structures de gestion décentralisées du Fonds, sans personnalité juridique propre,» - jo, dat steet dran! - «dont il détermine le nombre, la dénomination, la composition, les missions et le fonctionnement au règlement interne.»

Wann dat do net eng Dier op ass, fir déi vill Asätz, déi vill Leit haten, an net nëmmen déi, déi am Kiercherot waren, mä och nach aneren, fir deenen hir Aarbecht hei ze würdegen! Ech mengen, dat schéngt mer ganz kloer an ech wënsche mer effektiv an ech wënschen dem Bistum hei eng ganz glécklech Hand, fir wéi gesot iwwert deen do Artikel den Asaz vun deene Leit ze würdegen.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Den Debat ass nämlech natierlech mat Emo-tioune verbonden, well d'Leit fäerten, hir Kierch géif hinnen elo geholl ginn. Neen, d'Kierch gëtt hinnen net geholl, ganz au con-traire! Oder loosse mer soen, firwat hu mir ons an der Stad... An, Madamm Adehm, ech kann lech nëmme soen, bei ons ass eis Meinung net geännert, weder virun de Wahlen nach no de Wahlen, well mir stoungen alleguerte wéi ee Mann oder eng Fra zu deenen Decisiounen, déi mer der Regierung och soumettéiert hunn!

Firwat hunn ech mech effektiv agesat, datt mir all eis Kierche solle behalen? Well ech effektiv der fester Iwwerzeegung sinn, datt dat déi beschte Léisung ass an déi gréisste Sécherheet bitt, fir datt do fir den Ënnerhalt vun deene Kierchen eben och nach, soulaang se dann ef-fektiv fir d'Ausübung vum kathoulesche Glawe genotzt ginn, beschtméiglech gesuergt ka ginn. Dat war eis Motivatioun an déi ass, wéi gesot, zu enger ganz grousser Majoritéit och bei ons, souwuel virun de Wahle wéi no de Wahlen, gedroe ginn.

Deene Leit, an all deene Leit, déi sech net nëm-men elo engagéieren - an ech kommen elo net nëmme méi aus der Stad, mä am ganze Land ass dat wahrscheinlech wouer, an all Buerger-meeschter heibanne kéint, mengen ech, där dote Geschichten erzielen -, deene Leit wëll ech soen, datt d'Demokratesch Partei d'Kier-chegebaier als en Deel vum kulturellen Ierwe vun eise Land unerkennt an net a Fro stellt. Wat wieren nämlech ons Stied an Dierfer ouni hir Kierchen, déi ganz oft d'Charakteristike vun hirem historiesche Kär ausmaachen?

Ob een elo reliéis ass oder och net, jiddweree misst jo awer agesinn, datt d'Relioun an d'Kierchen zu eise Land gehéieren an e groussen Deel vun eise Patrimoine ausmaachen. An dofir ass et eben och wichteg ge-wiescht, datt mer, dat war op d'mannst mäin Empfänger, zesummen - zesummen! - an der Kommissioun a mat der Regierung eng Rei An-nerungen an deem Projet de loi abruecht hunn. Mir hunn déi zesummen abruecht, fir eben ze erlaben, datt d'Gemenge kënnen nees méi präsent sinn. Well et wier effektiv komesch gewiescht, datt een hätt kënnen en ale Baue-renhaff subventionéieren, fir renovéiert ze ginn, an d'Kierch am Duerf, am Kär vum Duerf net.

Dofir, mir begrëssen déi punktuell Verbesse-rungen, déi gemaach gi sinn. Mir hunn dat zesumme gemaach an, nach eng kéier, an enger ganz roueger a konstruktiver Aart a Weis. An ech wëll dofir all deenen, déi do matgeholf hunn, e grouse Merci soen, ganz besonnesch och natierlech dem Rapporteur, dem Minister an all de Kolleegen aus der Kommissioun, awer och de Vertrieder vum Bistum, déi duerch hir onopgereegten a kon-struktiv Erugoensart a -weis awer matgeholf hunn, datt mer zu deem heite Resultat komm sinn. An datt et besonnesch fir si - an datt et besonnesch fir si! - net ëmmer einfach war, ech mengen, dat huet jiddwereen an deene leschte Méint materlieft!

An ech muss soen, ech fannen et jo awer schonn e staarkt Stéck, wann de Mëtten hei op der Tribün gesot gëtt, datt de Bëschof oder de Bistum matgeholf hätten, hei e Projet de loi ze maachen, deen eis Gesellschaft géif auser-neendrifte loosse! Dat war ganz bestëmmt keng Absicht, weder vun dem Bistum nach vun der Regierung nach vun all deenen, déi hei matgeholf hunn!

An ech kann nëmmen hoffen a wënschen, datt ganz schnell, wann dee Projet elo hei ge-stëmmt ass - an ech rüchten dat besonnesch un déi Leit, déi wierklech echt an iwwerzeegt an och praktikant Katholice sinn -, datt der vill an déi allermeescht a wa méiglech se alleguerte mathëllefen op eng konstruktiv Aart a Weis, datt dese Projet de loi kann ëmgasat ginn. Well, an dann zitëieren ech awer och, wat nach haut, net méi spéit wéi haut de Léo Wagener am „Wort“ an engem Artikel seet op déi Fro, ob déi Neiuerdung e Virdeel oder en Nodeel fir d'Kierch wier, do seet e ganz kloer: „Lang-fristig wird die Reform für die Kirche von Vorteil sein. Kurzfristig stellt die Umsetzung allerdings eine große Herausforderung dar.“

Dofir, ech hoffen, datt der vill mat guddem Wëlle mathëllefen, se konstruktiv ëmzesetzen. An dofir stëmme mir dëst Gesetz och mat. Ech soen lech Merci.

► Plusieurs voix.- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci der Madamm Polfer fir déi ganz Explikatiounen. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Roberto Traversini. Här Traversini, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Roberto Traversini** (*déi gréng*).- Merci, Madamm Presidentin, léif Kolleeginnen a Kol-leegen. Merci och - meng éischt Remark - un de Claude Haagen fir dee flotten a gudde Rap-port an och fir déi flott a fair Diskussiounen an der Kommissioun. Ech hunn e gutt Gefill gehat, datt jiddwereen do konnt dat soen, wat e wollt.

Dat Gesetz, dat mer haut zum Vott virleien hunn, ass e weidert wichteg Puzzlestéck an de Beméiungen, d'Relatiounen tëschent dem Lët-zebuurger Stat an allen unerkannte Kierchen endlech an d'21. Jorhonnert eriwwehuelen, e weidert Puzzlestéck, fir eng total verstëbsten an och vun der Praxis schonn deelweis iwwer-holle Legislatioun endlech op eng nei, propper, transparent a gerecht juristesche Basis ze stellen.

Och fir all Netexpert dierft kloer sinn, datt dës „grouss Botz“ am däischteren a verstëbstene Keller vun de Relatiounen tëschent Stat a Kierche méi wéi iwwerfällg ass. A wann een déi al Gesetzestexte kuckt, déi mat deem heite Projet de loi wäerten änneren, da mierkt een, datt do e groussen Ënnerschied ass.

► Une voix.- Très bien!

► **M. Roberto Traversini** (*déi gréng*).- Do geet et zum Beispill ëm d'Gesetz vum 18. Ger-minal vum Joer 10, laut deem kuerzlewege Ka-lenner vun der Franséischer Revolutioun, oder anescht ausgedréckt den 8. Abrëll 1802. Et geet och ëm den Dekret vum 5. Mee 1806, en aneren Dekret vum 18. Mee vun deem-selwechte Joer, en Dekret vum 30. September 1807 an natierlech den Dekret vum 30. De-zember 1809 iwwert d'Kierchefabriken. An dës Dekreter fousse vun Deel op deem omi-néise Konkordat vum 15. Juli 1801 tëschent dem Napoleon an dem Pöpst Pius VII. Dat si Saachen!

Dat sinn alles Texte, déi méi al si wéi eisen hai-tege Stat, eis Onofhängegkeet oder eis Verfas-sung.

► Une voix.- Très bien!

► **M. Roberto Traversini** (*déi gréng*).- Fir meng Partei ass dese Projet deemno méi wéi iwwerfällg an et muss ee sech scho wonneren, firwat dat esou laang gedauert huet, firwat dat esou laang blockéiert ginn ass. De Bistum selwer hat schonn 1978, also viru genue 40 Joer, an engem offiziellen Dokument fest-gehalen, datt de Fonctionnement vun de Kier-cheréit net méi zäitgeméiss wier, just datt vusäite vun den deemolege Regierungen ni eng Reaktioun oder eng Verhandlungspropos komm ass. Dat si 40 Joer hier!

E bësse manner laang hier, virun 20 Joer, huet hei am Haus den haitegen Ausseminister, de Jean Asselborn, gemengt, an ech zitëieren e ganz gär: „Ech mengen, an zéng Joer freet keen eis méi, firwat mir eis et am Ënn vum Jor-dausend nach esou schwéier gemaach hunn, fir anzegesinn, dass de Stat, an eleng de Stat, derfir do ass, déi demokratesch Wäerter vun der Res publica ze vertrieden, an dass d'Kierchen, an nëmmen d'Kierchen, derfir do sinn, fir déi reliéis Wäerter ze verteidegen. All Amëschung vun der Kierch an de Stat a vum Stat an d'Kierch féiert zu Verzerrungen, déi der Demokratie net dénglech sinn.“

Dat ass e Saz, deen och fir eis Gréng deemools geneesou richtig war wéi haut. Allerdéngs sollt den demolegen Deputéierten Asselborn net recht behalen: Déi zéng Joer sinn, wéi mer all wëssen, leider och nach net duergaangen. Et huet nach eng kéier bal 20 Joer an eng Re-gierung ouni d'CSV gebraucht, bis sech end-lech eppes gedoen huet.

► Une voix.- Très bien!

► **M. Roberto Traversini** (*déi gréng*).- Den Zweck an de Verdéngscht vum haitege Ge-setzesprojet si scho laang a breet vum Rapporteur a vun de Virriedner erkläert ginn. Trotzdem ass et mir wichteg, och nach eng kéier drop hinzewiesen, datt et och fir déi gréng e ganz wichtige Schrëtt ass, dee mir haut mam Stëmme vun deem Gesetz maa-chen.

D'Haaptzil war et, fir endlech Transparenz a Kloeerheet an iwwer 200 Joer gewuessene Wirr-warr bei de Besëtzhältnisser vu bal 500 Kier-chegebaier an eisen Dierfer a Stied ze kréien, genee wéi och Kloeerheet an der Relatioun tëschent Stat, Culte, Gemenge bei der Fro, wie firwat responsabel ass a wie firwat finanziell muss opkommen.

Och do si mer eise Bierger, an zwar alle Bierger am Land, egal ob gleeweg oder net gleeweg, et schëlleg gewiescht, fir dës Relatioun ze ent-stëbsen an eng nei, kloer, gerecht Regelung ze-summen auszuschaffen. An ech denken, dat ass och gelongen!

Ab elo ass d'kathoulesch Kierch fir den Ënner-halt vun deene Kierchegebaier verantwortlech, déi se fir hir reliéis Servicer brauch. An d'Ge-meng gëtt fir déi verantwortlech, déi d'Kierch net méi brauch oder net méi wëllt, a kann dann awer och aner Aktivitéiten do erlaben. An et gëtt och nach eng drëtt Kategorie, wou awer de Bistum muss averstane sinn, fir aner Aktivitéiten unzëbidde respektiv dem Gebai eng aner Bestëmmung ze ginn.

Wéi grad gesot, den Objektiv ass erfüllt. Mir hunn do elo eng kloer an eng transparent Opdeelung vun de Gebaier an nei, propper Re-gelen a puncto Ënnerhalt um Dësch leien.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hä-ren, erlaabt mer dann och, kuerz als Buerger-meeschter vun der Stad Déifferdeng awer e bësse vum lokalen Terrain ze erzielen.

Bei de Viraarbechten zu dësem Gesetz hunn esou munch Gemengemammen a Gemenge-pappen, esou munch Kiercheréit an och de Bis-tum selwer eréischt richtig gemierkt, wéi on-kloer ganz dacks d'Besëtzhältnisser vun de Kierchegebaier, de Paschtoueschhaiser an den Terraine waren, op deene se stinn. Fir etlech Objete gouf et guer keng Kadastereinträge, fir aner Objete gouf et onkloer Einträge. An et goufen der och erëmfonnt, déi de Géigendeel vun deem beluecht hunn, wouvun ee bis elo am Lokalen ausgaange war. Mam Vott an Akraaftriede vun dësem Gesetz wäert domad-der Schluss sinn.

Als Buergermeeschter war a sinn ech och direkt betraff a war am direkte Kontakt mat alle Par-teien. An ech muss hei ganz kloer soen, mir hate ganz pragmatesch a fair Gespräicher an eng gutt Zesummenaarbecht, wéi mengen ech an deene meeschte Gemengen.

► Plusieurs voix.- Très bien!

► **M. Roberto Traversini** (*déi gréng*).- D'Ge-meng huet dobäi kengem eppes op-gezwongen. Mir sinn higaangen an hunn d'Kiercheleit fir d'Éischt emol gefrot: „Wat sinn Är Besoinen? Wéi eng Kierch braucht Der res-pektiv wéi eng wëllt Der behalen?“, an hunn du gekuckt, ob dat der Gemeng kéint passen. An dank dëser oppener a fairer Gespréichs-approche hu mer och schnell eng Léisung fonnt: eng Eenegung, déi mam Gesetz elo ju-ristesche kloer ass, déi transparent ass an déi och gerecht ass par rapport zu allen Awunner, déi gleewen, déi net gleewen, déi Kierchegänger sinn an déi net Kierchegänger sinn.

An da geet et eis jo och ëm de kulturelle Wäert vun de Kierchegebaier, ëm de Patrimoine culturel, ëm de Patrimoine bâti. An och do gouf an deene leschte Jore ronderëm dës Dis-kussioun an d'Aarbechte vun dësem Gesetz wierklech e Réckstand opgehol. Et si vill Ge-baier geschützt ginn. Grad an de leschte puer Jore sinn elo vill Kierchen als wäertvoll a schüt-zenswäert Gebaier klasséiert ginn. An dat ass och gutt esou! An onofhängeg vun der Fro vun der reliéiser oder zukünftiger och vläicht net reliéiser Notzung gehéieren dës Gebaier säit „éiweg“, wéi een esou seet, zu eise Gemengen an zum jeeweilegen Duerf- oder Stadbild. An dat soll och esou bleiven. Wa se net ofgerappt gi sinn - dat ass jo och alt virkomm.

(Hilarité)

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll awer och nach e puer méi prinzipiell Iwwerleunge lassginn.



Mir sinn der Meenung, datt d'Relioun an d'Kierchen e wichtege Bestanddeel vun eiser Geschicht, eiser Kultur sinn, datt haut awer Relioun a Glawe Privatsaache sinn. Mir liewen haut an enger anerer Gesellschaft wéi zur Zäit, wou d'Kierchefabriken agefouert goufen. Während Lëtzebuerg deemools relativ uniform kathoulesch war an d'Kierch e selbstverständleche Bestanddeel vu jiddwerengem sengem Liewen, esou ass dat haut net méi de Fall.

Haut liewe mer an enger pluralistescher Gesellschaft. Reliounsfräiheet ass an eise Land verfassungsrechtlech garantéiert. An, an dat ass nach vill méi wichteg, et gëtt se och an der Praxis! Ech maachen dës Nuance, well dat leider net iwwerall op dëser Welt de Fall ass. De Stat muss an deem Sënn dann och de Garant vun der Fräiheet vum Einzelne sinn a muss dofir un éischter Stell reliéis neutral agéieren.

Un zweeter Stell ass et awer geneesou wichteg, datt de Stat sech och net an d'Reliounsugeleeeënheeten amëscht an d'Relioungsgemeinschaften sech och net an d'Stats- oder d'Gemeingengeleeeënheeten amëschen.

Et kann och net méi sinn, datt de Stat oder d'Gemenge weiderhin déi ganz Infrastrukturen, déi der Ausübung vun der kathoulescher Relioun déngen, ouni ze hannerfroen finanziell droe mussen. Allerdéngs muss de Stat och a senger neutraler Roll sécherstellen, datt gemeiss der Reliounsfräiheet d'Praktizéiere vun der Relioun, an eise haitege Fall der kathoulescher Relioun, weiderhi méiglech bleift.

Wann ech soen, datt de Stat sech neutral vis-à-vis vun de Reliounen a vis-à-vis vun de Bierger hirem private Glawen ze behuelen huet a sech net soll an Interna amëschen, da gëllt dat natierlech nëmmen esou laang, wéi d'Relioungsgemeinschaften déi gesetzlech Regeln akzeptéieren a respektéieren. An och dofir ass et wichteg, datt mir dat heite Gesetz haut stëmmen. Et ass, wéi scho gesot, e weidere Schrëtt, fir d'Regelen zur Relatioun tëschent de Kierchen engersäits an dem Stat an de Gemengen anersäits no 200 Joer endlech zäitgemeiss, transparent a gerecht ze definéieren.

Aus deemselwechte Grond vun der Neutralitéit vum Stat a vun der géigesäiteger Neta-mëschung ass et awer fir eis och kloer, datt déi aktuell Kontrovers ronderëm eng soi-disant Enteignung vun de Kierchefabrick kee Sträit mam Innenminister Dan Kersch oder mat der Regierung ass. Un deem Sträit dobaussen ass net d'Regierung schold, och wann Einzelner dat ëmmer nees behapten!

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Roberto Traversini** (*déi gréng*).- Dat ass en interne Sträit vun der kathoulescher Kierch, deen och do intern muss geléist ginn. Datt d'Kierchefabrick sollen opgeléist an d'Objeten all eenzel an den nationale Fong sollen iwwerfouert ginn, ass keng Iddi vun dëser Regierung. Neen, et ass eng Propos - an dat ass en essenzielle Punkt -, deen zukünftigen Immo-biliefong ass eng Propos vun der kathoulescher Kierch selwer!

A fir nach eng Nuance méi ze maachen: Et ass eng Propos vum Bistum, dat heescht, der Chef-etage vun der kathoulescher Kierch zu Lëtzebuerg, mat där awer manifestement net jiddwereen un der lokaler Kirchebasis d'accord ass.

Et geet also ëm intern Meenungsverschiedenheeten oder vläicht souguer ëm e Richtungssträit am Bezuch op déi zukünftige intern Organisatioun vun der kathoulescher Kierch zu Lëtzebuerg. De Bistum a säin hierarchesche Chef, den Aerbëschof, hu manifestement aner Iddien a Pläng wéi een Deel vun hirer Basis, wann et ëm d'Fro vum zukünftigen organisationellen Opbau vun der Kierch a speziell ëm d'Gestioun vum lokale Patrimoine vun de Pore geet.

De Stat huet sech un d'Regele gehalten a sech net an innerkierchlech Richtungsstreideeie agemëscht. De Stat huet sech fir seng Verhandlungen un déi kierchlech Hierarchie gehalten a mam Bistum, der offizieller kathoulescher Chef-etage, verhandelt. An op Basis vun enger pragmatischer a flexibeler Approche op béide Säite konnt och e propperen Accord fonnt ginn.

D'Politik huet der Kierch och net gesot: „Mir huelen elo d'Kierchen ewech!“, oder ëmgedréit. An därselwechter Logik, an dat ass och wichteg ze betounen, huet d'Regierung och d'Gemengen net forcéiert, all oder ebe guer keng Kierchegebaier ze iwwerhuelen. Dat ass eng Aufgab, déi de Stat ganz bewusst dem lokalen Niveau iwwerlooss huet, well d'Schäffen an d'Gemengeréit kenne jo am beschten déi lokal Befindlechkeeten, déi finanziell Méiglechkeeten an déi reliéis an zivill Besoinen.

Wat den Accord innerkierchlech als Konsequenzen huet, ob déi kierchlech Entscheedung vun der Reorganisation vun de Poren a vun der Verwaltung vun de Lännereien an Im-

moblie jiddwerengem innerhalb vun de Kierchestruture gefält oder net, dat si Froen, an déi sech d'Regierung ganz berechteterweis net amëscht. An eisen Aen ass et un der kierchlecher Hierarchie selwer, fir mat hire Strukturen a Memberen ze schwätzen an eens ze ginn. A wann de Bistum do ebe weénege kompromëssbereet war an d'Kritiker op daf Ouere gefall sinn, da kann een dofir net dem Stat - wéi soll ech dat soen? - de Schwaarze Péiter ginn.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Härren, déi gréng schaffe scho laang um Dossier vun enger propperer Entflechtung vu Kierch a Stat. Dat weist sech och ënner anerem dorun, datt an den 80er an den 90er Jore vill Question-parlementaire gestallt gi sinn. Eng entscheedend Initiativ vun eise Groupe parlementaire war d'Ufro bal genee viru siwe Joer, de 7. Januar 2011, fir en Débat d'orientation hei an der Chamber, deen dunn de 7. Juni stattfonnt huet.

De Kolleeg Claude Adam huet deemools eis Positioun zum Thema Trennung vu Kierch a Stat kloergemaach an dräi Motioune virgeschloen, eng zu Konventiounen tëschent Stat a Reliounsgemeinschaften, eng zur offizieller Zeremonie fir Nationalfeierdag an eng zum Wäerteunterrecht an de Schoulen. Eis Motioune sinn deemools zwar all ofgeleent ginn, mä et gouf awer eng alternativ Motioune vun den deemolege Regierungsparteien CSV an LSAP ugeholl, op déi sech den Innenminister Dan Kersch bei sengen Demarchen am Kader vun dësem Projet de loi konnt stäipen.

Réckbléckend muss ee soen, datt den Dossier dunn ab 2011 ëmmer méi eng staark Dynamik krut. Den deemolegen CSV-Kultusminister Biltgen huet en Experte-grupp agesat, fir iwwert déi Froen, iwwert déi mir haut schwätzen, Proposen ze maachen. An dee Groupe d'experts ass a sengem Rapport vum Oktober 2012 zu dräi Konklusiounen komm, déi ebenfalls zur Grondlag fir d'Virgeeweis vun dëser Regierung gehéieren. Eis Gréng freet et natierlech besonnesch, datt den Inhalt vun deene gréng Motioune vun 2011 sech duerno am gréng Wahlprogramm vun 2013 erëmfonnt huet. A well dës Iddien a wäiten Deeler och vun de Kolleegen mat der DP an LSAP gedeelt goufen, si se duerno och am Regierungsprogramm erëmfonnt ginn.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Roberto Traversini** (*déi gréng*).- Ënert där neier blo-rout-grénger Majoritéit sinn dunn och direkt konkret Demarchen ugelaft. Ech schwätzen hei vun der Aféierung vun enger neier weltlecher Feier zum Nationalfeierdag, dem neie Wäerteunterrecht am Secondaire an an de Grondschoulen an der éischter Ännerung vum Dekret vun 1809, déi mir am Februar 2016 an der Chamber ugeholl hunn. Bei deem Gesetz goug et ëm zwee grouss Volen: Den Defizit vun de Kierche muss zënterhier net méi vun de Gemengen iwwerholl ginn an d'Gemenge mussen och kee Paschtoueschhaus méi gratis zur Verfügung stellen. Dës wichteg Moderniséierung goufen deemools mat 34 Stëmmen ugeholl. Just d'CSV an d'ADR hunn dergéint gestëmmt.

Haut steet also mat deem Projet, dee mer haut wäerte stëmmen, eng weider Ännerung vum Dekret vun 1809 um Ordre du jour. D'Demarche vun der Regierung ass also eng konsequent Weiterentwicklung vun engem Prozess, dee mir scho laang ugestouss hunn.

Ech mengen, op deem Punkt ass all Mënsch d'accord, souwuel hei am Haus wéi och kierchenintern: Zënter enger Retsch Joren ass den Handlungsbedarf, fir déi al Regele vum 18. Jorhonnert endlech ze reforméieren an eng nei, modern a propper gesetzlech Basis ze schafen, ëmmer méi akut ginn. Dëse Konsens zum aktuellen Handlungsbedarf kann een, wéi schonn ugedeit, och zur Debat 2011 am Chamberblättchen noliesen. Ech kann dofir meng Ried net ofschléissen, ouni nach e bëssen op dësen Débat d'orientation anzegoen, wou de Claude Adam 2011 geschwat huet.

Eng vun de Problematike war justement d'Fro vun de Besetzverhältnissen, vun de Käschtenopdeelung tëschent de Gemengen a Kierchefabriken. A wéi grad gesot, do gouf et schonn en allgemenge Konsens zum Handlungsbedarf, och op CSV-Säit. Deen deemolegen CSV-Riedner, den Här Paul-Henri Meyers, huet zum Beispill gesot, an ech zitieren e ganz gär souguer:...

► **Une voix.** - Aah!

► **M. Roberto Traversini** (*déi gréng*).- ... „Eng drëtt Fro, déi gestallt ass, betrëfft d'Zuel vun de Kierchen, déi vun de Gemengen ënnere hale musse ginn. Dat ass eng wichteg Fro, déi en net onwesentleche Käschtepunkt duerstellt fir d'Gemengen. Gemengen, déi fusionéieren an déi 18 Kierchen oder Kapelle mussen ënnere halen am ländleche Raum, dat ass schonn eng

wichtig Fro an et kann een déi net einfach ignoréieren. Et muss ee sech där stellen an et muss ee kucken, wéi déi Problematik ka geléist ginn.“

Haut läit eng Léisung um Dësch. Bis elo hunn d'Gemengen all d'Ennerhaltskäschten an d'Defiziter vun de Kierchefabriken missen droen. An Zukunft dréit d'kathoulesch Kierch selwer e gudden Deel vun de Käschten.

An deem Kontext kann ech dann och net anescht wéi feststellen, datt dës Léisungspropos, op déi sech Politik a Bistum géenegt hunn, dach erstaunlech no un der grénger Propos vun 2011 läit. An ech zitieren de Kolleeg Claude Adam: „Duerfir géif eis eng zweet Méiglechkeet vill besser gefalen: D'Gemengen trieden d'Kierchegebaier un d'kathoulesch Kierch of, an d'Kierch muss dann och selwer fir den Ennerhalt vun hire Gebaier opkommen. D'kathoulesch Kierch kann da selwer entscheeden, wéi vill Gebaier se behale wëllt an ënnere hale kann. Déi Gebaier, déi se net brauch, ginn dann zrëck un d'Gemengen a kënnen dann eng nei Destinatioun kréien.“

(Interruptions)

Madamm Presidentin, léif Kollegeinnen a Kolleegen, erlaabt mer, zum Schluss nach eng Keier déi gréng Positioun ze resuméieren. Mir stëmmen haut iwwer e Léisungsusatz of, deen no laangem Hin an Hier an no ganz villen Diskussiounen engersäits e gesonde Kompromëss duerstellt tëschent dem Bistum engersäits an anersäits der ëffentlecher Hand. Et ass an der Logik awer och e Kompromëss am Sënn vun enger strikter Trennung vu Stat a Kierch. A mengen Aen, an den Ae vun der grénger Fraktioun ass dësen Text awer net just e Kompromëss, mä eng wierklech gutt Léisung. Et ass eng Léisung am Interêt vun der Saach a si ass och konform mat der Verfassung.

Mat dem Zweifel un der Verfassungskonformitéit, déi nach ëmmer vusäit vun de lokale Kiercheréit kommen, hat sech de Statsrot laang beschäftegt an ass zum Schluss komm, datt dëst Gesetz eis Verfassungsregele respektéiert, all! Engersäits läit de Ball elo bei der Kierch, déi ab elo selwer bestëmmen kann, wat hir Besoine sinn a wéi vill Responsabilitéit a Käschte si iwwerhuele wëllt. Anersäits ass et och eng modern an zäitgemeiss Approche, vun där all Bierger profitéieren. D'Kierchegebaier, déi net méi gebraucht ginn, kënnen ëmfunktionaliséiert an doduerch weiderhi sënnvoll fir d'Allgemengheet genotzt ginn. Am Ausland ginn et scho ganz flott Beispiller, sief et fir Bibliothéiken, Centre-culturellen, sozial Wunnengen, Hoteller, Gastronomie an esou weider.

A wéi scho gesot, dës Approche erlaabt et och, datt déi historesch a kulturell wäertvoll Kierchegebaier onofhängeg vun hirer reliéier oder ziviller Nutzung als architektonesche Patrimoine erhalte bleiwen. D'Kierch bleift also definitiv am Duerf!

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschten, an och Merci dem Minister fir déi gutt a laang Aarbecht, déi Der geleescht hutt. An ech soe „mengem“ Dan och Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Traversini. Als nächste Riedner hunn ech ageschriwwen den Här Gast Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Merci, Madamm Presidentin. Léif Kollegeinnen a Kolleegen, och vun eiser Säit e Merci un de Rapporteur, de Claude Haagen, fir säi Rapport an och fir d'Aarbechten an der Kommissioun, wéi hien déi geleet huet an déi ganz fair an objektiv gelaf sinn, och wa mer net alleguerten dëselwecht Meenung haten.

D'Gesetz vun haut ass de Schluss vun enger Rei vu Gesetz, déi an dëser Legislaturperiod am Zusammenhang mat der Trennung vu Kierch a Stat vun dësem Parlament gestëmmt gi sinn. E Réckbléck, wat schonns an dëser Legislaturperiod gemaach ginn ass, brauch ech net méi am Detail ze maachen, dat hu jo och scho meng Virriedner gemaach. Mä et muss een awer drop zrëckgoen, wou den Ufank war!

An zwar war den Ufank vun deem ganze Prozess de Referendum vum 7. Juni 2015, wou véier Froe sollte gestallt ginn. An déi véiert Fro war, ob d'Gehälter an d'Pensiounen vun de Paschtéier sollte vum Stat bezuelt ginn oder net. Duerch déi Fro ass de Bistum deemools erpresst ginn, fir ebe mat der Regierung an d'Diskussioun ze trieden, oder déi Fro géif am Referendum bestoe bleiwen. Net nëmmen de Bistum ass erpresst ginn, mä och d'CSV ass deemools erpresst ginn. An et huet misse kuerzfristeg en Accord fonnt ginn tëschent der CSV an de Majoritéitsparteien, ech menge bannent zwou Nuechten, fir do eng nei Formulierung vun dem Artikel vun der Verfassung ze fannen, wat dunn och geschitt ass an hei an der Chamber an enger Motioun och deemools ugeholl ginn ass.

Et war also um Ufank vun der Prozedur, géif ech soen, e clevere Schachzuch vun dëser Regierung, fir eben de Bistum an d'CSV souze-soen ze erpressen, fir se op dee Wee hei ze kréien.

D'Ofschafung vum Reliounsunterrecht war eng weider Etapp an der Grondschoul. An am Secondeaire ass en ersat ginn duerch de Wäerteunterrecht. Et ass eng Petitioun gemaach ginn, wou iwwer 25.000 Leit ënnerschiwwen hunn. Et war eng Protestmanifestatioun am Abrëll 2014 mat 2.500 Leit. Alles dat huet awer dës Regierung, déi jo ugetrueden ass, fir méi Transparenz, méi Demokratie, méi Matsproocherecht vun de Bierger ze garantéieren, net an hirem, ech soen et: „blannen Haass“ géint d'kathoulesch Kierch gestéiert!

(Interruption)

D'ADR huet géint dëst Gesetz gestëmmt. Mir sinn a bleiwe fir de Choix. D'CSV huet och géint dëst Gesetz gestëmmt, huet awer, dat muss ee fairerweis soen, an hirem Wahlprogramm d'Ofschafung vum Reliounsunterrecht am Secondaire stoe gehat.

Och d'ADR ass fir eng Trennung vu Kierch a Stat - mir hunn déi schonn e puermol an eise Wahlprogramm stoe gehat -, awer eng Trennung am Dialog mat de Kierchen an de Kierchefabriken an net mam Zil, d'kathoulesch Kierch wëlle füttizemaachen oder ze schwächen, mä am Respekt vun deem, wat d'Kierch an der Geschicht vun eise Land geleescht huet an och an Zukunft nach leeschte wäert a leeschte muss.

Wann dëst Gesetz och muss ofgeleent ginn, esou huet et dach awer e positive Punkt, näamlech datt d'Propriétéitsrechter vun de Kierchen ee fir alle Mol gekläert ginn. Ech mengen, dat war eng Suerg, déi jiddwereen hat, well mer doriwwer ni kloer Verhältnisse haten. Kee wousst, virun allem net an de Gemengen: Wat gehéiert der Gemeng, wat gehéiert der Kierch? Leider sinn och hei nach verschidde Punkten, déi net kloer sinn, déi onkloer sinn.

D'Madamm Polfer huet haut de Mëtten de Standpunkt vun der Stad Lëtzebuerg hei vertueden. A sécherlech wäert déi dote Fro och nach an deenen nächste Wochen a Méint fir Gespréich suergen an et wäert och nach net um Enn sinn, wat vläicht definitiv an alle Situatiounen d'Propriétéitsverhältnisse ubelaangt.

Da komme mer awer direkt op déi negativ Säit, d'Ofschafung vun de Kierchefabriken, déi iwwer 200 Joer al sinn hei am Land, wou Dausende vu Leit benevoll am Interessi vun der Kierch, eise Wäerten an eiser Kultur geschafft hunn. Déi 285 Kierchefabrick gi mat dësem Gesetz einfach ofgeschaaft! Et ass emol net mat hinne geschwat ginn! Jo, d'Regierung huet souguer refuséiert, mat der Vertriedung vun de Kierchefabriken, dem SYFEL, ze schwätzen an huet dem SYFEL emol keng Entrevue accordéiert.

D'Madamm Polfer huet mat Recht virdrun hei gesot, datt den Dialog stattfonnt huet, awer dat war um Niveau vun de Gemengen, tëschent Gemengen a Kierchefabriken. Awer um nationalen Niveau huet keen Dialog mat der Vertriedung vun de Kierchefabriken stattfonnt. D'Chamberskommissioun huet de 24. Juli d'lescht Joer de SYFEL empfaangen, a mir waren do bass iwwerrascht, wéi op eemol den Innenminister an der Kommissioun präsent war. Ech hu bei mir geduecht: „Dee Culot muss een hunn, de SYFEL als Minister an als Regierung net ze empfänken, ze refuséieren, a wann d'Chamber se dann invitéiert, da sech awer op eemol einfach mat un den Dësch ze setzen!“

Dat huet natierlech Protester vun eiser Säit erfuerdert, an de Minister hat dat och séier erkannt an agesinn, datt et besser wier, wann e sech géif aus der Kommissiounssëtzung zrëckzéien. Wann de Minister wierklech gären de SYFEL gesinn a geschwat hätt, hätt hien e jo kënnen invitéieren, och nach duerno! An et soll een net eng Chamberskommissioun mëssbrauche fir eppes, wat een als Minister net de Courage hat, fir selwer ze maachen.

(Interruptions)

Dëst Gesetz ass bewusst op d'Ofschafung vun de Kierchefabriken ausgerichtet. Dat war vun Ufank un d'Zil. Mëttel dozou war d'Argument, d'Gemengen aus der Obligatioun erauszehuelen, sech finanziell an den Dépensé vun enger Par ze bedeelegen. Duerfir ass de Fong geschaf ginn. D'Iddi war, méiglechst vill Kierchegebaier an de Fong ze iwwerginn. D'Resultat wier gewiescht, wa ganz vill Kierchen an de Fong komm wieren, datt de Fong hoffnungslos iwwerbelaacht gi wier an hätt missen a Rekordzäit quasi Faillite erklären.



Doriwwer eraus hat de Projet de loi virgesinn, datt d'Gemengen dem Fong keng Subventiounen dierfte ginn, oder de Fong dierft keng Subventiounen vum de Gemengen akzeptéieren. E schlaue Wee vun der Regierung, fir d'kathoulesch Kierch esou ze schwächen an zumindest ze versichen, se kleng ze maachen.

Dëst Attentat op d'Kierch ass awer Gott sei Dank ofgefiedert ginn, éischten, well nëmmen 128 Kierchen an de Fong iwwergaange sinn an 355 Kierchen am Besëtz vun de Gemenge bliwwen sinn, wat 73% ausmécht. Et kann een also soen, opgerénnt ronn 25% sinn am Fong a 75% bleiwe bei de Gemengen. An zweetens, well de Statsrot eng Opposition formelle gemaach huet zur Regierungsproposition, de Fong dierft keng Subside vun de Gemenge kréien an unhuelen.

Och de Gemengeverband Syvicol huet sech dergéint opposéiert, well d'Gemengenautonomie domadder géif ënnergruewen ginn. D'Regierung huet doropshi missen noginn, soudatt elo d'Gemenge sech iwwer e Subsid oder eng Konventioun un de Restauratiounsarbechten u Kierche kënnen finanziell bedeelegen.

D'CSV hat an der Kommissioun en Amendement erabruucht, deen och déi Subventioun virgesinn huet mat engem Maximum vu 75%, wat am Fong méi schlecht war, wéi dat elo zum Schluss am Gesetz festgehalen ginn ass, well do war kee Plaffong virgesinn, wat d'CSV och dozou gefouert huet, datt se an der leschter Sëtzung hiren Amendement zréckgezunn huet, well et wier eng Verschlechterung vis-à-vis vum Gesetz gewiescht.

D'Kierchen an hirer Gesamtheit si bái Wäitem dee gréisste Patrimoine culturel, dee mer hei am Land hunn. An et ass duerfir och nëmmen normal a wichteg, datt souwuel de Stat wéi och d'Gemengen niewent dem Propriétaire fir den Erhalt vun dësem Patrimoine suergen a mat responsabel sinn.

Ech mengen, et ass keen heibannen, an dat ass an den Diskussiounen erauskomm, deen dat a Fro stellt. Da muss mer och, wa mer dat éierlech mengen, responsabel derfir suergen, datt eis Kierchen a Kapelle queesch duerch d'Land, déi jo awer haut relativ alleguer an engem gud-den Zoustand sinn, och fir déi kommend Generatiounen e Bild bleiwe vun enger schéiner Kultur, soudatt mer keen Interêt hunn... Ech war a Frankräich. Wann Der do d'Kierche kucken gitt, do ass och eng Trennung vu Kierch a Stat duerchgezunn ginn, a wann een do vill Kierche kucken geet, wat och e formidable Patrimoine culturel ass, wéi dee lues a lues futtgeet, dat ass einfach schued. An esou eppes dierf hei an deem Land net virkommen!

Zu de Kierchefabricken an dem Fong awer selwer: Hei ginn einfach iwwer Gesetz d'Kierchefabricken ofgeschafft, e Fong gëtt geschafft an d'Propriétéiten an de gesamte Patrimoine vun de Kierchefabricken ginn op de Fong iwwerschräwwen. D'Kierchefabricken hu schonns zënter 200 Joer, ier et e Lëtzebuerger Stat ginn ass, eegestänneg als Personnes morales fonctionnéiert a selbststänneg Akte gemaach an ënnerschräwwen. Datt si ënnert der Tutelle vum Bistum stoungen, beweist hir organisches Eegestännegkeet, soss hätten d'Vertreeder vum Bistum selwer déi Akten ënnerschräwwen.

Dës fir eis gesetzlech Expropriatioun ass duerfir verfassungswidder, well d'Kierchefabricken keng staatlech Etablissementer sinn, mä Organismes de droit privé. De Fong soll eng Personne morale de droit public ginn a gëtt «placé sous le contrôle de l'Archevêché».

D'Fro, déi ee sech hei muss stellen: Wien ass dann elo Propriétaire vum Fong? D'Kierchefabricken gëtt et net méi a si gehéieren och net dem Bistum. Se si just ënnert der Kontroll vum Bëschof. Si sinn also selwer vu sech Propriétaire, awer et ass keng Kierchefabrik méi do an de Bistum ass och net Propriétaire. De Stat huet och vill Etablissementer a Fongen, mä do ass de Stat Propriétaire. Hei ass de Fong just ënnert der Kontroll vum Bëschof.

Normalerweis, wa Propriétéiten de Besëtzer wiesselen, ginn Akte gemaach an ënnerschräwwen. Hei ginn einfach per Gesetz d'Besëtzerverhältnisse geännert. Et ass eng Expropriatioun, wou de Propriétaire, nämlech d'Kierchefabricken, zu kengem Moment, net mat engem Wuert oder engem Brëf kontaktéiert nach gefrot ginn ass, jo, wéi virdru scho gesot, net emol vun der Regierung oder dem Minister empfaange ginn ass!

Wat d'Propriétéiten vun de Kierchefabricken ugeet, huet weder de Bistum nach de Stat ausser hirer Kontrollfongion eppes ze soen a

schonns guer näischt ze decidéieren an ze ënnerschreien, genausou wéi dëst Gesetz sech op eng Konventioun baséiert, déi eiser Meinung no keng juristesche Basis huet. Weder de Bëschof nach den Innenminister oder soss e Regierungsmember waren a si kompetent, fir esou en Dokument ze ënnerschreien. D'Folleg vun dëser an eisen Aen illegaler, verfassungswidder Expropriatioun ass dann elo sécher, datt Prozesser bis zur Cour constitutionnelle a bis op Stroossbuerg wäerte féieren. Hei gëtt dann och iwwert déi Froen decidéiert, wou de Statsrot a sengem Gefällegkeetsavis stillschweigend driwwer ewechgaangen ass.

Dëst Virgoen ass kee Respekt, och wa Virriedner hei vum onheemleche Respekt vum Benevolat vun all deene Leit geschwat hunn, mä dës Virgoensweis ass kee Respekt vis-à-vis vun deenen Dausende vu Leit, déi an eiser Gesellschaft benevoll an de Kierchefabricken iwwer 200 Joer geschafft hunn, am Interessi vun der Kierch, eise Wäerter an eiser Kultur.

Dëst Gesetz gëtt elo mordicus duerchgebaatscht, amplaz datt dës an aner Froen virun allem an aller Rou gekläert gi wieren.

Nach ee Wuert zum Verhältnis vu Bistum a SYFEL. Datt et grouss Differenzen tëscht dem Bistum an de Kierchefabricken gi sinn an och nach ginn, huet natierlech d'Regierung arrangéiert. Esou hunn den Innenminister an de Statsminister dat och ëmmer genësslech zum Ausdruck bruecht, andeems se sot, wann de Bistum an d'Kierchefabricken sech an engem Accord géifen eens ginn, hätt d'Regierung kee Problem, deen Accord am Gesetzestext ze iwwerhuelen.

Op RTL sot den Här Innenminister: „Et ass e Problem tëscht dem Bistum an dem SYFEL. Wa si sech eens ginn, stinn ech net am Wee.“ D'Regierung hat sécherlech net mat engem Arrangement an engem Accord tëscht dem Bistum an dem SYFEL gerechent, well wéi deen Accord do war, wollten d'Regierung an den Innenminister näischt méi vun hiren Aussoen a Versproche vu virdru wëssen.

A wann hei virdru gesot ginn ass vu Majoritätsdeputéierten, datt et de Bistum gewiescht wier, deen dat proposéiert hätt, dann huet dat d'Regierung arrangéiert! Mä hei muss ee soen, hei hunn de Bistum an de SYFEL eng Léisung, en Accord presentéiert. Firwat huet d'Regierung dann deen Accord net ugehall, deen tëscht dem Bistum an dem SYFEL war? Do gesäit ee ganz kloer, datt et net de Bistum an de SYFEL waren, déi d'Ursach waren, mä d'Regierung wollt dee Fong do kréien a wollt och déi Expropriatiounen esou duerchzéien.

Madamm Presidentin, datt de Bistum sech beim Referendum erpresse gelooss huet, dat Spillchen och zum Deel matgemaach huet, ass fir vill Leit onverständlech. Et kann dach sécherlech net sinn, datt de Bistum nëmmen um Verméige vun de Kierchefabricken interesséiert wier an net um gudde Fonctionnement vun hiren Paren! Dat gleewe mir net.

D'Kierchefabricken waren dach averstanen, tëscht de Kierchefabricken eng gewësse Solidaritéit spillen ze loossen, a wou méi räich Kierchefabricken een Deel vun hirem Patrimoine gäre mat anere Kierchefabricken gedeelt hätten. Haut ass gesot ginn, dat wier net méiglech gewiescht opgrond vum Gesetz. E Gesetz kann een änneren! Dee Beweis kréie mer haut hei. Wann dat also de Wonsch war vun de Kierchefabricken, hätte mer dat Gesetz jo kënnen deementspreechend änneren, wann et esou net hätt solle méiglech gewiescht sinn.

An eleng och elo duerch d'Tatsach vun der interner Reorganisatioun vun de Paren, wou et méi grouss Pare ginn an doduerch Paren zesummegeleecht ginn, wier eng Solidaritéit tëscht de Kierchen entstanen, well eben do méi Kierchefabricken an enger Par zesumme sinn.

Madamm Presidentin, ech gesinn, meng Zäit ass schonn eng Minutt ofgela. Ech soen Iech Merci, Madamm Presidentin, datt ech déi Minutt da weider kréien.

Zum Schluss wëll ech soen, datt mat de Gesetz, déi an dëser Legislaturperiod am Zesummenhang mat der Trennung vu Kierch a Stat gestëmmt gi sinn, a mat deem wat haut gestëmmt gëtt, d'Regierung, ënnert der Leedung vun enger Lénker Regierung DP/LSAP/Gréng, ënnestëtzt vun de Lénke Kollegen, et wierlech fäerdegbruecht huet, d'Basis ze leeën...

(Interruptions)

► **Une voix.** - En marche!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR). - En marche, jo! ...d'Basis ze leeën, fir de Versuch ze maachen, d'kathoulesch Kierch mëttelfristeg füttizemaachen, wat hinnen net wäert geléngen, mä si wäerte se heiduerch staark kënnen schwächen. A mat der Kierch gëtt dann och automatesch e Stéck vun eiser Geschicht, eise Wäerter, Traditionen an e Stéck vun eiser Identitéit füttizemaach.

D'ADR wäert sech net dorunner bedeelegen a géint dëst Gesetz stëmmen. A mir versprechen, datt, wann d'ADR an der nächster Regierung vertruede wier,...

(Brouhaha)

...dëst Gesetz géif ofgeännert ginn.

(Brouhaha et hilarité)

Dir hutt alleguer e gelungen Demokratieversteedemech!

(Interruptions)

Mir hunn als ADR Vertrauen an d'Wieler. A mir versprechen, datt, wann d'ADR an der nächster Regierung vertruede wier, géif dëst Gesetz ofgeännert ginn, fir datt d'Kierchefabricken erëm zu deem kommen, wat hinne gehéiert. Ob eng CSV bereet ass, mat op dee Wee ze goen...

(Interruption)

...an de Wielerwëllen ze respektéieren, dat gesi mer dann nom 14. Oktober. Ech soen Iech Merci.

(Brouhaha et hilarité)

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci, Här Gibéryen.

► **Une autre voix.** - Dir sidd e Witzbold!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Als nächste Riedner hunn ech ageschriwwen: den Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*). - Merci, Madamm Presidentin. No där kabarettistescher Alag hei vu mengem Virriedner, deen dovunner dreemt, datt et hei zu Lëtzebuerg eng Lénksregierung géif gi mat der Ennerstëtzung vun der Lénker, deem wëllt ech awer entgeinthalen, datt, wa mer iergendwann eng Kéier...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR). - Neen, neen, ech hat gesot, datt et géif e Gesetz gi vun enger Lénksregierung mat der Ennerstëtzung vun der Lénker!

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*). - Jo, ech géif dës Regierung net als „Lénksregierung“ qualifizéieren. Mä mir kënnen eng Kéier de Bilan maachen, Här Gibéryen, wéi eng Fraktioun, d'ADR oder déi Lénk, méi Projekte vun der aktueller Regierung mat ënnestëtzt a mat votéiert huet. An ech mengen, datt Der dann esou Aussoe wéi déi dote relativiséiert.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*). - Très bien!

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*). - Madamm Presidentin, bis op eben elo just mä Virriedner war et jo eigentlech eng ganz roueg Diskussioun, déi ganz sachlech an onpolesch ofgelaft ass an déi och deem entgéintgesprach huet, wou et heiansdo dobauss gewierkt huet, wéi wann hei e Kulturkampf amgaange wier. Dat ass net de Fall. Hei verüübt och, mengen ech, keen en Attentat op iergenden aneren. Dat ass net de Fall. Ech hu virdru der Madamm Polfer intensiv nogelauschert an ech hunn ee Moment geduecht: „Wa se elo esou weiderfiert, da fänkt se geschwënn un den Te Deum unzestëmmen“, esou solennel war d'Stëmmung an esou kollektual. An esou eng respektvoll Attitüd och par rapport zur kathoulescher Kierch als Ganz, mengen ech, huet déi lescht dräi Joer oder déi lescht véier Joer markéiert.

Duerfir ass et och net richteg, wann d'Madamm Adehm an enger vun hiren éischten Ausféierunge gesot huet, datt d'Regierung elo kéint soen, et wier Mission accomplie, d'Trennung vu Kierch a Stat wier domadder quasi ofgeschloss. Well ech mengen, dat hei ass keng Trennung! Et ass eng Entflechtung vun de Relationen tëscht der éffentlecher Hand an de Kierchen, an der Kierch, an dësem Fall der kathoulescher Kierch. Et ass eng Reform, déi an deene leschte véier Joer a verschiddenen Etappe virgeholl ginn ass: d'Ofschaf vum Reliounsunterricht als Deel vun der éffentlecher Schoul, déi éffentlech Subventionéierung, also d'Konventiounen si reforméiert ginn.

An elo kënn den zweeten Akt vun der Reform vun de Kierchefabricken, wou mer virun zwee Joer schonn d'Obligatioun, fir d'Paschtoueschhaiser ze finanzéieren, vun de Gemengen ewechgeholl hunn, gradesou wéi den Defizit vun de Kierchefabricken, dee misst duerch d'Gemenge finanziert ginn.

An deenen dräi Hauptberäicher, iwwert déi mer elo schwätzen, kann ee sécher mat der Regierung iwwert d'Envergere diskutéieren, iwwert d'Vitesse, iwwert d'Ausmooss oder verschidde Modalitéiten, déi mir och eventuell anescht gesinn hätten. Mä op jidde Fall muss een awer der Regierung zugestoen, datt mer grundsätzlech an enger Approche eens sinn, nämlech datt d'Relioun an d'Reliounen als Geweinsinhalte näischt mat der institutioneller Struktur vum Stat ze dinn hunn an datt ëmgekeiert och de Stat sech gefällegst erauszehalen

huet aus der interner Organisatioun vun de Reliounsgemeinschaften.

An Entflechtung heescht am Géigesaz zur Trennung net, datt een näischt méi mateneen ze dinn huet, well och nom Akraaftriede vun deem heite Gesetz wäerten op kommunalem Plang déi eenzel reliéis Communautéiten nach mat der éffentlecher Hand ze dinn hunn, an och deemno wéi souguer finanziell ze dinn hunn.

Déi kathoulesch Kierch huet bis viru Kuerzem, an do sinn och schonn eng ganz Rëtsch Virriedner drop agaangen, eng ganz Rëtsch Privileegie gehat, déi aus historesche Grënn gewuess sinn an déi eng reell Bevirdelegung par rapport zu anere Glawensgemeinschaften oder och Netglawensgemeinschaften duergestallt hunn. Dës Privileegie waren u sech schonn en Anachronismus a si waren awer och virun allem net ugepasst un déi gesellschaftlech Realitéiten vun haut.

D'Madamm Polfer an den Här Traversini hu virdru e bëssen aus hiren Gemengen erzielt. Ech wëll dat dann och maachen.

Wéi ech als jonke Gemengerot virun zéng Joer zu Esch an enger vu mengen éischte Sëtzunge konfrontéiert war mat engem Punkt um Ordre du jour, wou dropgestanen huet, datt d'Gemeng misst hiren Accord ginn, datt eng Kierchefabrik zu Esch kéint eng Successioun unhuelen - well eng Madamm gestuerwe war a si hat an hirem Testament festgehalen, datt dat der Kierchefabrik sollt zeguttkommen -, war ech bass erstaunt, datt mer net 1809, mä 2009 an der Situatioun waren, datt e Gemengerot doruwwer ofzestëmmen hat, wat mat dem Testament vun enger Fra geschitt, déi der kathoulescher Kierch, an dësem Fall an der Form vun der Kierchefabrik, wollt eppes vermaachen. Och dat loosse mer mat deem heite Gesetz sinn. Och déi Tutelle iwwert d'Kierch loosse mer sinn, d'kathoulesch Kierch an dësem Fall.

Wat bedeit dësen Text elo? Bon, eng 285 Kierchefabricken ginn elo am Fong zesummegefouert. Dëst ass geschitt am Accord mam Bistum, also am Accord mat der kathoulescher Kierch! Also, et kann een net soen, datt d'Kierch als Ganzt virun e Fait accompli gestallt gi wier oder iwwert den Dësch gezu gi wier, erpresst gi wier! Et ass eng Iddi, déi scho méi al ass wéi d'Fro nom Referendum. An d'Kierch war eigentlech Demandeur fir esou eng Reform a si war Initiateur vun enger Iddi, fir esou e Fong ze schafen.

Dës Zesummefaassung, dës Regruppéierung vun deene ville Kierchefabricken an am Fong elo enger grousser Kierchefabrik ass och parfaitement legal. Wann een eppes un de Kierchefabricken änneren wëllt - an ech mengen, do gëtt et awer vläicht bis op d'ADR e Konsens -, da muss een dat iwwer Gesetz maachen, well d'Kierchefabricken sinn och iwwer Gesetz geschaf ginn. Also kann een all Ännerung, déi mat hinnen an dorunner geschitt, och just iwwer Gesetz maachen.

An de Fong huet d'Form, d'juristesche Form vun der Personne morale de droit public, dee gëtt ugesi wéi en Etablissement public, also och déi Form, wéi de Statsrot bis elo déi eenzel Kierchefabricken ugesinn huet. Duerfir kann een, mengen ech, beim allerbeschte Wëllen net vun Expropriatioun schwätzen.

A genee duerfir ass dat heiten och keng Trennung am strikte Sënn, well dësen Etablissement public huet awer och eng ganz bestëmmte Kuriositéit: E steet nämlech net ënnert der Autoritéit vun engem Minister oder engem Ministère, mä e steet ënnert der Autoritéit vum Äerzbëschof, deen d'Membere vum Conseil d'administration nominéieren oder revoquéieren kann.

Datt ass definitiv keng Trennung vu Kierch a Stat, mä dat ass e Wee gesicht zu enger Entflechtung, e Wee, deen, wann ee sech d'Komplexitéit vum Dossier ukuckt, sech och eis awer als en net nëmme gangbaren, mä och sënnavollen Wee duerstellt. Och wann ee sécherlech hätt kënnen - net dovunner dreemen, mä awer - méi wäitsichteg sinn a soen, déi Entflechtung hätt nach misse méi wäit goen. Mä ech mengen, datt an deenen heite Circoustancen an ouni wëllen e Kulturkampf lasszetrëppelen et eng sënnavoll Initiativ ass.

Den Text huet awer och virun allem de Virdeel, datt en Transparenz schafft an och endlech d'Besëtzerverhältnisse klärt, datt d'Tutelle vun der éffentlecher Hand, déi bis elo bestanen huet, reduzéiert gëtt, datt d'effentlech Hand net méi an deem Conseil d'administration vertrueden ass an datt en toute autonomie de Bistum kann iwwer seng eege Propriétéit, am Kader vum Gesetz natierlech, decidéieren.

An ech mengen, et soll ee sech awer och näischt vermaachen! Dee Fong, dee Patrimoine vun deenen 285 Kierchefabricken, deen elo an ee Fong regruppéiert gëtt, dat wäert en zimlech enorme Patrimoine sinn, wahrscheinlech



ee vun deene gréissten Immobiliebesëtzer hei am Land. Well déi eenzel Kierchefabriken hunn deelweis och ganz vill Immobilie gehat, an et ass dovunner auszegoen, datt d'ékonomesch Aktivitéiten, déi dee Fong mécht an déi e rationell maache kann, datt en déi méi rationell vläicht maache kann, wéi wann en ënnert 285 opgedeelt ass, an datt dee sécherlech wäit dovunner ewech ass, fir ganz deemnächst wäerten a Faillite goen ze mussen.

An duerfir och den zweete grouss Punkt, d'Propriétéit, déi endlech gekläert ginn ass, engersäits deelweis an engem laange Prozess, wou ee probéiert huet, Akten ze retabléieren oder ze kucken, wíem wat gehéiert. Mä awer och d'Propriétéit am Sënn, datt souwuel d'Gemeenge wéi och de Fong opgefuerdt gi sinn, eng Responsabilitéit ze iwwerhuele fir hir eege Propriétéit. Dat heescht, wann de Fong Besëtzer ass vun engem Édifice religieux, dann ass et och de Fong, dee fir d'Reparaturen, d'Fassadenaarbechten et cetera opkomme muss, esou wéi e Propriétaire dat jo eigentlech och sollt maachen.

Duerfir hu mir als Lénk d'Philosophie vum Gesetz och ganz interessant fonnt, fir ze soen, ma déi Entflechtung besteet doranner, datt de Propriétaire, dee jo och misst d'Jouissance eigentlech dovunner hunn - a ganz ville Fäll d'Gemengen -, datt et sënnvoll wier an an der Logik vum Gesetz, wann d'Gemeenge géifen dohinnergoen an dem Fong déi Propriétéit och zoukomme loosse.

Ech gesinn awer, datt leider just e Véierels, ronn e Véierels vun de Gemeengebaier an deem dote Fong transferéiert gi sinn; well dat eigentlech déi logesch Suite vun deem Gesetz wier. A wann ee sech ukuckt, wéi eng Gemeengen dat sinn, déi deelweis dorobber net zrëckgegraff hunn, dann, mengen ech, kann ee sech awer zumindest eenzel Froe stellen: ob d'Majoritéit wierklech an alle Punkten d'Philosophie suivéiert huet oder eenzel Memberen aus der Majoritéit d'Philosophie suivéiert hunn, oder ob net vläicht den Zäitpunkt, wou déi Decisioun huet misse kommen, nämlech e puer Méint virun de Gemengewahlen, dozou gefouert huet, datt eng ganz Rëtsch Leit kal Feiss kritt hunn.

Madamm Presidentin, ech mengen, datt dat heiten, deen heiten Text e Schrëtt ass, e klengen awer wichtege Schrëtt net nëmmen zur Entflechtung, mä zu der Normaliséierung vun de Bezéiungen tëschent der öffentlecher Hand an der Kierch. An dat ass och e Wäert! E Wäert, deen, mengen ech, bis elo nach net esou staark hei vun den eenzelne Riedner ugeschwat ginn ass.

Et ginn aner Beräicher, wou mer et mat Konfessiounen, mat reliésen Akteuren ze dinn hunn, wou eng Trennung au sens strict scho wesentlech méi wäit ass a wou déi Leit awer nach ëmmer Akteuren an eiser Gesellschaft sinn. Ech denke just un Uerdensgemeinschaften, déi net mam Stat verflecht sinn an déi awer ekonomesch Aktivitéiten hunn, déi Spideeler bedriewen, déi Schoule bedriewen. An ech mengen, datt d'Aart a Weis, wéi d'öffentlech Hand domadder ëmgeet an awer eng Relatioun trotzdeem nach ëmmer huet mat de Glawengsgemeinschaften, datt dat och e Virbild ka si fir d'zukünftge Entwécklungen an der Relatioun tëschent de Kierchen, de Reliöngsgemeinschaften an dem Stat.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An nächstens ageschriwwene Riedner ass den Här Michel Wolter.

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Merci, Här President, fir d'Wuert. Beim Projet de loi 7037, dee mer elo zur Diskussioun hunn, geet et den Auteure vum Projet dorëms, wéi si soen, d'„Trennung“ vu Kierch a Stat definitiv ze maachen, dat an der Suite vun aneren Aktiounen, déi an deene leschte Jore gemaach si ginn. Et ass interessant ze gesinn, dass et eleng schonn op deem Wuert eng ganz Rei vun Nuancen de Mëtten hei gi sinn, well ech tëschent der Wuertmeldung vum Här Haagen an der Wuertmeldung vun der Madamm Polfer méi wéi Nuancen erausgespuert hunn iwwert d'Portée vun deem, wat de Mëtten hei soll geschéien.

Ass et dann esou, dass d'Punkten alleguerge geregelt ginn, wéi dat hei vum Rapporteur behaapt ginn ass? Sinn déi richteg Optione geholl ginn, fir zum Zil ze kommen? Oder risquéiert de Projet net villméi, an eng laangwiereg Verlängerung ze goen? Dat sinn déi Punkten, déi ech wëll elo an deenen nächste Minutte behandelen. Ech géif dat wëllen a siwe Kapitele maachen.

Éischtens, d'Basis schonn, d'Konventioun tëschent dem Innenminister an dem Aertz-

bëschof werft eng ganz Rei vu Froen op. War den Innenminister iwwerhaupt habilitéiert, d'Regierung eleng ze engagéieren? Ech mengen net. D'Kompetenz vun der Relatioun mat de reliéise Gemeinschaften a besonnesch d'Froen a Relatioun mam Artikel 22 vun eiser Verfassung stinn nämlech an der Organisation vun der Regierung net am Ministère de l'Intérieur, mä am Ministère des Cultes, am Kultusministère; Minister, dee mer an deene leschten dräi Joer an och de Mëtten hei awer net erbléckst hunn.

De Kultusminister hätt d'Regierung kënnen engagéieren, wahrscheinlech - no menger Analys - zesumme mam Innenminister, well den Innenminister eng Rei vu Kompetenzen huet.

Gëtt et, Dir Dammen an Dir Hären, keng Délégation de signature duerch de Regierungsrat virum 26. Januar 2015, da läit mat Sécherheet e Formfeeler vir, deen zur Nullitéit vun der Konventioun wäert féieren. Och de Pouvoir de signature vum Äerzbëschof gëtt viru Geriicht contestéiert. Dëse Sujet beweegt sech awer ausserhalb vu menger haiteger Interventioun an Analys, mä riskéiert ebenfalls zu Konsequenzen ze féieren.

En drëtter Partner, d'Gemeenge souzen iwwerhaupt net mat um Dësch. De Minister huet sech fir si an an hirem Numm quasi engagéiert, wat a mengen Aen net geet. En huet keng Habilitatioun dozou gehat.

Zweetens, den Artikel 22 vun der Verfassung definéiert d'Relatiounen tëschent Kierch a Stat a seet ënner anerem: «(...) les rapports de l'Église avec l'État, font l'objet de conventions à soumettre à la Chambre des Députés pour les dispositions qui nécessitent son intervention.»

Dëst war den Auteur bewosst, wéi se d'Konventioun ënnerschriwwen hunn, well si referéiere sech expressis verbis am Artikel 2 dorop. D'Approbation vun der Chamber ass a mengen Aen e Prealabel - d'Approbation vun der Chamber vun där Konventioun -, fir kënnen ze legiferéieren. Den Artikel 22 vun der Verfassung ass d'interprétation stricte, soss bräicht en net an der Verfassung ze stoen. Elo gëtt probéiert, dësen Artikel ze ëmgoen, andeem behaupt gëtt, d'Konventioun misst net der Chamber virgeluecht ginn, mä et géif duergoen, déi Dealer vun der Konventioun, déi d'Chamber betreffen, duerch Gesetz ëmzesetzen. Ech kann esou eng Analys net deelen.

All Konventiounen, esou gesäit d'Verfassung et vir, déi d'Interventioun vun der Chamber verlaangen, an dës Konventioun mécht dat, sinn der Chamber virzeleeë pour vote. «La convention est soumise», net «une partie de la convention est soumise». Eventuell Artikelen, an dat ass d'Restriktioun am Artikel 22 vun der Verfassung, eventuell Artikelen, déi keng Interventioun vun der Chamber no sech géifen zéien, well se näischt mat der Chamber ze dinn hätten, déi kéinten da beim Depot virun der Chamber ewechgelooss ginn.

Hinzegoen an eng Interpretatioun ze maachen, déi déi ass, déi d'Majoritéit hei mécht, dat ass a mengen Aen absolut net konform zu der Verfassung. All aner Artikelen sinn nämlech der Chamber virzeleeën. An an därer spezifischer Konventioun geet et nëmmen ëm eenzege Artikel. Et ass een eenzege Artikel, deen eng Multitude souwuel vu prozedurale wéi och legislativen Handlung vum der Chamber no sech zitt.

Vu dass déi ganz Konventioun nëmmen een Artikel huet, ass et evident, dass d'Chamber se hätt misse ratifizéieren an den Datum festleeën, wou se a Kraaft trëtt. Gëtt dës Konventioun net vun der Chamber ratifizéiert, ass se a mengen Aen null an nîcheg a kann och keng Gesetzger no sech zéien. Esou steet et an der Verfassung.

Dëst ass ganz wichteg, well haut net nëmmen net déi Ratifikatioun virgeholl gëtt, mä och Dealer vun der Konventioun net ëmgesat ginn. Ech ginn ee Beispill: Et steet an der Konventioun, dass am «cas de désaccord» tëschent de Gemengen an de Fabriques d'Église «le législateur tranchera de l'affectation d'une église à la commune et au fonds, l'Archevêché entendu en son avis». (veuillez lire: «En cas de désaccord, le législateur tranchera, l'Archevêché étant entendu en son avis.»)

Dëst ass net geschitt. Et gëtt keen Document parlementaire dozou. Deemo ass eng essenziell Clause vun der Konventioun tëschent dem Innenminister an dem Bëschof net respektéiert, an déi en direkte Lien a Konditiounen och zu enger drëtter Partei, nämlech de Gemengen, huet.

Drëtten Deel, den Établissement public. Et gëtt e Fong geschaaft, deen zumindest zum Deel, wann net ganz de Statut vum Établissement public kritt. Erfëllt dëse Fong d'Kritäre vum Établissement public, esou wéi mer se haut gesinn? Ech mengen net. Nom Pierre Majerus an och no der Regierung selwer definéiert en Établissement public sech ënner enger Rei vu Konditiounen. E muss «un ou plusieurs services pu-

blics déterminés» geréieren an e muss dat maachen «sous le contrôle tutélaire de l'État».

Fir dem Reproche vun der Enteeignung vun de Kierchefabriken ze entgoen, well dorëms geet et jo eigentlech an där heiten Diskussioun, gëtt argumentéiert, bei de Kierchefabriken hätt et sech jo säit éiweg ëm Établissements publics sui generis gehandelt an déi géifen elo duerch en aneren Établissement public sui generis ersat ginn.

Dës Interpretatioun ass contestabel a si ass och contestéiert. De Fong, deen haut geschaaft gëtt, erfëllt mat Sécherheet d'Konditiounen vun engem Établissement public anno 2018 net. Et ass interessant ze gesinn, dass de Kolleg Baum, dee jo am Prinzip och ganz staark fir d'Trennung vu Kierch a Stat - op jidde Fall seng Partei - antrëtt, elo just hei op der Chambertribün gesot huet: „Jo, mir sinn am Prinzip fir d'Trennung vu Kierch a Stat, mä do, wou et eis arrangéiert, do si mer awer d'accord, dass de Bistum awer eng Rei vun öffentleche Kompetenze kritt.“

(Interruption par M. Marc Baum)

An dat geschitt hei! Dat geschitt hei! De Bistum kritt per Gesetz fir en Deel vu sengen Aktivitéiten, «les besoins matériels liés à l'exercice du culte catholique», en öffentleche Statut zougesprach, dee sech elo net méi kann op eng véruste Legislatioun vun 1809 baséieren a referéieren, mä deen eigentlech d'Kritäre vun enger moderner Legislatioun hätt missen erfüllen.

Haut geschitt net d'Trennung vu Kierch a Stat op deem doten Domän, haut geschitt de Contraire! De Contraire! En Deel vum Bëschof sengen Aktivitéite kréien en definitiv öffentleche Statut zougesprach. Derniewent, an dat ass eng vun de Konklusiounen a vun de Konsequenzen, kritt all Decisioun vum Bëschof am Kader vun dësen Aktivitéiten de Statut vun enger Décision administrative, déi virum Verwaltungsgericht ugefecht ka ginn.

Véiertens, d'Plaz vun de Gemengen an der Relatioun mam Ministère de l'Intérieur. D'Gemeenge spillen am politeschen a gesellschaftlechen, kulturellen a kultuelle Liewe vun eisem Land eng wichteg Roll. De Prinzip vun der Autonomie communale ass e Fundament, op deem sech dës Aktioun beweegt, an ass och an der Verfassung verankert. D'Tutelle vum Stat ass eng Tutelle légale, keng Tutelle d'opportunité. Et ass net um Minister, de Gemeenge virzschreiwen, wéi a wou a wéini an ënner wat fir enge Konditiounen si hir Gemengen organiséieren, ausser si géife Gesetzger brieche oder si wäeren am Widdersproch zum Intérêt général. Sou gesäit et den Artikel 103 vum Gemeengegesetz vir.

A wann een, Dir Dammen an Dir Hären, vun de Gemeenge verlaangt, dass si sech un d'Gesetzger halen, da muss een datselwecht bei sech selwer maachen, soss verléiert een all Kredibilitéit. Or, an dësem Dossier ass kaum eng Aktioun vum Innenminister, déi legal d'Strooss hält. Et kann een iwwer villes diskutéieren, iwwert d'Aart a Weis, wéi een et mécht, mä d'Basis vun all politeschem Handeln ass ëmmer déi, dass et sech op e Gesetz, wat besteet, muss baséieren.

De Minister huet de Gemeenge fënnefmol geschriwwen, dräimol iwwer Circulaire an zweemol iwwer simple Lettre. An dës Saachen, déi do geschriwwen si ginn, déi werfen eng ganz Rei vu Froen op. Ech hunn néng Froen oder néng Commentairen dozou, zu der Aktioun vum Minister.

Éischtens, de Minister referéiert sech a senger gesamter Korrespondenz mat de Gemeenge quasi bis zum Schluss op d'Konventioun als Motiv vum Handeln, eng Konventioun, déi der Chamber net fir Ratifikatioun virgeluecht gëtt, esou wéi d'Konventioun et selwer an hirem Artikel 2 virgesinn huet.

Zweetens, et gëtt eng Multitude vun Uerteeler iwwert d'Legalitéit an d'Illegalitéit vu Circulären. An déi Fro ass kloer tranchéiert, esou duerch den Tribunal administratif, deen den 31. Januar 2013 seet, dass eng Circulaire kee kann engagéiere wéi just deen, dee se geschriwwen huet, an och net zu Konsequenzen ka féieren.

Or, en absence vun engem Gesetz an engem Moment, wou e Minister iwwer Circulaire sech un d'Gemeenge nennt an eigentlech déi Gemengen opfuert, eng Illegalitéit ze maachen, kann ee vun engem Excès de pouvoir schwätzen.

D'Konventioun baséiert sech, drëttens, op en Accord tëschent Stat a Kierch. Si kann deemno nëmmen Engagementer huele fir déi zwee, déi sech kënnen engagéieren. Or, hei ginn nach zwou aner Parteien mat engagéiert: d'Gemengen an d'Kierchefabriken, d'Gemengen, déi net um Kierch souzen an och net agebonne ware bei der Ausschaffung vum Projet.

D'Gemeenge ginn dann iwwer Circulaire opgefuerdert an enger éischter Phas, bis den 1. Ok-

tober 2016 e legalen Text oder en notariellen Akt virzeleeën, dee beweist, dass d'Kierch X oder Y entweder der Gemeng gehéiert oder der Kierchefabrik. Et freet ee sech, wéi eng Gemeng esou eng Pièce kéint virleeën, déi eventuell Drëtter concernéiert an och Drëtter gehéiert, an déi net kënnen oder net wëllen dës Pièce virleeën.

Fënneftens, d'Attributioun vun der Propriétéit vun engem Gebai kann net sur base vun enger Circulaire fixéiert ginn, déi keng Base légale huet. Dat ass einfach net denkbar, dass e Minister enger Gemeng schreift, dass „wa si bis zu engem gewëssenen Dag keng Äntwert géif ginn, da géif dat Gebai ouni aner Forme de procédure engem anere Propriétaire zougedeele ginn, an dësem Fall engem Fong, esou wéi dat geschitt ass an der Circulaire notamment vom 9. August 2016, engem Fong, deen et d'ailleurs zu deem Moment iwwerhaupt net ginn ass.

Mir sinn hei voll - an dat ass mäi sechste Punkt - am Beräich vun der Verfassung, vum Artikel 16 a vum Artikel 545 vum Code civil: «Nul ne peut être privé de sa propriété que pour cause d'utilité publique et moyennant juste indemnité, dans les cas et de la manière établis par la loi.»

Or, de Mëtten ass d'Diskussioun déi ganzen Zäit nëmmen ëm d'Kierchefabricke gaangen, ëm d'Kierchefabriken, wou iwwer e Stratagème probéiert gëtt ze explizéieren, dass dat, wat eigentlech virun 200 Joer decidéiert ginn ass, elo weidergeféiert gëtt. De Mëtten ass bis elo nach net iwwer en anere Partner diskutéiert ginn, nämlech iwwer eng Gemeng, déi risquéiert, duerch e Gesetz, wat haut gestëmmt gëtt, einfach esou ouni Forme de procédure expropriéiert ze ginn.

Siwintens, e Gesetz gëtt exekutéiert, wann et a Kraaft ass. All aner Initiativ ass an engem Rechtsstat net denkbar.

Aachtens, an enger zweeter Phas, nom Avis vum Statsrot vum 14. Juli 2017, ginn d'Gemengen dann den 11. August 2017 opgefuerdert, unilateral d'Besetzverhältnisse ze kläre fir de Fall, wou keen Accord mat de Kierchefabricke géif virleien, an dëst alt nees - Oukase! - bis den 1. Oktober 2017.

En passant wëll ech soen, dass den 1. Oktober 2017 schonn deen drëtten Termin war, deen d'Gemengen ënner Undroung vu Strof matgedeele ginn, nämlech dass se géifen expropriéiert ginn, well hir Gidder dann an de Fong géife goen. Fir d'Éischt war dat den 1. Oktober 2016, duerno war et den 1. Januar 2017 an en fin de compte den 1. Oktober 2017. Dat ass also schonn den drëtten Delai, deen de Minister iwwer Circulaire oder Bréif un d'Gemeenge geschéckt huet.

An dësem leschte Bréif - an dat ass mäin néngte Punkt - gëtt net emol méi definéiert, wie kompetent ass um kommunalen Niveau, fir esou eng Decisioun ze huelen: de Buergermeeschter, de Schäferot, de Gemengerot? Op Nofro am Ministère ass de Gemeenge gesot ginn, dat wär egal. D'Haaptsaach wär, si géifen eng Äntwert virleeën.

Fënneftens, d'Plaz vun de Gemengen an der Relatioun mat der Chamber. Bewegung an den Dossier ass komm nom Avis vum Statsrot, an och e fundamentale Revirement, deen haut de Mëtten net diskutéiert ginn ass bis elo. De Statsrot seet an der Substanz: „Wann Der wëllt e Gesetz maachen, wou d'Annexe Parties intégrant vum Gesetz sinn, dann ass d'Prozedur, wéi et zu den Annexe komm ass, aus dem Gesetz erauszehuelen.“ Ewech also den Titre de propriété, ewech d'Konventiounen, ewech d'Presomption, wíem wat gehéiert, ewech also déi ganz Prozedur, déi den Innenminister während zwee Joer de Gemeenge wollt octroyéieren.

„Eenzeg an eleng“, seet de Statsrot, „den Titre de propriété légal, deen haut duerch dës Chamber festgesat gëtt, tranchéiert, ersetzt alles, wat et virdu ginn ass, an tranchéiert souverän d'Besetzfro.“ Nozeliesen am Commentaire des articles zum deemolegen Artikel 11, deen entre-temps den Artikel 10 ginn ass.

De Statsrot seet dann awer och, dass et en anere Wee géif ginn, nämlech deen, fir sech fir d'Éischt eng legal Basis ze ginn an duerno eréischt Lëschten op Basis vu präzise Kritären a Prozeduren opzestellen. Dëst gouf iwwregens vum Minister iterativ och a Korrespondenzen mat de Gemeenge falsch duergestallt.

Et soll kee soen, et wär net aneschtens gaangen! Den Innenminister huet de Gemeenge geschriwwen, de Statsrot hätt hie quasi forcéiert, fir zu enger Konklusioun ze kommen, wéi se am Bréif vum 11. August 2017 steet.



De Minister schreift nämlech an deem Brëif: «...sous peine d'opposition formelle dans son avis du 14 juillet [2017], il appartiendra au législateur de déterminer de cas en cas le propriétaire des édifices religieux concernés.»

Spéitstens nom Avis vum Statsrot, Här President, hätt d'Chamber am Respekt vun der Verfassung an de Gesetzter sech selwer missen eng Prozedur ginn, no där d'Aklasséierung vun de Kierchen op verschidde Lëschten hätt misse geschéien, well all aner Prozedur op Proposition vum Statsrot annulléiert gouf. Mécht si dat net, si mer am Arbiträr. D'Chamber hätt misse Kritären ausschaffen, d'Chamber hätt missen Delaie setzen.

„Ass dat geschitt?“, froen ech, „Huet d'Chamber Lëschten opgestallt?“ D'Antwort ass neen, well bis zum Schluss huet den Innenminister sech dorëms bekëmmert. An nach ëmmer nom Avis vum Statsrot an nodeem e selwer Amendementen eragin huet an d'Chamber, ass en eigentlech mat der Prozedur, wéi e se déi Jore virdu gemaach huet, weidergefuert, andeem nees weider Delaie gesat gi sinn, bis weini ee sech hätt misse mellen.

Zweetens: Huet d'Chamber sech d'Fro gestallt, oder d'Kommissioun - well wann ech Chamber soen, Här President, dann ass déi zoustänneg Kommissioun gemengt -, ob d'Opfuerderung par simple lettre vun engem Minister, ouni gesetzlech Basis an ënnert der Menace vun der Enteegnung, déi richteg Prozedur ass? Huet d'Chamber den Dossier vun Innenminister ugefrot, op deem d'Äntwerte vun de Gemenge consignéiert sinn? An ass d'Chamber am Besëtzt vun dësen Äntwerten?

Huet d'Chamber kontrolléiert, wien am Numm vun de Gemenge geäntwert huet op dës divers Froen? Huet d'Chamber sech d'Fro gestallt an eng Äntwert dorobber formuléiert, ob dës Persounen oder Gremien iwwerhaapt habilitéiert waren, dëst ze maachen? Huet d'Chamber sech vergewëssert, dass all déi Lëschte bis hin zu de korrekte Kadasternummere korrekt opgestallt sinn an dass keng Expropriatiounen haut géife par le fait du prince geschwat ginn?

All dëst an nach e puer Saache méi hätte misse an engem Dossier, dee vun esou enger vitaler a wäitreechender verfassungsmësseger an zivilrechtlicher Relevanz ass, geschéien. Wann een Annexen als en Deel vun engem Gesetz definéiert, si mat dem Text vum Artikel also gläichstellt, dann ass et engem seng eischt Pflicht, als Deputéierten an als Chamber derfir ze suergen, dass alles stëmmt, dass d'Prozedur konform a korrekt ofgelaf ass.

Net nëmmen ass dat net geschitt, mä de Rapporteur huet op Nofro déi lescht Woch an de Medie behaapt an och de Mëtteg nach eng Kéier hei confirméiert, et wär iwwerhaapt net un der Kommissioun, fir d'Fro vun den Akten, also d'Fro vun der Inskriptioun op d'Lëscht II oder op d'Lëscht III, ze klären.

Een, deem esou eppes seet, Här President, géif ech dem Här Rapporteur wëlle soen, dee verkennt total de legislativen Opdrag vun der Chamber! D'Majoritéit huet hir Aarbecht net gemaach, ureegen Aufgabe vum Parlament si wëssentlech an, wéi den Här Rapporteur et gesot huet, wëllentlech net gemaach ginn.

Här President, den Här Rapporteur Haagen huet an deemselwechten Interview den Doneschdeg enger Rei Gemengen Hoffnung gemaach, zum Beispill menger. Op d'Fro, wéi et dann elo am Fall Schëffleng stéing, wou jo bekanntlech d'Gemeng no de Wahle wëllt Propriétaire vun der Kierch ginn, also en Transfer vun deem, wat virdu decidéiert ginn ass, maachen, sot den Här Haagen, dat géif hie ganz geloosse gesinn, d'Gesetz géif nämlech och an Zukunft Changementer virgesinn, ënnert der Konditioun, et léich en Äkt vir, dat heescht en Titre de propriété.

Här President, erlaabt mer, dass ech den Här Haagen froen, a wat fir engem Artikel vum Projet de loi, dee mir haut ënnerschreien, dat steet, dass also en Transfert sans autre forme de procédure, sans désacralisation vun der Kierch...

► **M. Claude Haagen** (LSAP), rapporteur.- Neen, neen, neen!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- ...ka virgeholl ginn, just ënnert der Konditioun, dass en Äkt géif virleien, dat heescht en Titre de propriété.

► **M. Claude Haagen** (LSAP), rapporteur.- Neen!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Esou hutt Der et gesot um Radio an esou sidd Der och zitéiert ginn.

► **M. Claude Haagen** (LSAP), rapporteur.- Neen, ech hu gesot, Här Wolter, op d'Fro hin,

ob dat ka gemaach ginn, dass et kloer ass, wann en Acte de propriété doläit, dee wëssentlech..., dee mer elo nach net hunn, da muss Der natierlech..., well jo dann eng Modifikatioun vum Projet de loi oder vum Gesetzestext muss gemaach ginn. Dat schéngt mer evident ze sinn, well et och doriwwer geregelt ginn ass.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Wann Der et esou gesot hutt, dann hunn ech net méi mat...

► **M. Claude Haagen** (LSAP), rapporteur.- Neen, esou hunn ech et net gesot, esou krut ech d'Fro gestallt!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Okay!

► **M. Claude Haagen** (LSAP), rapporteur.- Et kann een elo alles aus dem Kontext zéien.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Neen, neen. Ech wollt nämlech elo just soen, wann Der et esou gesot hutt oder gesot hätt,...

► **M. Claude Haagen** (LSAP), rapporteur.- Jo?

► **M. Michel Wolter** (CSV).- ...dann hätt Der et richteg gesot!

► **M. Claude Haagen** (LSAP), rapporteur.- Dofir hunn ech et jo elo gesot.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Well nämlech iwwert de Prinzip vum Parallelismus, déi Form, et ganz kloer ass, dass no där Solutioun,...

► **M. Claude Haagen** (LSAP), rapporteur.- Richteg!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- ...déi hei zrëck behale ginn ass, nëmmen eng Gesetzesännerung...

► **M. Claude Haagen** (LSAP), rapporteur.- Richteg!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- ...kann nodréiglech nach eng Kéier...

► **M. Claude Haagen** (LSAP), rapporteur.- E Contraire!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Jo, mä Dir gitt awer zitéiert an um Mikro sot Dir och de Leit am Land, et géif duergoen, et géif een e simple Titre de propriété virleien, an da kéint et änneren.

► **M. Claude Haagen** (LSAP), rapporteur.- Neen, neen, neen, Här Wolter! Esou war et net! Esou war et net!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Wat d'ailleurs, Här Haagen, an enger vieregter Versioun vum Projet de loi esou stoung,...

► **M. Claude Haagen** (LSAP), rapporteur.- Richteg!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- ...an zum Schluss net méi.

► **M. Claude Haagen** (LSAP), rapporteur.- Richteg! Do ginn ech lech recht. Dat ass zrëckgezu ginn op Recommendation vum Statsrot, iwwert de Parallelismus, deem Der elo gesot hutt.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Gutt. Dann ass dat gekläert.

► **M. Claude Haagen** (LSAP), rapporteur.- Do si mer eis jo eens. Dat ass gekläert, awer doudsécher.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Jo, neen. Mä wann den Här Rapporteur dat gesot huet, wat e jo manifestement gesot huet, well en huet jo gesot, en hätt et gesot, mä d'Fro wär falsch verstane gewiescht...

► **M. Claude Haagen** (LSAP), rapporteur.- Neen, neen.

(Interruption)

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Neen, en huet gesot, en huet gesot:...

(Brouhaha)

► **M. Claude Haagen** (LSAP), rapporteur.- Dir kënnt elo d'Wieder verdréinen!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- ...,D'Fro war falsch gestallt, dofir konnt ech dat net äntwerthen."

► **M. Claude Haagen** (LSAP), rapporteur.- Här Wolter, Dir hutt mir hei eng Fro gestallt. Ech hunn lech drop geäntwert, sou wéi et ass.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Maja, dann ass déi Saach an der Rei.

► **M. Claude Haagen** (LSAP), rapporteur.- An ech mengen, mat där Äntwert sidd Der d'accord.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Ech sinn d'accord mat där Äntwert.

► **M. Claude Haagen** (LSAP), rapporteur.- Voilà! Dann hu mer jo emol eng Eenegung op deem Dossier.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Voilà!

► **Une voix**.- Dat ass nach laang net esou einfach.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- An e puer Minutten, Dir Dammen an Dir Hären, wäert

d'Chamber d'Expropriatioun vu Kierchegebai, déi manifestement enger Gemeng, zumindest enger Gemeng gehéieren, decidéieren. An aus deem Grond a fir dass dat net geschitt, deposéieren ech heimat en Amendement zu der Annex II vum Projet de loi.

Amendement 1

7037 - Projet de loi

1° portant sur la gestion des édifices religieux et autres biens relevant du culte catholique, ainsi que sur l'interdiction du financement des cultes par les communes,

2° modifiant

a) l'article 112 de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu,

b) l'article 30ter de la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement,

c) l'article 57 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, et

3° abrogeant

a) l'article 76 de la loi modifiée du 18 germinal an X (8 avril 1802) relative à l'organisation des cultes,

b) le décret du 5 mai 1806 relatif au logement des ministres du culte protestant et à l'entretien des temples,

c) le décret du 18 mai 1806 concernant le service dans les églises et les convois funèbres,

d) le décret du 30 septembre 1807 qui augmente le nombre des succursales,

e) le décret modifié du 30 décembre 1809 concernant les fabriques des églises

Exposé des motifs

De nos jours, personne ne conteste que l'institution des «fabriques d'église» doit être réformée pour l'adapter aux circonstances et exigences actuelles.

Nous aurions également modernisé cette institution, mais nous aurions élaboré notre réforme des «fabriques d'église» - non pas sous la menace - mais dans le dialogue avec les parties prenantes, i.e. l'Archevêché et les fabriques d'église, de même que les communes. Nous aurions opté pour le maintien du modèle des fabriques d'église qui a fait ses preuves depuis plus de 200 ans, tout en favorisant une réduction du nombre des fabriques d'église suivant le modèle: une fabrique d'église par commune. Nous aurions par ailleurs institué un fonds de soutien aux fabriques d'église ayant pour mission de subvenir aux besoins financiers de celles-ci. Ce faisant, nous aurions allégé la charge des communes voulant, sans y être tenues, soutenir financièrement les fabriques d'église et a fortiori, les édifices religieux situés sur leurs territoires. Notre réforme des fabriques d'église aurait finalement été largement en phase avec l'accord qui a été trouvé entre l'Archevêché et le syndicat des fabriques d'église (SYFEL) au mois de mars 2017.

Nous regrettons que le Gouvernement ait fait le choix de la suppression pure et simple des fabriques d'église, institution ayant existé depuis plus de 200 ans. Nous regrettons également que le Gouvernement ait refusé le dialogue avec une partie des acteurs concernés, notamment le secteur communal.

C'est donc de manière subsidiaire - nous maintenons en effet toujours notre position de principe - que nous souhaitons apporter une modification à l'annexe II.

Texte de l'amendement unique

L'annexe II du projet de loi n°7037 est modifiée comme suit:

Commune de Käerjeng, section BA de Linger

N°ppal	N°suppl.	lieu-dit, rue et n°	nature	a	ca	Propriétaire
43	410	Rue de la Libération	édifice religieux	1	44	la commune

Commune de Käerjeng, section BB de Hautcharage

N°ppal	N°suppl.	lieu-dit, rue et n°	nature	a	ca	Propriétaire
256	3395	Rue de l'Église	édifice religieux	2	92	la commune

Commune de Käerjeng, section BC de Bascharage

N°ppal	N°suppl.	lieu-dit, rue et n°	nature	a	ca	Propriétaire
61	7963	Rue de la Résistance	édifice religieux	7	42	la commune

Commune de Käerjeng, section CA de Clemency

N°ppal	N°suppl.	lieu-dit, rue et n°	nature	a	ca	Propriétaire
377		Rue de l'Église	édifice religieux	3	80	la commune

Commune de Käerjeng, section CB des Moulins

N°ppal	N°suppl.	lieu-dit, rue et n°	nature	a	ca	Propriétaire
678		Rue de la Gare	édifice religieux	0	78	la commune

Commune de Käerjeng, section CC de Fingig

N°ppal	N°suppl.	lieu-dit, rue et n°	nature	a	ca	Propriétaire
44	1562	Rue Centrale	édifice religieux	3	90	la commune

Commentaire de l'amendement unique

Suivant le projet de loi dans sa teneur arrêtée par la Commission des Affaires intérieures en date du 11 janvier 2018¹, les édifices religieux situés sur le territoire de la Commune de Käerjeng seraient tous attribués au Fonds de gestion des édifices religieux et autres biens relevant du culte catholique, ci-après le «Fonds».

Or, la commune de Käerjeng a d'un commun accord avec les fabriques d'église établies sur son territoire décidé d'attribuer lesdits édifices à la commune de Käerjeng.

Il est dès lors proposé de tenir compte de ces accords et de modifier l'annexe II en conséquence.

(s.) Michel Wolter, Diane Adehm, Gilles Roth, Marc Spautz, Claude Wiseler.

¹ Projet de loi 1° portant sur la gestion des édifices religieux et autres biens relevant du culte catholique, ainsi que sur l'interdiction du financement des cultes par les communes, 2° modifiant a) l'article 112 de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu, b) l'article 30ter de la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement, c) l'article 57 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, et 3° abrogeant a) l'article 76 de la loi modifiée du 18 germinal an X (8 avril 1802) relative à l'organisation des cultes, b) le décret du 5 mai 1806 relatif au logement des ministres du culte protestant et à l'entretien des temples, c) le décret du 18 mai 1806 concernant le service dans les églises et les convois funèbres, d) le décret du 30 septembre 1807 qui augmente le nombre des succursales, e) le décret modifié du 30 décembre 1809 concernant les fabriques des églises, Rapport de la Commission des Affaires intérieures du 11 janvier 2018 (document parlementaire 7037/10)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Merci.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Et ass nämlech esou, dass nom Avis vum Statsrot an no deene substantziellen Ännerunge vum Text, déi aus dem Avis vum Juli decouléiert sinn, et a mengen Ae keen Delai méi ginn ass, deen de Minister och net konnt imposéieren. D'Gemeng Käerjeng - et ass vill elo vu Buergermeeschteren och emol iwwer hir Gemeng geschwat ginn - huet dem Innenminister mat zwee Bréiwer 2016 kloer an däitlech gesot, dass mir der Meenung wären, et mist ee sech fir d'Eischt eng Base légale ginn an duerno kéint een driwwer diskutéieren, a wat fir eng Richtung dass et geet.

D'Argumenter vum verpassten Delai sinn net méi aktuell. D'Chamber huet keen Delai gesat, fir eng Meenungsäusserung ze maachen. Deemno ass all Ännerung bis zum Schluss méiglech. De Schluss vun der Diskussioun, deem ass elo geschwënn.

De Projet de loi gesäit nämlech d'Aklasséiere vu véier vu fënnef Kierche vun der Gemeng Käerjeng an de Fong vir. Dëst opgrond vum Fait, dass d'Gemeng Käerjeng sech getraut huet, fir dem Minister keng Äntwert ze ginn an engem Delai, deen et eigentlech net méi gëtt. Mir stelle fest, dass dat eng flagrant Violatioun vum Eigentumsrecht vun der Gemeng ass, sou wéi se an der Verfassung verankert a virgesinn ass.

D'ailleurs, och nach eng Kéier am Widder-sproch zu deem, wat gesot ginn ass, dass eigentlech dem Wëlle vun de Gemengen, wa se sech da géifen äusseren, géif dahingeeënd Rechnung gedroe ginn, an dass, wa se sech net géifen äusseren, alles géif an de Fong goen, hu mir à la surprise générale festgestallt, dass par le fait du prince, «on m'a signalé», steet am Brëif vum Innenminister- «on m'a signalé»! - eng vun deene fënnef Kierchen, déi zu der Gemeng gehéieren, der Gemeng attribuéiert gëtt, also net dem Fong attribuéiert gëtt.

Or, de deux choses l'une! Entweder et seet een zu de Gemengen: „Wann Der lech bis e gewës-



sene Moment net confortéiert, da ginn all Är Kierchen, da ginn déi an de Fong, an da gi se alleguerten an de Fong“, oder et seet een dat net. Mä et kann een duerno net higoen a soen: „Elo huele mer eng Kierch eraus“, «parce qu'on m'a signalé», wien och ëmmer, an déi aner véier, déi ginn awer an de Fong eran.

D'Gemeng Käerjeng huet den 3. Januar 2018 no laange Verhandlung mat deene fënnf Kierchefabrick vum hiner Gemeng sech an enger Konventioun drop gëeenegt, dass, falls et da misst sinn, d'Kierche solle bei d'Gemeng kommen, aus exakt deenen Argumentatiounen, déi d'Madamm Polfer an hiner Ried och argumentéiert huet. Deen Accord war net einfach, well déi fënnf Kierchefabrick sinn alleguerte Member vum SYFEL a sinn alleguerten Deel vun där Plainte, déi deposéiert ginn ass. Et ass dann och nëmme sous réserve vun der Constitutionnalitéit vun der Demarche, wou et méiglech war, esou en Accord ze fannen.

Et ass kloer, dass, wann d'Chamber d'Gesetz a senger jëtzege Form stëmmt, et zu enger Expropriation pure et simple vu Gemengegebaier wäert kommen. All Deputéierte soll sech däers bewusst sinn.

D'Gemeng Käerjeng huet dofir déi fënnf Konventiounen um Datum vum 10. Januar 2018 un de Chamberspräsident geschéckt mat der Fro, si an déi legislativ Prozedur ze engagéieren. Mengen Informatiounen no huet de Chamberspräsident den 12. Januar 2018 dës Konventiounen un déi zoustänneg Chamberskommission an un d'Conférence des Présidents weiderginn.

D'Chamberskommission, sécher well se gesot huet: „Eis Aarbecht ass elo ofgeschloss“, huet sech net méi gesinn. De Kommissionspräsident, deen also Kenntnis hat spéitstens den 12. Januar 2018 vun där Demande vun der Gemeng Käerjeng, huet seng Kommission net zesummegeruff, fir driwwer ze befannen, ob déi Demande vun der Gemeng als recevabel, net recevabel, justifiéiert oder net justifiéiert unzegesinn ass.

D'Gemeng Käerjeng, Dir Dammen an Dir Hären, kann net responsabel gemaach gi fir eng manifest onzoulänglech legislativ Prozedur vusäite vum Minister vum Interieur an, wéi ech et elo developpéiert hunn, och vun der Chamber.

Sechstens, et ass probéiert ginn, an dësem Projet de Gemengen ze verbidden, hir Kierche weider ze ënnerstëtzen, falls se am Fong solle sinn. Firwat ass dat gemaach ginn? D'Antwort ass kloer: aus enger reng ideologescher Aart a Weis, d'Welt ze gesinn! Et gëtt näamlech keen objektive Grond am Kader vum Prinzip vun der Gemeindefreiheit a vun der Subsidiarität, déi d'Fundament si vum Fonctionnement vun de Gemengen, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn, fir de Gemenge per Gesetz wëllen ze verbidden, en Deel vun hirem méiglechen Aktionsradius dierfen ze maachen.

Mir dierfe Kultur, mir dierfe Sport, mir dierfe Soziales, mir dierfen Drëtt Welt, mä mir dierfen de Kierchen net dat zoukomme loosse, wat mir mengen, hinnen am Kader vum eiser Autonomie zoukommen ze loosse, respektiv net zoukommen ze loosse, wann eng Majoritéit an engem Gemengerot der Meinung ass, dass se dat net wëllt maachen. Ech fannen dat, eigentlech deen doten Artikel, dee Gott sei Dank duerch d'Interventioun vu villen elo aneschtens ass, symptomatesch fir d'Aart a Weis eigentlech, wéi contraire dat ass zu deem, wat gesot ginn ass vun deem wonnerbaren, tollen Dialog, dee stattfonnt hätt an deene leschte Joren!

Et huet vläicht en Dialog stattfonnt tëschent dem Innenminister an dem Bistum. Mä fir ze behapten, et hätt en Dialog stattfonnt tëschent dem Innenminister a sengen eenzelne Gemengen, ech mengen, dass ee ganz wäit muss d'Hoer splécken, fir dozou kënnen ze kommen.

Wieren - an dat ass meng lescht Partie - aner Léisunge méiglech gewiescht? Aner Léisungen, besser Léisungen, déi et méiglech gemaach hätten, dass och d'CSV dee Projet de loi hätt kënnen matstëmmen? Jo, si wäre méiglech gewiescht, an zwar am Accord mat deem, wat schonn den Experte-grupp 2012 gesot huet! Am Accord mat deem, wat eis Partei säit Jore seet zu deem dote Sujet an och an eise Wahlprogramm 2013 festgehalten huet!

Et hätt een den Accord vum Bistum mam SYFEL kënnen als Basis huelen, den Accord vum 7. Mäerz 2017, mam Objektiv, fir d'Trennung vu Kierch a Stat oder d'Neigestaltung, wéi d'Madamm Polfer et gesot huet, vun de Relatiounen vu Kierch a Stat aneschtens a besser ze regelen.

D'Gemenge wären näamlech aus hiner Pflicht, fir fir den Defizit vun de Kierchefabriken opzecommen, entlooss ginn, d'Propriétéitsverhältnissen vun de Kierchegebaier an de Besëtztü-

mer wäre gekläert ginn, et wär zu enger Fusion vun de Kierchefabriken an zu enger Arichtung vun engem privatrechtliche Kierchefong ouni gréisser Problemer komm - Dir wäert gesinn, wat dat nach fir Problemer wäert bréngen, dass en en ëffentlech-rechtliche Statut krut -, am Respekt, am totale Respekt vun der interner Organisatioun vun der kathoulescher Kierch.

Zweetens, d'Chamber hätt sech kënnen eng legal Basis schafen. Si hätt kënnen, a mengen Ae souguer missen, Kritären a Prozeduren definéieren an dësem Gesetz, no deenen d'Affektatioun vun deenen eenzelne Kierchen duerno hätt kënnen geschéien, am Respekt zu gewëssenen Delaien a Prozeduren.

Dëst hätt fir Rechtssécherheet gesuergt an d'Diskussiounen an d'Decisiounen vun deenen eenzelnen Akteuren - Stat, Gemengen, Bistum, Kierchefabrik - geleet. De Statsrot huet expresse verbis dës Optioun och developpéiert. Hien huet a kengem Moment gesot, contrairement zu deem, wat de Minister de Gemenge geschriwwen huet, dass déi zréckbehale Solutioun déi eenzeg wär.

En huet just gesot: „Wann Dir dëse Wee wëllt goen als Majoritéit, da musst Dir d'Annexen op den Niveau vum Gesetz hiewen.“ En huet souguer nach drop opmierksam gemaach - dat gouf weder vum Rapporteur gesot nach soss an der Diskussioun de Mëtteg ervirgehewen -, dass domadder, op déi doten Aart a Weis, déi d'CSV proposéiert, d'Rechter vun Drëtten, an dozou gehéieren d'Gemengen, besser gewaart gi wären, wéi dat duerch dëse Projet de loi geschitt.

Béid Optiounen si leider net zréckbehale ginn. D'Majoritéit geet haut e schwierigen, e geféierleche Wee, dee vum Risk vu Prozesser, vun der Fro vun der Verfassungskonformitéit vum Text bis hin zum Risiko vun enger eventueller Annulatioun vun Deeler oder vum ganze Gesetz.

Et ass, Dir Dammen an Dir Hären, a mengen Aen e juristesche a konstitutionell schlechten Dossier, deen net zu enger Entflechtung, zu enger Neiorganisatioun, mä in fine zu vill Sträit an deenen nächste Joren an dësem Land wäert féieren.

Villmools Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Nächsten a virleefeg leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Alex Bodry.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Géigesaz zu mengem Virriedner gesinn ech an dësem Gesetzesprojet de Versuch, aus engem Imbrogljo juridique erauszekommen, deen elo méi wéi 200 Jore besteet, dee vill Leit arrangéiert huet, an duerfir ass déi Fro och ni ugepaakt ginn.

Et ass effektiv zënter Jorzéngte bekannt, dass eis aktuell Bestëmmungen iwwert d'Kierchefabriken, soufern se iwwerhaupt nach d'applicatioun hei zu Lëtzebuerg sinn, ech kommen nach eng kéier dorobber zréck, net konform sinn zu allgemenge Rechtsprinzipien. Also, wa se géifen ugewannt ginn a viru Geriicht géife kommen, misste se sanktionéiert gi vun eise Gerichter, well se gewësse Grondprinzipie vun eiser Verfassung a vun internationale Konventiounen net respektéieren, wéi de Gläichheitsprinzip, wéi den Netdiskriminierungsprinzip an anerer méi. Dat hunn d'Experten - an dat war och scho virdru gewost -, fir déi, déi et nach eng kéier hu missen dann héieren, ganz kloer gesot an hirem Rapport vun 2012.

An et ginn e sëllegen, sëllegen Initiativen, et gi Motiounen vun der Chamber, déi méi al sinn, déi der jeeweileger Regierung, wou ëmmer eng Partei responsabel war fir deen doten Dossier, kloer Optrag ginn hunn.

Notamment stoung an esou enger Motioun dran, et stoung och am Regierungssaccord dra vun 2009, dass d'Gesetz iwwert d'Kierchefabrick solle moderniséiert ginn.

Wou sinn déi Texter? Gëtt et een Tirang, wou nëmmen en Avant-avant-projet vun esou engem Text besteet? Dee gëtt et net! An et ass dee Schlendrian do, dee gewollten, deen organiséierte Schlendrian do, dat ëmmer-erëm-wëllen-Aussätze vu Problemer, ëmmer op Zäit spillen, ëmmer erëm Zäit gewannen an nëmmen u méi kriddelech Dossierer erunzegoen, wann et net anescht geet, wat och schlussendlech dozou gefouert huet, dass dës Regierung an enger anerer Konstellatioun elo hei handelt.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Zënter Jore war en héije Beamte chargéiert mat de Propriétéitsverhältnissen vun den eenzelne Kierchegebaier, wou mer alleguerte wëssen, dass do e fuerchtbaren Duerjeenen zënter éiweg besteet a kee genau ka soe bei ganz ville Gebaier, wien et da schlussendlech gehéiert. Wiem gehéiert eng

Kierch, wou deenen engen den Terrain gehéiert, deen aneren huet drop gebaut? Wie leet dat haut nach fest? An de Finanzement ass nach deelweis iwwer anerer gemaach ginn.

Dat ka jo praktesch nëmme konventionell festgeluecht ginn! Dat léisst sech jo net anescht regelen! Mä och do ass näischt geschitt. Et ass nogekuckt ginn! Nogekuckt ginn! Et huet déi direkt Concernéiert natierlech alleguerte bal honnertprozenteg arrangéiert, dass et esou weidergelaft ass, wéi et da weidergelaft ass. Abee neen!

(**Interruption**)

Mir waren der Meinung, dass elo d'Zäit komm wär, fir de Punkt ze setzen. Et ass eng schwierig Situatioun, eppes rechtlich wëllen a richtig Bannen ze kréien, wat eigentlech konfus um Terrain ass. Dat ass ganz schwéier, an ech verstopen net, dass ee sécherlech deen een oder anere Punkt hei vun der Virgeewis ka kritiséieren. Dat soen ech ganz kloer.

Ech mengen awer och, dass, wann een hei pingelech genau op alle Punkte wëllt fueren, da si mer an zéng Jore effektiv nach esou wäit, wéi mer nach am haitege Moment sinn. Mir si jo net ee Schrëtt virukomm. Dat mag och erëm eng kéier eng ganz Partie Leit arrangéieren an ass awer net déi Aart a Weis, wéi mir wëllen an deem heiten Dossier virgoen.

D'Trennung vu Kierch a Stat, dat Schlagwuert ass hei gefall. Mir hunn zu Lëtzebuerg d'Trennung vu Kierch a Stat. Et ass keng Ausso vu mir, et ass eng Ausso vum Äerzbischof, an deem Sënn, dass de Stat sech net wëllt an d'Interna vun der Kierch amëschen an d'Kierch och elo seet: „Mir wëllen eis net an d'Interna vum Stat amëschen.“

Et ass eng souple Trennung, déi mer hunn, déi awer um Kooperationsprinzip weider opgebaut bleift, och mat all deenen Texter, déi an dëser Period ënnerschrifwe gi sinn, an deene Gesetzer, déi hei gestëmmt si ginn. Well wann d'Kierch a Stat getrennt solle sinn, wëllt dat net heeschen, dass d'Kierch net e Bestandteil vun der Gesellschaft wär. Stat a Gesellschaft sinn zwou verschidde Saachen. A selbstverständlech stellen d'Kierche wéi aner gesellschaftlech Bewegunge wichteg Akteuren duer an eise Zesummeliwen, déi strukturéierend wierken, fir dat Zesummeliwen och mat hëllefen ze organiséieren.

Duerfir, et ass och an deem Sënn, dass jo och hei net an den Accorde festgehalte ginn ass, dass vun haut op muer keng ëffentlech Gelder méi de Kierche géifen zoufléissen. Och an Zukunft wäerten d'Kierchen zu engem gudden Deel nach vun ëffentleche Gelder liwen. Mä dat gëtt op e verstänneg Mooss zréckgefuert an et gëtt zäitlech esou gemaach, dass d'Kierch sech och kann drop astellen, notament och déi kathoulesch, mä dat géllt och fir déi méi kleng Kierchen, déi oft finanziell vläicht souguer nach méi ofhängeg sinn, well se wéineg Leit hunn, déi an hiner Kierch sinn, wéi déi kathoulesch Kierch, déi awer nach kann op e gudden Stack vu Gleewegen zielen, also och do nach ënnerstëtzung ka kréien an och selbstverständlech eng Rei vu Fongen zur Verfügung huet.

Et ass och an deem Sënn, dass mer deen heiten Text uginne, wat, ech betounen dat nach eng kéier, a kengem Wahlprogramm esou ausformuléiert war, d'Ofschaffung vun de Kierchefabriken, mä wou jiddwereen eng aner Organisatioun, méi eng transparent Organisatioun, eng rationell Organisatioun vun der Gestiou vum Patrimoine vun de Kierchen oder vun der kathoulescher Kierch wollt kréien.

Et ass eng Iddi, déi een erëmfënnt am Experte-rapport vun 2012, denken ech, och schonn deemools suggeréiert vun enger Delegatioun vun der kathoulescher Kierch, well jo och d'Kierchen empfaange gi sinn. An ech denken, dass schonn deemools déi Suggestioun gemaach ginn ass, wéi déi Konsultatioun mat den Experte stattfonnt huet. A se hunn déi jo als eng vun de méiglechen Optiounen, d'Ofschaffung vun de Kierchefabriken, zréckbehalen.

An ech muss éierlech soen: Wann ech mer virstellen, wat mer virun engem Bierg vun Aufgabe gestanen hätten, fir deen uralen, verstëbsten Text vun 1809 an e moderner Gewand ze kleeden, dat wier mat e puer Amendementen net duergangen! Deen hätt ee misse ganz frësch schreiwen! An dann hätte mer wéinst dem Gläichheitsprinzip net nëmmen eng Regelung misse fanne fir d'kathoulesch Kierch: „Mä och fir all déi aner unerkannte Kierchen“, dat hu jo och d'Experte gesot, „musst Der dann och Änneches wéi Kierchefabrick virgesinn.“ An engem äänleche Muster muss dat Ganzt fonctionnéiere fir sämtlech unerkannt Kierchen hei zu Lëtzebuerg. Ech soe mer: Och do wäre mer nach an x Joren net fäerdeg ginn.

An Hand op d'Häerz: Wa mer an där doter Fro, ouni elo d'Vergangenheet an d'Traditiounen

ze berücksichtigen, déi hir Wichtegkeet hunn, haut virun engem wäisse Blat misste stoen a mir dat do haut missten organiséieren, géif dach kee Mënsch méi drun denken, fir Institutiounen, lokal Institutiounen wéi Kierchefabriken an en neie Gesetzestext fir d'Éischt anzuschreiwen! Dat géife mer sécherlech net maachen.

Duerfir géif ech soen, dass ouni Zwang an ouni Drock - hei hu mer et jo net mat enger Verfassungsbestëmmung ze dinn, déi hei spillt, d'Kierchefabrick sinn net an der Verfassung virgesinn -, ouni Zwang an ouni Drock hei gemeinsam decidéiert ginn ass, fir en neie System anzeféieren.

Ech zitieren an deem doten Zesammenhang aus dem Här Erny Gillen sengem Bichelchen „Neue Verhältnisse in Luxemburg - zwischen Staat und Religionsgemeinschaften“, wou en op der Säit 24 seet: „Der dritte Vertrag ist mehr als die beiden anderen eine Richtungsangabe, auf die sich die Vertragspartner verständigen konnten. Es werden, so könnte man sagen, zwei Ziele festgelegt: a) die heute 285 Kirchenfabriken sollen über ein zu erarbeitendes Gesetz in einem zu gründenden Fonds zusammengelegt werden; b) die Kirchengebäude, die der katholischen Kirche in der Zukunft für den Kultus zur Verfügung stehen, müssen von diesem Fonds eigenverantwortlich verwaltet werden.“ Da geet e weider: „Viele unterschiedliche Modelle wurden kontradiktorisch diskutiert und verworfen.“ A schlussendlech ass en Accord op engem Text fonnt ginn.

Ech mengen, d'Texter, d'Konventiounen, déi ofgeschloss gi sinn, misse respektéiert ginn. D'Regierung huet eng gewësse Flexibilität gewisen, wéi se gesot huet: Wann een aneren Accord am Kader vun deene Konventiounen méiglech ass, dann huet d'Regierung näischt dergéint, fir dat ze akzeptéieren.

De Problem war, dass awer keen Accord kann ass tëschent deenen zwou Sträiparteien innerhalb vun der kathoulescher Kierch - wann ech dat dierf esou soen -, deen am Respekt gewiescht wär mat deem, wat eigentlech mat der Regierung ofgemaach war. Duerfir ass d'Regierung schlussendlech bei hirem Text bliwwen an opgrond vum Statsrot ass dat Ganzt jo och nach fundamental ëmgeännert ginn an eenzelne Punkten.

An all déi Kritiken, déi och hei zitéiert gi sinn, déi bezéie sech op deen éischten Text, déi hunn eigentlech näischt méi mat deem Text ze dinn, iwwert dee mer haut ofstëmmen. Eigentlech ass dat, mengen ech, e ganz wesentleche Punkt, deen ech awer vläicht nach eng kéier dierf ervirhiewen.

Ech kommen zu e puer anere kritesche Bemerkungen, déi gemaach gi sinn, wat d'Verfassungsmissegkeet vun deenen Texter hei ugeet. Eent muss ech soen: Et ass déi éischte kéier, wou iwwert d'Kierchefabriken eppes iwwer eng Konventioun festgeluecht gëtt. D'Regierung huet eng Referenz gemaach op den Artikel 22. Ech perséinlech si mer net esou sécher, ob dat 100%eg an den Artikel 22 fält. Et war sécherlech net am Ursprungsgedanke vum Artikel 22 dran, fir déi Fro vun de Kierchefabriken iwwert deen heite Wee ze léisen.

Soudass ech mengen, dass de toute façon - Konventioun oder net - d'Chamber net ageschränkt ass an hire Méiglechkeeten. D'Chamber ass Legislatuer. A wann d'Chamber decidéiert, en Dekret, wat en Acte normatif ass vun 1809, ëmzeänneren, da mécht se dat, ob dat virdru konventionell mat iergendengem ofgeschwat ass oder net. D'Chamber ass menger Usicht no hei net ageschränkt an hire Pouvoiren.

Och wann déi Konventiounen géifen an iergendenger Form contestéiert ginn, bleift fir mech d'Souveränitéit vun der Chamber hei voll a ganz erhalen. Ech kennen eigentlech keng Dispositioun an eiser Verfassung, déi d'Chamber géif an deem Sënn anengen an ofhängeg maache vun engem Accord, deen Drëtter geholl hätten, ier si eigentlech dierf als Legislatuer aktiv ginn. Ech menge schonn, dass mer also hei an engem Beräich sinn, wou d'Chamber hir voll Kompetenz kann ausüben, wann dat dann néideg ass.

Ech deelen d'Interpretatioun vum Här Wolter net, déi eigentlech och bis elo ni d'Interpretatioun vun dëser Chamber war, zumindest net vun der Commission des institutions, fir ze soen, dass déi Konventiounen, déi opgrond vum Artikel 22 geholl gi sinn, müssen als ganz Konventioun vun der Chamber guttgeheescht ginn.



Ech mengen, et muss een hei de Saz genau liesen. Et steet dodran: «doit être soumise à la Chambre» (veuillez lire: Constitution art. 22: «à soumettre à la Chambre») - déi Konventiounen si jo bekannt, déi si jo der Chamber och zougestallt ginn, se sinn also der Chamber virgestallt ginn - «pour les dispositions qui nécessitent son intervention.» Et ass also nëmme fir déi Dispositiounen vun der Konventioun, wou d'Interventioun vun der Chamber gefrot ass, dat heescht, wou et sech ëm eppes Normatives handelt, wou d'Chamber muss hei deenen Dispositionen zoustëmmen. An dat ass elo genau dat, wat hei iwwert d'Gesetz ëmgësat gëtt. Esou ass et jo och an der Vergaangenheet geschitt.

Och an der Vergaangenheet ass et esou gewiescht, dass ëmmer déi verbindlech Saachen dann a Gesetzer ageschriwwen gi sinn - d'Schoulgesetz oder aner Gesetzer -, an déi Modifikatiounen vun deene Gesetzer sinn dann och hei approvéeiert gi vun der Chamber. Op jidde Fall liesen ech net dat an deenen heiten Texter, wat den Här Wolter hei liest. Ech mengen, d'Konventioun ass bekannt, déi ass public.

An hei geet et drëm, dass also do, wou d'Chamber muss intervenéieren - dat heescht, wou besteeënd Gesetzer mussen ëmgeännert ginn oder ofgeschafft ginn an deem heite Fall an duerch nei Texter ersat ginn -, dass an deem Moment, wou d'Chamber selbstverständlech dat muss maachen, dat net iwwert déi Konventioun geschéie kann. Wann do Elementer drastinn, déi direkt an d'Zoustännegkeet vun der Regierung falen, ass et selbstverständlech un der Regierung, hir Responsabilitéit ze huelen, wat d'Exekutioun vun deem Deel vun de Konventiounen ugeet. Et ass also just een aneren Deel, deen hei muss ëmgësat ginn a verbindlechen Texter. Dat ass jo mat deem heite Gesetzesprojet och geschitt.

Fir mech gëtt dat - ech hunn et virdru gesot - eng spannend Fro, déi mer tranchéiert kréien, wann et sollt weider zu Prozesser kommen. D'Fro ass, ob d'Konkordat nach hei zu Lëtzebuerg d'application ass. Dat ass eng Behauptung, déi an deem Prozess, dee momentan unhängeg ass virum Zivilgeriicht, opgestallt gëtt vun dem SYFEL a vun den eenzelne Kierchefabriken, déi do geklot hunn. Si soen, d'Konkordat vun 1801 wär nach ëmmer d'application zu Lëtzebuerg. Ech wëll just soen, dass déi lescht Regierungen ënnert der Féierung vu chrëschtlech-soziale Premierministere a Kultusministere ëmmer hei d'Thees och an der Chamber vertrat hunn, dass d'Konkordat zu Lëtzebuerg net méi applikabel war.

Dat war iwwregens och am 19. Jorhonnert d'Thees vun der kathoulescher Kierch, während déi liberal Regierunge vun deemools, wann ech dat dierf esou nennen, déi ëmgedrëit Positioun hatten, wéi elo déi lescht Regierung op deem dote Punkt hat.

Wann dat näamlech de Fall wär, hätte menger Usicht no scho misse Verhandlung mam Saint-Siège stattfannen, well ech iwwerzeegt sinn, dass Dealer vun deene Konventiounen, déi mer iwwert déi lescht 20 Joer, 30 Joer hei guttgeheescht hunn, net 100%eg konkordéiere mam Konkordat. Also wärend déi zumindest dann och schonn net méi konform zum Text. Mä komescherweis huet keen dat sengerzäit opgeworf. Deemools huet dat kee gesteiert an elo stéiert et verschidde Leit, déi eigentlech aus deemselwechte Beräich kommen.

Et gëtt eng - ech wëll dat nach eng Kéier hei soen, ech hunn et scho gesot -, et ass déi eenzeg rezent Etüd, déi ech zu deem Thema kennen, et gëtt eng Etüd vum Professor Dr. Jörg Gerkrath vun der Universitéit Lëtzebuerg iwwert de Régime concordataire, deen opgrond vun enger Analys vum Droit international a vum Droit national zur Konkusioun kënnt, dass d'Konkordat hei zu Lëtzebuerg net méi applikabel ass.

A wa seng Argumentatioun richteg ass, an dat kënne schlussendlech nëmmen d'Gerichter entscheeden, ass d'Fro, ob all déi aner Texter, déi hir Source an deem Konkordat huelen, an dozou gehéiert indirekt och den Dekret iwwert d'Kierchefabriken, net och da schonn net méi d'application sinn, spéitstens zënter déi éischt Konventiounen mat der kathoulescher Kierch gemaach gi sinn opgrond vun dem Artikel 22.

Firwat? Well eisen Artikel 119 vun der Verfassung seet an den Dispositions transitoires, dass all déi Bestëmmungen, déi d'Culté betreffen, déi en application waren dee Moment, wéi d'Verfassung agesat ginn ass - dat ass also scho laang hier -, dass all déi Bestëmmungen, do fält

also och den Dekret vun 1809 drënner, nëmmen esou laang nach en vigueur sinn, bis déi Konventiounen opgrond vum Artikel 22 ofgeschloss gi sinn. Déi sinn ofgeschloss ginn. Et ass deemools, muss ech soen, verpasst ginn, eigentlech Rechtssécherheet ze bréngen an eventuell duerch en Akt vun der Legislativ derfir ze suergen, dass déi Texter, déi eigentlech dorunnerhoungen, och nach weider sollten en vigueur bleiwen.

Dat ass net gemaach ginn. Duerfir stellt sech d'Fro, ob net sengerzäit, wéi déi éischt Konventiounen mat der kathoulescher Kierch opgrond vum Artikel 22 gemaach gi sinn, net eng implizit Abrogatioun och vum Dekret iwwert d'Kierchefabrick geschitt ass. Et ass op jidde Fall eng juristesche Thees, déi sech verteidige léisst a wou mer da vläicht gesinn, wann déi Prozesser do weidergefouert ginn, ob a wat do eis Geriichter schlussendlech letztinstanzlech dann dozou wäerte soen.

En zweete Punkt, deen ech nach wollt soen a wou ech mengen, dass een dat net kann einfach esou hei stoe loossen, dat ass déi Thees, déi elo hei opgestallt gëtt, déi seet, d'Kierchefabriken, dat wär en Organisme de droit privé.

Ech muss soen, all déi Doktrinnen, déi ech driwwer gelies hunn - an do kann ee sech och esouguer op d'Musel an den Elsass bezéien a Frankräich, déi deeselwechte Prinzip hunn -, do ass dat bis elo ni esou interpretéiert ginn, dass dat en Organisme de droit privé wier. An och de Professor Delpérée, dee jo vum SYFEL chargéiert ginn ass, fir déi dote Fro juristesche ze kucken, kënnt eigentlech zu enger anerer Konklusioun, well e seet ganz zum Schluss bei senger Konklusiounen: «Dans la mesure où les biens d'institutions publiques - les fabriques d'église», also e bezechent d'Fabriques d'église als Institution publique, net als Institution privée.

Also kann ee menger Usicht no hei net e ganzen Développement maachen, wat besonnesch beim Här Gibéryen de Fall war, deen d'Kierchefabriken als Organismes de droit privé bezechent huet. Dat ass net déi gängeg Rechtsofpaassung an all déi Developpementer, déi Der doropshi gemaach hutt, sinn deemno och falsch.

(Interruption)

An déi dierf een also hei net zrëckbehalen. Am Géigesaz ass jo ëmmer insistéiert ginn a schlussendlech ass jo och den Text an deem Sënn ofgeännert ginn, et ass jo gesot ginn: Passt op, do ass e Problem!

Dir hutt op där enger Säit eng Personne morale de droit public op lokalem Plang an Dir féiert dee Patrimoine iwwer bei eng aner Persoun. An et ass net kloer, wat dat eigentlech ass. Ass dat de droit privé? Ass dat de droit public? An et ass jo kloergestallt ginn, dat ass dann en Établissement national, eng Personne morale de droit public. Dat heescht, et geet vun enger Personne morale de droit public um Niveau local op eng Personne morale de droit public um Niveau national. An domadder géif ech och soen, dass déi ganz Fro vun der Expropriatioun sech ënner engem anere Gesichtspunkt stellt.

Dat war eigentlech genau deen Développement, deen de Professor Delpérée och gemaach huet. A sengem Avis vun eelef Säite geet e jo praktesch nëmmen op zwou Säiten op déi Fro vun de Kierchefabriken an. An do ass dat dote seng Haaptargumentatioun. E seet: Passt do op, do kann e besonnesche Problem entstoën, well Der do eigentlech enger privater Persoun, Personne morale, déi dote Gidder wëllt zouféieren. An do stellt sech e seriöse Problem vun (veuillez lire: wéinst der) Expropriatioun.

Dee Moment, wou den Text an deem Sënn ëmgeännert ginn ass, dass dat kloer ass, dass dee Fong praktesch een Établissement public oder zumindest eng Personne morale de droit public ass, mengen ech, stellt déi dote Fro sech och juristesche ganz anescht, wéi dat vläicht am Ufank de Fall war. Och do mengen ech, dass deen Text hei, iwwert dee mer haut ofstëmmen, zu enger Klarifikatioun gefouert huet.

Op deem heiten Text gëtt a gouf et een Accord mat der kathoulescher Kierch, mam Äerzbischof, mat deene Leit, déi d'kathoulesch Kierch vertrieben. Do bestätegen ech och hei, dass d'Grondiddi vun deem heiten och aus der kathoulescher Kierch erauskënn an net aus engem Wahlprogramm vun enger vun deene Parteien, déi hei an der Regierung vertrat sinn.

Mä et ass awer eng Iddi, déi u sech net falsch ass, dass, wann een also ofweit, wat fir ee Wee dass ee geet, dat dote scho Sënn mécht, fir do eng professionell Gestoun, eng rationell Gestoun vum Patrimoine vun der Kierch ze kréien. Dat ass natierlech am Interessé, mengen ech, vun der kathoulescher Kierch an et ass och am öffentlichen Interessé, dass dat esou geschitt mat där néideger Transparenz, déi mer jo vun

alle Säite wëllen an dat Finanzgebare vun de Kierchen och weider erabréngen. Dat ass, mengen ech, dee richteg Wee, dee mer hei gaange sinn, an et ass un der kathoulescher Kierch, derfir ze suergen, dass dee villen Engagement, dee se an hire Paren huet, net leit ënnert där eigentlech vun hir gewolltener Zentraliséierung vun der Finanzgestioun.

Perséinlech mengen ech, dass genuch Spitt besteet, sech intern esou ze organiséieren - an den Text selwer gëtt jo, wéi jo och richteg ervirgehuewe ginn ass, och d'Méiglechkeet, e mécht eng Dier op, fir dat doten ze maachen -, dass do u sech deen Engagement net verluer geet, dass dee ka weidergoen, just vläicht an enger anerer Struktur, an enger anerer Form, awer wa méiglech mat deeneselwechte Leit, mat darselwechter Begeeschterung, fir dat doten ze maachen.

An duerfir mengen ech, dass een also do awer och sollt e gewëssent Vertrauen hunn, well et och vun Ufank un ëmmer gesot ginn ass vum Äerzbischof: Mir wëllen dat esou organiséieren, dass dat awer dezentral och nach ka weider fonctionnéieren, dass dat doten eigentlech net zu engem Broch elo am Fonctionnement op lokalem Plang an eenzelne Pare féiert.

Ech mengen, wann de Wëllen do ass, fir eppes ze maachen, brénge mer dat och fäerdeg, vu dass ech hei muss feststellen, dass et elo manner, denken ech, eng Fro ass vu politeschen Divergenzen tëschent de Regierungsparteien an der kathoulescher Kierch, mä éischer eng Fro ass e bëssen och vu Muecht innerhalb vun der kathoulescher Kierch. Wien huet d'Soen iwwert d'Finanzen? Wien entscheet am Endeffekt, wann eng spezifesch Finanzdecisioun ze huelen ass? Et geet eigentlech dorëm, an ech mengen, dass et net un eis ass, dat doten ze tranchéieren, mä dass dat dote wa méiglech eng Fro ass, déi intern vun der Kierch muss geregelt ginn am Sënn vun enger gutt verstanener Trennung vu Kierch a Stat, well nëmmen esou kann dat Ganzt fonctionnéieren.

E leschte Punkt, deen ech wollt opwerfen, dat ass deen, deen e puermol elo ugedriwwen ginn ass, well jiddwereen héiert Prozess hei, Prozess do. Wat geschitt elo? Trëtt dat Gesetz iwwerhaapt a Kraaft? Bon, wann dës Chamber dat Gesetz stëmmt an d'Gesetz kritt d'Dispens vum zweete Vott duerch de Conseil d'État, da gëtt et verëffentlecht an et trëtt den 1. Dag vum drëtte Mount no senger Verëffentlechung a Kraaft. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg kee System, wou ee Geriicht eng Akraaftsetzung vun engem Gesetz ka verhënneren.

Wa Verfassungsfragen opgeworf ginn, da muss dat am Kader vun engem spezifesch Prozess, deen awer e konkreten Objet muss hunn, opgeworf (veuillez lire: ënnersicht) ginn. An ech schlëissen effektiv net aus, do ginn ech mengem Virriedner sécherlech recht, dass op deem heite Punkt et an engem konkreten Fall, wann do Contestatiounen sinn, d'Regularitéit an d'Konstitutionalitéit vun deem heiten Text opgeworf ka ginn, an dann ass et, wéi dat och bei aneren Texter de Fall ass, un eise Verfassungsgeriicht am Endeffekt, dat dann ze tranchéieren. A mir hunn dann déi néideg Konklusiounen dorauer ze zéien.

Dat ass, mengen ech, awer an engem Rechtsstat eppes ganz Normales, dat dierf een eigentlech och net fäerten. Mä ech sinn der fester Iwwerzeugung, dass an där schwieriger a komplexer Matière, wou et net einfach war, en einfachen Auswee ze fannen, well vill Zäit, Jorzéngten eigentlech verluer gaange sinn an deem heiten Dossier, mengen ech, dass dat heiten awer dee richteg Wee ass. E Wee, dee gemeinsam mam Äerzbischof gaange ginn ass a wou ech sécher sinn, dass mer schlussendlech awer herno eng besser Léisung hu wéi d'Weiderbestoe vun deem alen Text iwwert d'Fabriques d'église. Duerfir, eise Parteipresident huet dat scho gesot, wäert d'Sozialistesch Partei selbstverständlech deen heiten Text stëmmen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Den Här Wolter freet d'Wuert. Ech ginn dovun aus, dass nach Riedezäit do ass.

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Riedezäit ass do an den Här Bodry huet mech nommément och ernimmt.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Bon, et war kee Fait personnel.

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Ech hunn nach véier an eng hallef Minutten.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo, eben, Der braucht...

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Ass dat an der Rei?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Dat ass selbstverständlech an der Rei.

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Da sinn ech frou.

Här Chamberspräsident, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif dann trotzdeem gären a kuerze Wieder op d'Interventioun vum Här Bodry hei agoen. Déi éischt Interventioun, déi den Ufank an de Schluss vu senger Ried markéiert huet, ass déi, fir ze soen, et wier eigentlech jorzéngtelaang näischt geschitt.

Deem huet en eigentlech an der Mëtt vu sengem Exposé widdersprach, wéi en iwwert den Expertebericht vum Joer 2012 geschwat huet. A wann e seet, et wäeren eidel Tirang do gewiescht, da muss ech soen, 2013 louch en Expertebericht do mat konkrete Propositionen, wéi een hätt kënne virgoen. Dertëscht si Wahle komm, 2013. Eis Partei huet hir Positioun an de Wahlprogramm geschriwwen. Et ass also net richteg, et ass einfach faktesch net richteg, fir ze maachen, wéi wann eréischt 2013 d'Fro vun de Kierchefabriken an d'zukünfteg Regel op d'Dagesuerdung vun der politescher Debatt hei zu Lëtzebuerg komm wier.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - ...ech hu vun de Jore virdrun...

Dir hutt mer net nogelauschtert!

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Ech hunn lech esouguer ganz gutt nogelauschtert.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Jore virdrun ass et op der Tapet gewiescht. Et gi Motiounen, déi vill méi al si wéi deen Expertebericht do!

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Dir sot, Här Bodry, et wëlt ee blockéieren. Ech hat net d'Impressioun an iergendenger vun de Passage vu menger Ried, dass ech op iergendengem Punkt gesot hätt, mir wëlte blockéieren. Mä mir wëllen et richteg maachen. Mir wëllen et richteg maachen am Respekt vun alle Partner an déi Partner sinn nun eben net nëmmen de Bistum an de Stat, mä och d'Kierchefabriken an de Stat. A mir wëllen et esou gestalten, dass keng Prozesser mussen driwwer befannen, ob dat Gesetz hei legal ass a bestoe bleift oder net.

Dir hutt gesot, mir hätten eis eigentlech nëmme mam éischen Text befaasst. Quod non! De Gros vun de Kriticken, déi ech geäussert hunn a menger Interventioun, bezitt sech expressis verbis op dat, wat geschitt ass nom Avis vum Statsrot...

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Dir hutt jo net eleng geschwat, Här Wolter! Et waren nach aner Leit hei, déi geschwat hunn.

► **M. Michel Wolter (CSV).** - ...vum 14. Juli aus dem Joer 2017. An ech hu mech souwuel ausenanergesat mat der Aart a Weis, wéi den Innenminister verfuere ass, an zwar net mat de Kierchefabriken, mä mat de Gemengen, déi a mengen Aen en Deel vun dësem Projet sinn, wéi eben och mat der Aart a Weis, wéi d'Chamber eigentlech hir legislativ Aarbecht - an do misste mir zwee eis zumindest eens sinn - net gemaach huet. Well wann een näamlech opgrond vum Avis vun engem Statsrot eng Annex eigentlech op de Rang vum Gesetz hieft, wat net übblech ass, wat et awer scho ginn ass,...

► **M. Claude Haagen (LSAP).** - Dat ass et awer scho ginn.

► **M. Michel Wolter (CSV).** - ...dann ass et déi ureegen Flicht vun der Chamber, fir an aller Sorgfalt derfir ze suergen, dass dat, wat an deenen Annexe geschitt, der Legalitéit an och dem Wëlle vun deenen, ëm déi et geet, entsprécht. An dat ass net gemaach ginn.

Fënneft Remark, Här Bodry: Dir sot, an zu Recht, d'Chamber ass net ageschränkt an hire Méiglechkeeten a Pouvoiren, an Dir bezitt lech do op den Artikel 22, wou mer eng Divergence de vue hunn, déi mer héchstwahrscheinlech haut net wäerte klären.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Ech mengen net.

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Déi gi vun anere Leit gekläert.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Vläch.

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Mä d'Chamber an hir Souveränitéit spillt awer net am rechtsfräie Raum. Eng Chamber kann net maachen, wat se wëllt. Och eng Chamber muss kucken, ob déi Gesetzer, déi se stëmmt, de Gesetzer, déi bestinn, entsprechen a virun allem, ob se der Verfassung entsprechen.

(Interruption)

An dat, wat Der elo macht, an dat ass meng grondleeënd Kritik un deem, wat Der amgaange sidd hei ze maachen - an ech gesi jo, dass Der dat absolut wëllt maachen, dofir hätt ech just gären, dass Der wësst, wat Der amgaange sidd ze maachen -, dat ass, dass ech mech a mengem Rasonnement iwwerhaapt net am Kader vum Artikel 22 vun der Verfassung, mä am Kader vum Artikel 16 vun der Verfassung bewegen, näamlech deen, deen d'Expro-



pratioun an d’Konditiounen vun der Expropriation regelt, an dass mäi Punkt och guer net deem ass, wéi d’Expropriation an d’Relatioun vu Fong zu Kierchefabrik geregelt ass, mä dass meng hefteg Kritik sech dorëms beweegt, dass hei Gemengen hir Propriétéit ewechgeholl kréie sans autres formes de procédure.

An dofir hunn ech en Amendement gemaach. An ech si ganz gespaant, wéi Der dorobber reagéiert. Well gleeft mer et, deem Deel, dee wäert zu ganz schwéierwiegende Konsequenzen eventuell kënnen féieren, och zu Rechtssträit an och bis zu ech weess net. Et ass e fundamentalen Ennerscheid, ob Dir diskutéiert iwwert d’Gesetzesméissegheet an d’Pouvoiren an d’Méiglechkeeten, déi d’Chamber huet. An Dir referéiert lech op den Artikel 22 a menger Interventioun, déi sech haaptsächlech mat der Interpretatioun vum Artikel 16 ausenanergesat huet.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo, den Här Bodry kritt nach eemol d’Wuert.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Jo, fir nach eng Kéier dat ze widderhuelen, wat ech gesot hunn, wat manifestement hei falsch verstane ginn ass. Meng Kritik, déi bezitt sech net op den Expertebericht, mä meng Kritik bezitt sech op déi Jore virdrun. Elo Hand op d’Häerz, Här Wolter, mir wëssen zënter laange Joren, wäit vum Expertebericht, dass d’Gesetzgebung iwwert d’Kierchefabricke contraire ass zu den allgemenge Rechtsprinzipien an zu eiser Verfassung. Do ginn et scho laang al Motiounen. An ech soen nach eng Kéier: Schonn 2009, vum Expertebericht, war en Accord do, dass mer géifen d’Moderniséierung maache vum Gesetz iwwert d’Kierchefabriken. Wéissou ass net emol een Avant-avant-projet ausgeschafft ginn zu deem dote Punkt vum zoustänneg Minister?

Wat ass gemaach ginn? Fir Zäit ze gewinnen, fir dat Ganzt erëm eng Kéier e puer Joer no hannen ze schuppen, fir nëmmen esou lues wéi méiglech virunzekommen, ass gesot ginn: Elo setze mer emol Experten an. Wat hunn déi Experten do eis da vill Neies matgedeelt? Si hunn eis dat matgedeelt, wat d’Kritikpunkten ugeet, wat mer alleguerte scho selwer woussten, op jidde Fall all déi, déi sech eng länger Zäit mat där doten Affär beschäftegt hunn.

Hei ass et esou gemaach ginn, wéi et sengerzäit bei der Aféierung vun der duebeler Nationalitéit gemaach ginn ass. Eigentlech ware mer eis alleguerte schonn eens, war eng Majoritéit zumindest an dëser Chamber derfir, fir ze soen: Mir si bereet, d’duebel Nationalitéit anzeféieren. Mä fir Zäit ze gewinnen, mä fir awer nëmme keen ze brüskeieren, ass emol eng Etüd gemaach ginn. Et ass ee chargéiert ginn - war et net den Här Delpérée selwer erëm eng Kéier? Dës Kéier huet en da fir aner Leit an der Regierung geschafft, elo ass et fir de SYFEL -, fir déi dote Fro dann ze klären. Do sinn erëm eng Kéier fënnef Joer verluer gaangen, ier da schlussendlech mat grousser Majoritéit dat Gesetz gestëmmt gi war. Do huet sech an de Fakten näischt geännert während deenen zéng Joer.

Mir hunn an där dote Fro zéng Joer verluer. Dat hei ass en anert Beispill, wou déi Wartehaltung agesat ginn ass. Obwuel mer parfaitement woussten, dass deen Text vun 1809 net haltbar wier, ass awer ëmmer erëm duerch d’Fangere gekuckt a gesot ginn: Dat gëtt kriddelech, also pake mer et léiwer net un. Loosse mer eis duerch Leit vu bausse soen, dass mer eppes musse maachen, da kréie mer vläicht och bei eis an der Partei duerchgesat, dass mer eppes do musse maachen.

Dat ass déi Kritik, déi ech hunn. Also ech kritiséieren u sech net, wat elo kuerzjäit gemaach gouf, mä et ass scho länger Zäit gewosst gewiescht, wou d’Schwaachstelle sinn, dass de Gläichheetsprinzip tëschent de Reliounen net respektéiert gëtt, dass do Dispositiounen dra sinn, déi net méi haltbar sinn. Zum Beispill, dass ee muss eng gewësse Konfessioun hunn, fir därefen an deem dote Rot ze sinn, an engem Établissement public local, dat ass onhaltbar hautdesdaags. Vläch war dat haltbar am Ufank vum 19. Johonnert, mä haut ass dat net méi denkbar. All déi Saachen do ware bekannt, mä et wollt keen drugoen.

Bon, dës Regierung geet drun an ech mengen, et ass gutt, dass d’Regierung drugeet.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Mir sinn um Enn vun der allmenger Diskussioun ukomm. An d’Wuert huet elo d’Regierung, den Här Innenminister Dan Kersch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Dan Kersch, Ministre de l’Intérieur.** - Här Präsident, Dir Dammen an Dir Hären, fir d’Éischt emol eng Kéier e grouse Merci um de Rapporteur an un déi gesamt Chamberskommissioun. Och wann een Deputéierten hei gemengt huet, déi Chamberskommissioun hätt

hir Aarbecht net gemaach, da gesinn ech dat aneschtens. A wann den Här Bodry opgehalen huet mat deem Wuert: Et huet keen et ugepaakt an dës Regierung huet et ugepaakt, dann ass dat den Ufank, fir hei kënnen op dëser Tribün ze deklaréieren, dass dës 17. Januar e geschichtsträchtegen Dag ass.

Mir schléisse fir eng länger Zäit, dovun sinn ech jiddefalls iwwerzeegt, en Dossier vun Trennung vu Kierch a Stat of, deem aus dräi Volete besteet: d’Neuerdnung vun der finanzieller Ennerstëtzung vum Stat vis-à-vis vum Culte catholique an deenen aneren unerkanntene Reliounsgemeinschaften, d’Ersetze vum Reliouns-unterrecht duerch e Wäerteunterrecht, dee fir all d’Kanner, déi hei am Land an d’Schoul ginn, deen nämlechten ass an dat onofhängeg dovunner, ob d’Kanner respektiv hir Eltere gleeweg sinn oder net. An am Fall, wou se gleeweg sinn, onofhängeg dovunner, u wat respektiv u wie se gleewen. An drëtens, an doriwier befanne mer haut, d’Klärung vun de Besetzverhältnisse vun de Kirchegebaier an d’Ofschafe vum Dekret vun 1809 iwwert d’Kierchefabriken.

Et sinn dëst dräi Elementer vun engem Ganzen, déi de 26. Januar 2015 esou mam Äerzbistum ofgemaach gi sinn. An a mengen Aen läit do och déi historesch Dimensioun vun deem Ganzen, anerer schwätze souguer vun engem historesche Kompromëss, deem esou net onbedéngt viruszegesi war.

Op jidde Fall hunn déi mannste viru fënnef Joer dru gegleef, dass mer am Beräich vun der Trennung vu Kierch a Stat esou wäit géife kommen. An dat ass ouni Zweifel e groussen Erfolleg fir dës Regierung, och wann anerer eis dat net wëlle gënnen. Et gouf eis e grouse Kulturkampf propheet, wa mir dat waarmt Eise géifen upaken. An Eenzelner hu sech schonn drop gefreet, wéi d’Regierung géif ausenanergedriwwen ginn. Abee, näischt vu béidem ass geschitt: Weder ass et zu engem Kulturkampf komm nach hu sech déi dräi Regierungsparteien ausenanerdreiwe gelooss. Am Géigen-deel, dës Projet huet eis nach méi no beienereckele gelooss.

Firwat ass dat esou komm? Firwat hu sech déi béis Propheeteungen net erginn? Dorops gëtt et eng relativ einfach Antwort, an zwar déi, dass d’Regierung mat Fangerspëtzegefill un dës Fro erugaangen ass, net mam Briecheisen, net vun uewen erof, mä mat Dialogbereitschaft a Versteedsdemach fir déi aner Säit am Interêt vu gemeinsam gedroene Léisungen.

Sécher, deem engen oder anere geet dat alles net wäit genuch an do wäre sech méi radikal Léisungen erwaart ginn. Mä genausou sécher geet dat Ganzt anere vill ze vill wäit a vill ze vill séier. Do ware sech aner oder souguer vläch guer keng Verännerunge gewënscht ginn. Dëst illustréiert och, dass et sech bei deenen am Dialog ausgehandelt Léisungen ëm e wierkleche Kompromëss handelt. E Kompromëss mat deem eenzege Partner, deem duerfir a Fro komm ass, nämlech dem Bistum, representéiert duerch den Äerzbëschof a säi Generalvikar, déi als Eenzeg - an ech betounen: als Eenzeg! - d’kathoulesch Kierch zu Lëtzebuerg representéieren an engagéiere kënnen.

An dass et eis gelongen ass, zu Kompromësser ze kommen, dierft iwwerraschen an Eenzelner souguer enttäuschen. Ech muss soen, Här Präsident, mech iwwerrascht et net. Éischtens, well ech d’Chance hat, weinstens wat den drëtten Deel vum Dossier ugeet, dës Gespréicher am Numm vun der Regierung ze féieren. An zweetens, well ech weess, wéi déi Gespréicher verlaf sinn, wou zwar, an dat ass onëmstridden, heiansdo haart verhandelt gouf, awer ëmmer fair an am géigesäiteg Respekt deem ee vis-à-vis vun deem aneren.

An ech ginn den Androck net lass, dass d’kathoulesch Kierch wesentlech méi pragmatesch a realitéitsbewosst ass wéi verschidde vun hire Kierchegänger, fir déi den „C“ éischter fir politesche Muechterhalt wéi fir d’Vermëttlung vun der biblescher Botschaft ze stoe schéngt.

(Brouhaha)

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Dan Kersch, Ministre de l’Intérieur.** - D’CSV, Här Präsident - an hir Verrieder hunn et haut op dëser Tribün gesot -, hätt et anescht, si hätt et selbstverständlech besser gemaach. Dierf een d’CSV da froen, ob si net de Konsens mam Bistum gesicht hätt? Hätt si net an engem méintelaangen, permanenten Dialog ëmmer erëm nei Formulierung gesicht, déi deem engen an deem anere konnte Satisfaktioun ginn? Hätt d’CSV sech net un eng ënnerschriwwen Konventioun gehalen an domadder hiert Wuert gebrach? Ech froen: Pacta sunt servanda, ass dat net ee Prinzip, deem och fir d’CSV misst helleg sinn?

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Si hu sech net dru gehalen.

► **M. Dan Kersch, Ministre de l’Intérieur.** - Här Präsident, ech mengen ze wëssen, wat d’CSV gemaach hätt. Si hätt dat gemaach, wat si och déi Jorzéngte virdru gemaach huet, nämlech glat a guer näischt.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Dan Kersch, Ministre de l’Intérieur.** - Si hätt eng Situatioun perduréiere gelooss, déi méi wéi ongesond war, wou ënner anerem de Conseil de l’Europe schonns drop higewisen huet, dass se intenabel wier. D’CSV hätt d’Propriétéitsverhältnisse vun de Kirchegebaier net gekläert an domadder d’Gemege weider eleng um Problem sëtze gelooss.

Erlaabt mer, an deem Kontext och nach de Statsrot ze zitieren, deem der Regierung an der Chamber net nëmme gréng Luucht gëtt, fir dës Propriétéitsverhältnisse ze klären, mä se duerfir ausdrécklech begléckwënscht. «Le projet de loi (...) a le mérite d’apporter des clarifications à cet égard.» Am Jargon vum Conseil d’État, Här Präsident, a gleef mer, ech weess, vu wat ech schwätzen, kënnst dës Formulierung engem Ritterschlag gläich.

(Brouhaha)

D’CSV hätt déi ondemokratesch... D’CSV hätt déi...

(Brouhaha)

► **Mme Octavie Modert (CSV).** - Legendebildung selwer maachen, wann déi aner et net maachen!

► **M. Dan Kersch, Ministre de l’Intérieur.** - D’CSV hätt déi ondemokratesch, ontransparent Kierchefabrick weider am Däischtere wierke gelooss, well et hir u politeschem Courage geféelt hätt, an deem Krabbennascht fir Uerdnung ze suergen.

(Interruptions)

Jiddwereen heibanne weess et a jiddwereen heibannen erënnert sech och nach drun, wat fir ee legendäre Stéllstand mer erlieft hunn, nodeems den Här Biltgen 2012 säin Expertebericht presentéiert hat,...

► **Une voix.** - Jo.

► **M. Dan Kersch, Ministre de l’Intérieur.** - ...deem d’Drénglechheet vum Handeln, an dat ass wouer, méi wéi kloer ervirgestallt huet. A fir dat Näischtmache vum der CSV gëtt et och Grënn, déi am beschten illustréiert ginn duerch en „Lëtzebuurger Wort“-Leitartikel vum 22. Juli 2017.

A wa mer scho bei den Zitater sinn, dann erlabe ech mer, nach eng Kéier ze zitieren, wat d’„Wort“ gemengt huet: „Und die CSV? Die Christozialen wollen sich zu dem Gutachten erst gar nicht äußern.“ Gemengt war den Avis vum Statsrot. „Überhaupt hielten sie sich in dem Dossier zuletzt auffallend zurück. Angesichts ihres Dauerabonnements auf das Innenministerium sind sie sich offensichtlich sehr wohl bewusst, dass sie die obsolete Gesetzgebung zu den Kirchenfabriken bereits vor Jahren nach eigenem Gusto hätten reformieren können, gar reformieren müssen.“ A weider: „Es geht im wahren Sinne des Wortes um Kirchturmpolitik und es geht um das von ihnen verwaltete Vermögen. Es geht um Geld.“ An dann: „Dass in den Kirchenräten viele CSV-nahe Mitglieder sitzen, macht die Sache nicht einfacher.“

(Brouhaha)

Här Präsident, dierf ech drun erënneren, dat war en „Wort“-Leitartikel. Et stoung net am „Journal“, och net am „Tageblatt“ an och net an der kommunistescher „Zeitung“.

(Brouhaha)

An et ass esou wouer, et ass esou wouer, wéi seelen eppes wouer ass, wat an enger Zeitung steet! Et beschreift a kuerze Wieder dee ganzen Dilemma vun der CSV. An et liwwert esou ganz niewebäi eng weider Erklärung derfir, firwat et esou wichteg ass, dass déi Hären an Damme vun der CSV hei op menger rietser Säit sëtzen an net op de Regierungsbänken.

(Hilarité)

D’CSV hätt also...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Also Här...

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Schwätzt Dir als Minister oder als Parteimann?

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Als wat schwätzt Der hei?

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Dat war elo awer déi lescht Remark, Här Präsident!

► **Mme Nancy Arendt (CSV).** - Awer wierklech!

► **M. Dan Kersch, Ministre de l’Intérieur.** - Ech hunn elo hei während gutt véier, fënnef Stonne gutt nogelauschtert...

► **M. Gilles Roth (CSV).** - ...als Minister geschwat géint d’CSV, jo.

► **M. Dan Kersch, Ministre de l’Intérieur.** - Ech hunn elo hei während gutt véier, fënnef Stonnen nogelauschtert...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Dir kënnt zu jidder Zäit herno reagieren.

► **M. Dan Kersch, Ministre de l’Intérieur.** - ...an ech hunn lech net ënnerbrach. An ech géif lech bieden,...

► **Mme Octavie Modert (CSV).** - Bis elo huet och kee polemiséiert!

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Mir haten eng Demande gemaach, fir déi aner Säit sëtzen ze kommen. Déi ass refuséiert ginn.

► **M. Dan Kersch, Ministre de l’Intérieur.** - Aah! A wann Der esou weidermacht, da geschitt lech dat nach eng Kéier.

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Ah jo, well mir ass et egal, ob ech lénks oder riets sëtze vum Riednerpult.

► **M. Dan Kersch, Ministre de l’Intérieur.** - A wann Der esou weidermacht, da geschitt lech dat nach eng Kéier.

(Brouhaha)

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Et hänkt just dovunner of, wien um Riednerpult steet!

► **M. Dan Kersch, Ministre de l’Intérieur.** - Här Präsident, dierf ech weiderfueren?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Also, Kollegen, ech muss lech soen, ech sëtze ganz gär an der Mëtt. Fuert virun, Här Minister!

► **M. Dan Kersch, Ministre de l’Intérieur.** - D’CSV, an dovun sinn ech fest iwwerzeegt, hätt an dësem Dossier weider Gottes Waasser iwwer Gottes Land lafe gelooss, wuel wëssend, dass de kritesche Pegelstand scho méi wéi erreecht war.

Ech erlabe mer och, den Här Wiseler als CSV-Spëtzekandidat ze zitieren, deem an engem rezenten „Tageblatt“-Interview op d’Fro, ob et zu engem 180-Grad-Revirement an der Fro vun de Kierchefabrick géif kommen, wann hien un d’Rudder géif kommen, Folgendes gesot huet: „Ich glaube, dass die Wirklichkeit das gar nicht zulässt. Sogar wenn man es wollte. Bei der Frage der Kirchenfabriken haben ja auch die Kirche und das Bistum eine Position eingenommen, die klar ist.“ Den honorabelen Här Wiseler huet natierlech recht bei deem, wat hien do seet.

► **Une voix.** - Aah!

► **M. Dan Kersch, Ministre de l’Intérieur.** - De ganze Rescht...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Also, wann Dir d’Saache bis futti gemaach hutt, dann ass et natierlech ganz schwéier, se erëm riichtzebeien. Dat ass absolutt richtig!

(Brouhaha)

► **M. Dan Kersch, Ministre de l’Intérieur.** - Soll ech lech nach eng Kéier d’„Wort“-Leitartiklerin hei zitieren, déi gesot huet, Dir hätt jo scho laang Zäit gehat, eppes ze maachen, mä hutt aus deene Grënn, déi mer virdru gesot hunn, näischt gemaach?

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Dir zitéiert, wat Der wëllt. Et war emol gutt, wann Der géift op den Text reagieren an op all déi Froen, déi opgeworf gi sinn!

► **M. Dan Kersch, Ministre de l’Intérieur.** - Ech fannen et ëmmer symptomatesch, wann een op seng eegen Zitater relativ ongedëlleg reagiert.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Ech fannen et gutt, wann Dir Erklärunge gitt, déi absolutt net déi sinn, déi u sech geduecht waren. Dofir hunn ech dat kloer an däitlech gesot, wat ech domat gemengt hunn, fir datt et kloer ass an däitlech.

► **M. Dan Kersch, Ministre de l’Intérieur.** - Gutt. Ech sinn awer trotzdem der Meinung, Här Wiseler, dass Der natierlech recht hat bei deem, wat Der do gesot hutt. An ech begrënnen och, firwat: Well Der mat deem, wat Der do gesot hutt, implizitt dat bestätegt hutt, wat déi vu mir zitéiert „Wort“-Leitartiklerin an deem Artikel vum 22. Juli 2017 gesot huet.

Leider hutt Der et net fäerdegruecht, Här Wiseler, déi Wierklechheet och da bis an d’CSV-Fraktioun eranzebréngen, soss hätte mer haut vun Äre Kollegen hei vläch aner Reaktiounen kritt wéi déi, déi mer de Mëtteg kritt hunn.

Et ass scho frappant, d’Diskrepanz tëschent deem, wat Der engersäits am Beméie fir e statsmännesche Statement ofzegeen an engem „Tageblatt“-Artikel sot, an deem, wéi hei Är mandatéiert Spriecher optrieden.



► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Et gëtt ëmmer besser.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Do soll jiddweree sech seng Gedanke selwer maachen.

► **Mme Octavie Modert** (CSV).- Et soll nach ee soen, dat hei wär keen ideologeschen Dossier!

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Also, d'CSV huet lech kloer an daitlech gesot, wat eis Position war a wat eis Propositione wären. Ech géif lech emol bieden, op all déi Froen a Problemer anzegoen, déi hei opgeworf gi sinn, anstatt just Polemik ze maachen.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- En huet soss näischt gemaach.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Ech sinn amgaangen, Här Wiseler, hutt e bësse Gedold!

Här President...

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Fuert virun, Här Minister!

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Hu mer en neie President an der Chamber?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Neen, mä...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Ech war fein a wollt soen, datt Der nach 8 Minutten a 46 Sekunden hutt.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Et ass nach näischt komm bis elo.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ech kontabilisïere selbstverständlech d'Ennerbriechungen.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Merci, Här President. Här President, mam Risiko, mech ze widerhuelen, wëll ech nach eng Kéier mat aller Däitlechkeet soen, dass d'ka-thoulesch Kierch mat dëser Gesetzgebung näischt ewechgeholl kritt. Dorëms ass et och net gaangen. Et gëtt och net, wéi vu verschidene Säite gesot ginn ass a monter och haut nach erëm weider behaupt ginn ass, iergendeen expropriéiert.

De Statsrot huet dat méi wéi kloergestallt. An ech zitieren en nach eng Kéier: «Il ne saurait être question d'expropriation.» Am Géigendeel, de Bistum verfüügt vun elo un iwwer en Instrument, dat et erlaabt, mat der noutwendeger Transparenz fir d'Kierch an déi ganz Gesellschaft déi kierchlech Immobilien, no deenen a Zukunft den nationale Fong wäert kucken, méi rational kënnen ze verwalten. An dat ass selbstverständlech am Interêt vun der Kierch. Mä et ass awer och am Interêt vun eis all, well de Fong seng Sue muss gebrauchen, fir déi Kierchegebaier, déi him gehéieren, ze ënnerhalen an domat d'ëffentlech Finanzen ze entlaaschten.

Deene weínegen a punktuelle verfassungsrechtliche Bedenken, déi de Statsrot bei e puer Artikelen vum neie Gesetz geäussert huet, hu mer zu 100%, ech betounen, zu 100% Rechnung gedroen. Déi mandatéiert CSV-Spriecherinnen huet gemengt, de Statsrot hätt mir zweemol d'Rout Kaart gewisen. Normalerweis ass ee jo schonn no der éischter Rouder Kaart vum Terrain. Et sollt vläicht ee vun deene grouse Fussballfans aus der CSV-Fraktion der Mardamm Adehm dat eng Kéier erklären.

Mä et ware keng Rout Kaarten, et waren emol keng Giel Kaarten, well d'Regierung déi ugekënnegt Opposition-formellen ouni Problemer tel quel iwwerholl huet an zwar wuertwäertlech esou, wéi déi Textproposen vum Conseil d'État gemaach goufen. A si huet dat gemaach, well se d'Wiese vum Accord vun der Regierung mam Bistum a well se d'Wiese vum Gesetzesprojekt net op d'Kopp gehäit huet.

Loosst mech nach ee Wuert soen iwwert d'Matsproocherechter vun de Gemengen!

Zanter dem 24. Abrëll 2015, an ech sinn dem Här Wolter dankbar, dass en in extenso alleguerte meng Bréiwer respektiv Circulären erwänt huet, also méi wéi zwee an en halleft Joer haten d'Gemengen all Méiglechkeeten, eis ze soen, wéi se gären d'Propriétéit vun hire Kierchegebaier geregelt hätten. Nach den 1. August 2017 ass den Delai, fir endgültig Bescheid ze soen, nach eng Kéier ëm zwee Méint verlängert ginn, fir dass d'Chamber wéisst, wéi se sech sollt orientéieren.

(Interruption)

An dëst op d'Demande - huet dat emol zur Kenntnis, wat ech elo soen! -, an dëst op De-

mande vum Bistum, dee wollt nach eng Kéier kënnen mat deenen eenzelne Gemenge Gesprécher féieren!

D'Gemengen haten an dësem Dossier en exemplarescht Matsproocherecht, wéi si sech et vläicht a villen aneren Dossierien heiansdo géife wënschen.

Wat mir haut hei héieren hunn, fir dat futti ze rieden, war eng Mëschung vun aus dem Kontext gerapptenen Zitater vum Conseil d'État, gepaart mat abenteuerlechen Eegeninterpretatiounen vun der Verfassung, déi vum Statsrot aver tel quel widerluecht gi sinn. Och dat sollt een eng Kéier soen.

An ech wëll dem Här Wolter soen, dass mer op Avis vum Statsrot och eng Bestëmmung, fir nodréiglech d'Propriétéit nach eng Kéier kënnen ze änneren, aus dem Text erausgeholl hunn, well mer mengen, dass mer mat där Iddi vum Statsrot wesentlech méi séier virukommen, wéi dat de Fall ass.

A wann elo op dee leschte Stëppel eenzel Gemengen heihinnerkommen,...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- No Wahlen, demokratesche Wahlen.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Wann elo op dee leschte Stëppel - da soen ech et méi konkret, da soen ech et e bësse méi konkret - dräi Proporzgemengen, vun der CSV geféiert Proporzgemengen, elo hei wëllen Ännerungen hunn, da wëll ech just bemerken, dass all déi aktuell Buergermeeschtere vun deenen dräi Proporzgemengen, ëm déi et geet, scho virun an déi Decisiounen mat implizéiert waren a se och tel quel ugeholl haten, sief et als Schaffen, sief et als Buergermeeschter oder sief et als aktive Member vun enger Kierchefabrik.

Wann also elo probéiert gëtt,...

(Interruption)

...wann also elo probéiert gëtt, op de leschte Stëppel alles aneschtens ze maachen, wuel wëssend - wuel wëssend! -, an dat ass d'Absicht, déi jo hannendrusteet, dass de Projet dann erëm eng Kéier misst an d'Prozedur goen an e weidere Retard géif kréien, dann ass dat menger Meinung no weínege sënnvoll.

(Interruption)

Här President, ech wëll awer dozou e seriöt Wuert soen. Et soll keen de Geck mat den Institutionen maachen! An et soll ee bei all Dis-

(Interruption)

Et soll ee bei all Dissens d'Seriositéit vum politeschen Debat net wëllen ënnergrüwen! Dat schuet net nëmmen der Politik an eis allegueren als Politiker, mä et schuet eis all als Gesellschaft.

Et wäert mir ëmmer e Rätsel bleiwen, Här Wiseler, wéi een et fäerdegbréngt, sech selwer op de Kënn ze späizen, just fir en anere knaschteg ze maachen.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Dat do riicht Der awer just un lech. Ech fannen, datt Der déi perséinlech Saache roueg kënnt op der Säit looszen. Dat gehéiert net an d'Diskussion hei.

► **Mme Nancy Arendt** (CSV).- Dat ass eng Beleidigung.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- An et ass konstant datselwecht.

► **Une voix**.- Dat huet awer mam Projet ze dinn.

► **Mme Nancy Arendt** (CSV).- Dat seet awer elo dee Richtegen!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Här President, Dir misst elo esou lues intervenéieren.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Dir kritt direkt nom Innenminister selbstverständlech d'Wuert.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Loosse mer awer allegueren déi Leit, déi sech elo esou opreegen, nach eng Kéier berouegen! Mat dësem Gesetzestext gëtt zwar d'Propriétéit vu 500 Kierchegebaier an eise Land endlech ganz kloer gekläert. Propriétaire ass, et gëtt net vill Méiglechkeeten, entweder d'Gemeng oder de Fong. Mä genausou kloer ass, an huet dat dach wann ech gelift zur Kenntnis: Dëst ass eng Momentopnam! Selbstverständlech kann och nom Akraafttriede vum Gesetz déi Propriétéit nom Prinzip vum Code civil an no de gesetzleche Virgaben änneren. Wat net ännert, ass de Prinzip: Deen, dee Propriétaire ass, ass och fir den Ennerhalt verantwortlech. An en huet net nëmmen d'Fräiheet, mä souguer d'Obligation, fir d'Gebaier ze ënnerhalen.

Här President, et ass an dësem Dossier mat schwéierer Munition geschoss ginn an et geet jo riicht virun. Mir hu mat Engelsgedold ëmmer erëm probéiert, den Dossier ze versachlechen an eis Position ze erklären.

► **Une voix**.- Dat hunn déi eischt zéng Minutten...

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Trotzdeem waren d'Schléi ënnert d'Gürtellinn op der Dagesuerdnung a weínege chrëschtlech,...

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Dir beweist et.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- ...a weínege chrëschtlech, Här Wiseler, fir et emol esou...

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Dir beweist et. Also, Dir braucht just Är Ried nozelauschten.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Vum atheistesche Reliounshaasser zum kommunistesche Verfassungsvergewalteter bis bei de Kriminellen, dee soll an d'Häll kommen, et war vun allem derbäi, fir deen onbeléiften Innenminister ze diskreditéieren.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Awer net hei.

(Brouhaha)

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Ech weess awer net, wou Der déi Zitater do hierhuet.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Gitt mer eng Chance a lauschtert no, wat ech elo soen!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Dir hat Är Chance.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Haut ass dann och nach déi degueulasse Bemierkung derbäikomm, mä Projet hätt Parallele mat deem vum nazistesche Gauleiter Gustav Simon.

Här President, als Jong vun engem Resistenzler treffe mech esou Bemierkungen. Mä si geheie mech net ëm. Ech hu vu mengem Papp geléiert, dass ech net beim éischten...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Entschëllegt, Här Minister, ech wëll awer präzisieren, dass dat Wieder sinn, déi net an der Chamber hei gefall sinn.

► **Une voix**.- Kee vun eis, kee vun eis huet dat gesot.

(Brouhaha)

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Här President, ech hunn dat och net behaupt.

(Brouhaha et hilarité)

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Bon, dat huet awer esou geklongen, d'Aart a Weis, wéi dat do ugeet.

► **Une voix**.- D'Chamber awer net.

(Brouhaha)

► **Une autre voix**.- Dat ass den absolute Combel.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Esou kann et awer net goen.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Dir sidd amgaangen, Äre richtige Charakter ze weisen.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Här Gibéryen, däerf ech lech dorobber äntwerten?

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Jo, jo. Roueg, roueg!

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Et wär gutt gewiescht - et wär gutt gewiescht -, wa mer virun allem bei deem leschte Passage, deen haut de Moien an engem Lieserbrëif stoung, ënnerschrivwe vum President a vum Vizepräsident vum SYFEL, déi deen dote Verglach gemaach hunn, wann Der do vläicht mat e bësse méi Dignitéit op meng Reaktioun geäntwert hätt.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- An ech halen drop, ech wëll net nëmmen iwwer mech hei schwätzen, Här Wiseler. D'Attacke géint de Bistum a seng héchste Verrieder waren net manner onappetitlich an hunn an hirem Héichpunkt aus enger Assignatioun op d'Gericht op den Dag vu Chrëschttag bestannen an aus Denunziatiounen vum Äerzbëschof zu Roum. D'Chamber...

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Adresséiert lech un d'Chamber!

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Ech adresséiere mech un d'Chamber.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Majo dann...

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- D'Chamber gouf oppen attackéiert, well se sech getraut hat, an enger éischter Etapp schonns den Dekret vun 1809 partiell ofzeäneren. Och de Conseil d'État krut säi Fett ewech, well en de Culot hat, eng juristesche sachlech Position ze bezéien an net dat geschrivven huet, wat anerer wollte vun him héieren a liesen. Ech kommen nach drop zrëck.

Dëser Deeg koum dann och nach den Ombudsmann...

(Brouhaha)

Et muss lech vill stéieren, wat ech soen, hein?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ech droe beim Här Minister, grad wéi bei all Deputéierten, deen ënnerbrach gëtt, den Ennerbriechunge Rechnung. Den Här Minister huet nach genee zwou Minutten.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Här President, ech wëll lech just soen: Ech hat eng Ried preparéiert, déi genau 19 Minutten a 36 Sekonne gedauert huet. Wann ech hei hätt kënnen fräi schwätzen, da wär dat och ouni Problem méiglech gewiescht. Mä ech wäert mech selbstverständlech Är Disziplin ënnerwerfen.

Dëser Deeg koum och nach den Ombudsmann un d'Rei. Et war evident, dass hien an dëser Fro net kompetent wier, fir iwwerhaupt kënnen aktiv ze ginn. D'Gesetz erlaabt him et einfach net. An trotzdem gouf e saiséiert a prompt attackéiert, well net dat gewünschte Resultat erauskomm ass.

Elo lese mer an der Zeitung, dass och onofhängeg dovunner, wat d'Chamber haut wäert decidéieren, d'Justiz viséiert bleift. Mä och wann den Adressat ännert, de Modus Operandi bleift deen nämlechen: Et gëtt ëffentlech Drock opgebaut, fir dass dat Resultat erauskënn, wat ee sech erhofft. Ech maachen et dann e bësse méi kuerz. Keen Amtsdréier, sief et e weltlechen oder kierchlechen, keng Institution, kee Pouvoir am Stat, sief et deen éischten, deen zweeten oder deen drëtten, soll verschount bleiwe virun der geballtener Kraaft vun der Roserei vun de Contestatairen. Dat war d'Botschaft, déi sollt vermëttelt ginn. A si ass ukomm.

Här President, jiddweree sollt sech gutt iwwerleeën, ob e sech där Form vun der politescher Auseenersetzung wëllt uschlëssen oder net, an dat och hei am Haus!

Ech gi gären zou, dass ech mer déi innerkierchlech Opposition géint den Accord tëschent Regierung a Bistum net esou virulent konnt virstellen. Ech hat mer de Fonctionnement vun der Kierch vläicht méi hierarchesch strukturéiert virgestallt an net mat dëser regelrechter Front géint den Äerzbëschof gerechent. Mä schlussendlech war et genau déi Radikalitéit an déi fanatesch Arroganz vun dëser innerkierchlecher Opposition, déi derzou gefouert huet, dass d'Attacken am Sand verlaf sinn.

Et war einfach ze vill evident ginn, dass déi ëffentlech Strukture vun de Kierchefabrike sech verselbststännegt haten a wäit iwwer hiren eenzegen ëffentlechen Optrag, nämlech d'Kierchegebaier ze ënnerhalen, Afloss op d'Gesellschaft geholl haten an nach ëmmer wëllen huelen. Dat ass nieft dem Geld déi zweet Undriffsfieder, déi dës Leit dreift. Et kann ee scho bal vun onfräiwëlleger Autodenonciatioun schwätzen, wat hei gebuede gëtt.

Op jidde Fall ass et fir ëmmer méi Leit ëmmer méi kloer ginn, wéi noutwendeg et ass, fir dës Reform unzegoen. An och fir mech koum et net a Fro, fir zrëckzegoen, och mam Risiko - wéi ee geschrivven hat, an ech betounen dann, keen aus der Chamber -, dass et mech de Kapp géif kaschten.

Mä, Här President, Dir gesitt, de Kapp ass nach drun. An ech menge kënnen ze behaupten, dass d'Akzeptanz fir dës Reform dobause bei de Leit, entgéint deem, wat behaupt ginn ass an deene leschte Wochen a Méint, drastesch eropgaangen ass.

Alles dat gesot, wat huet misse gesot ginn, mengen ech, dass d'Zäit komm ass, erëm openeen zouzegoen. D'Regierung huet dat schonn an engem Geste gemaach. Sou hunn ech duerch meng nodréiglech Autorisatioun de Kierchefabricken et iwwerhaupt erméiglecht, géint d'Konventionen tëschent Regierung a Bistum ze kloen, nodeems si dës gesetzlech virgeschrivven Autorisatioun tout simplement ignoréiert haten.

An och heibannen, Här President, wär et vläicht net vu Muttwëll, wann Eenzelner sech géifen drun erënneren, wat si alles virum Avis vum Conseil d'État vu Positionen ageholl hunn a sech op mech ageschoss haten. Nom Avis vun deemselwechte Conseil d'État, wou si carrement widerluecht gi sinn, ass et dunn e bësse méi roueg ginn.

Erlaabt mer just nach weínt der historiescher Wourecht e klenge Réckbléck op de Werdegang vun dësem Projet.

Nodeems sech d'Kierch an d'Regierung séier eens ware fir d'Faleloosse vun der Obligation vun de Gemengen, fir eng Paschtoueschwunneng mussen zur Verfügung ze stelle respektiv den Defizit vun de Kierchefabricke mussen ze decken, ass de gemeinsame Wunsch vu Regierung a Bistum kloer ginn, fir méi wäit ze goen. An ech betounen den „gemeinsame Wunsch“.



D'Regierung hat virun allem de Wonsch, fir d'Propriétéitsverhältnissen vun de Kierchegebaier an d'Ennerhaltsflicht no de Regele vum Code civil ze klären, während et dem Bistum, dee mat engem territorialen an organisatore-sche Reformprozess beschäftegt war, drëms gaangen ass, d'Kräften ze bündelen, fir de pas-toralen Optrag vun der kathoulescher Kierch ënner verännerte Bedéngunge weiderhin ze garantéieren.

Dat, an näischt aneres waren d'Beweeggrënn, fir den Dekret vun 1809 ofzeschaffen. An dat ass och d'Basis vum Gesetz, dat haut hei zur Ofstëmmung kënnt. De Bistum, an dat ass awer och wierklech nozevollzéien, wollt net, wéi dat am Ufank geplangt war, d'Decisioun huelen, wéi eng Kierche bei deen nei ze schafenden nationale Kierchefong kommen a wéi eng Kierchegebaier bei d'Gemenge kommen. Iwwregens hätten domadder och vill Gemengen, wéi den Här Wolter richteg gesot huet, e Problem gehat.

Dunn ass d'Iddi opkomm, dass um lokale Plang Gemeng a Kierchefabrik zesummen déi Propriétéitsfro sollte klären. Leider ass och dës Iddi aus engem ganz bestëmmten Eck boykottéiert ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Här Minister, Dir misst zur Konklusioun kommen.

► **M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur*.** - De Statsrot huet du Kloertext geschwat a festgestallt, dass et méi einfach a méi kloer ass, wa just de Legislatateur dëst sollt feststellen.

Ech wëll nach vläicht ee Wuert soen, wat dann...

(*Brouhaha général*)

Jo, dann halen ech op, Här President.

(*Interruption*)

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Maacht, Här Minister, Äre Saz fäerdeg, esou wéi ech dat och ëmmer bei anere Kollegee maachen, déi an engem Rasonnement sinn! Maacht Äre Saz fäerdeg an dann huet jiddwer Kolleg och nach d'Geleeeënheet, fir Parole après ministre ze froen.

► **M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur*.** - Eenzel Leit hu mat grousser Trommelwierbel probéiert, mat grousser medialer Opmerksamkeet och probéiert, fir dee gemeinsam age-schloene Wee tëschent Regierung a Bistum ze minéieren. Mä et ass hinnen net gelongen, fir en ze zerstéieren. D'Bréck, op deem dat gebaut war, d'Fundament vun deem Ganzen, dat war den Dialog an dat war d'Mateneendiskutéieren, huet gehalen. An doriwwer sinn ech frou.

Merci, Här President.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Den Här Wolter freet Parole après ministre.

► **Plusieurs voix.** - Ooh!

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Dat ass dat Geräisch, wat ech vun dëser Majoritéit am Léifsten héieren: den Ooh!

(*Hilarité*)

Här President, ech sinn elo am 34. Joer an der Chamber an ech hu selten en Opdrëtt vun engem Minister gesi wéi deen, dee mer elo déi lescht 25 Minutten iwwer eis hu missen ergoe loossen.

(*Interruption*)

Jo, ech gleewen, dass Dir der Meenung sidd, dass dat exzellent ass. De Minister huet dem Reglement vun der Chamber no zwanzeg Minutten, fir zum Projet de loi ze schwätzen, an ass gebieden, an deenen zwanzeg Minutten och zu de Virschléi, zu de Kriticke vun den Deputéierten, zu de Froen, déi vun den Deputéierte gestallt gi sinn, eng Äntwert ze huelen.

An d'CSV ass déi lescht Partei, déi ee Minister géif drun hënneren, fënnf Minutten an och nach zéng Minutte méi ze hunn, wann de Minister nëmmen tant soit peu den Effort gemaach hätt, fir zu deem, wat de Mëtten hei an der Chamber gesot ginn ass, Stellung ze huelen.

De Minister huet dat net gemaach! En huet et souguer selwer zouginn. En huet gesot, en hätt sech eng Ried vun 19 Minutten a 36 Sekonnen opgeschriwwen. Hien hat also, ier en an d'Chamber komm ass, schonn decidéiert - schonn decidéiert! -, datt en op keng eenzeg Remark vun engem Deputéierte géif äntwer-ten.

(*Interruptions diverses*)

Amplaz während zwanzeg Minutten op de Pro-jet de loi ze äntwerten, sinn déi éischt zwielef Minutten emol CSV-Bashing hei gemaach ginn, wéi ee se vläicht op engem Kongress hätt kënne maachen, mä et ass bis zum Schluss eigentlech net probéiert ginn, et ass sech e Rit-terschlag ausgestallt gi selwer, an et ass a ken-

gem Moment probéiert ginn, op d'Riede vun den Deputéierten anzegoen.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - An d'Madamm Reding?

(*Hilarité*)

Déi huet sech fënnfmal de Ritterschlag ginn.

► **Mme Viviane Loschetter (*déi gréng*).** - Awer net hei an der Chamber!

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Här President, ech wëll soen, dass ech lech wierklech géif bie-den, de Ministeren an der Regierung ze soen, dass eng vun hire wesentlechste Flichten do-ranner besteet, wa se sech virun der Chamber presentéieren, fir op dat anzegoen, wat an der Chamber gesot gëtt, an net während fofzéng vun zwanzeg Minutten iwwer all Méigleches, wat am „Wort“, soss enzwousch an der Zei-tung, am Radio, beim Patt an esou divulgüiert gëtt,...

► **Mme Viviane Loschetter (*déi gréng*).** - A wat huet d'Madamm Aehm gemaach? Nëm-men zitéiert!

► **M. Michel Wolter (CSV).** - ...ouni sech mat deem ausenanerzesetzen, wat hei gesot ginn ass. Dir hutt lech Är...

(*Brouhaha*)

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Wann ech gelift, den Här Wolter huet d'Wuert an zwar ganz alleng!

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Här President, de Minister huet sech a kengem Moment un d'Chamber gewannt. Mir bedauern dat wierklech ganz staark. En huet virun allem Saachen och nees behaupt, déi net richteg sinn. E be-haupt nach wie vor, et géif keen expropriéiert ginn. Ech hunn a menger Interventioun kloer an dättelech gemaach, dass hei expropriéiert gëtt a par le fait du prince expropriéiert gëtt.

Hien huet op wesentlech Froen keng Äntwert ginn. Zum Beispill, Här Minister, hat Der eng Délégation de signature, wéi Der mam Äerzbis-tum ënnerschriwwen hutt? Hat Der eng? Da weist eis se, wann ech gelift!

Dir hutt lech a kengem Moment als Minister, wat fir mech Är ureege Flicht gewiescht wär, zu deenen dach seriöse Froen, déi hei opgeworf gi sinn zu den Artikelen 22 a 16 vun der Verfas-sung, hei geäussert, wat a mengen Aen oner-lässlech gewiescht wär, wann een e kon-struktive Bäitrag zu dëser Diskussioun hätt wëlle livweren.

Dir hutt a kengem Moment drop geäntwert, wou Der awer nëmmen tant soit peu eng Base légale fannt fir dat, wat Der déi lescht zwee an en halleft Joer mat de Gemenge gemaach hutt. Dir setzt déi Gemengen dohinner, déi lech net à la lettre gefollegt hunn, quasi wéi Der déi - ech weess net wat - do wéilt organiséieren. Och à la base entbehrt Är Aktioun, an Är Ak-tioun an deem ganzen Dossier vu vir bis han-nen jeglecher Base légale!

Deen Opdrëtt, deen Dir elo hei produzéiert hutt, ass eigentlech eng drëtt Variant, wéi een d'Trennung vu Kierch a Stat ka gesinn. Si seet mir a si seet menger Partei, dass Dir, Här Minis-ter, a kengem Moment wëlles hat, am Dialog konstruktiv a mat iergendengem dësem Dossier ze léisen. Iech ass et eleng an eenzeg nëmmen drëm gaangen, dat ze maachen, wat Der déi lescht zwanzeg Minutten hei op der Chamber produzéiert hutt.

Merci.

(*Brouhaha général et interruptions*)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Et ass besser, et seet kee méi eppes.

(*Hilarité et interruptions*)

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Do-mat si mer um Enn vun der Diskussioun ukomm.

Amendement 1

Ier mer iwwert de Projet de loi 7037 of-stëmmen, si mer saiséiert mam Amendement, dee vum Här Wolter fir d'CSV abruucht ginn ass.

(*Interruption*)

Majo, ech hu gesot, dass mer domat saiséiert sinn. Selbstverständlech hätt ech dann d'Fro gestallt, wéi dat übblech ass, ob dozou Wuert-meldunge sinn, well dat gesäit eist Reglement vir.

E bësse Gedold! Ech mengen, mir sollen erëm e bësse Rou doranner bréngen. An ech hunn eng éischt Wuertmeldung vum Auteur.

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Ech hunn e Point zum Ordre du jour, well ech hu genau déi Fro un d'Sekretariat vun der Chamber ge-stallt de Mëtteg, ob, wann een en Amende-ment deposéiert, een dann zousätzlech Mi-nutte kritt, fir iwwert deen Amendement kën-nen ze befannen. An d'Sekretariat vun der

Chamber huet mer d'Reglement vun der Chamber virgelies, wat kloer an dättelech seet, dass d'Diskussioun iwwert d'Amendementen Deel si vun den Interventiounen. Dat zielt souwuel a mengen Ae fir den Auteur, fir d'Chamber wéi och fir d'Regierung.

An deem Sënn kann ech lech an Ärer Argu-mentatioun, et deet mer leed, Här President, net follegen, an ech kommen op dat, wat ech virun enger Minutt gesot hunn: Et wär déi ureegenst Flicht gewiescht och vum Minister, a senger Riedezäit vun zwanzeg Minutten op den Amendement, deen d'Deputéiert vun der CSV eraginn hunn, eng Äntwert ze ginn, eng kloer an dättelech Äntwert ze ginn. Net emol dat - net emol dat! - huet de Minister a senger Ried gemaach.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Ech kann lech zu deem dote Punkt nëmme recht ginn, well ech dat nogeschloen hunn elo am Reglement. Also stëmme mer iwwert d'Regle-ment of, mat deene Bemerkungen, déi Dir...

► **Plusieurs voix.** - Amendement!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - ... iwwert den Amendement of, mat deene Be-merkungen, déi Dir gemaach hutt. Den Am-en-dement 1, et ass d'Nummer 1 vun 1, dee gesäit vir, dass an der Annex d'Propriétéits-verhältnissen...

Entschëllegt! Jo, den Här Bodry.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Souwäit ech weess, huet eis Fraktioun nach eng Riedezäit, da kënne mer nach e Wuert dozou soen. Ech won-nerer mech hei, dass eng Fraktioun sech zum Porte-parole vun enger Gemeng mécht, an ech géif gären d'Deliberatioun vum Gemengerot vun der Gemeng Käerjeng gesinn, déi Propri-étéitsverhältnissen festgeluecht huet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Et ass keng Riedezäit méi do, Här Bodry.

(*Hilarité générale*)

► **Une voix.** - En huet elo grad gesot!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Den Här Bodry hat nach e puer Sekonnen.

► **Une voix.** - Weist mer se! Weist mer se!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Den Här Bodry hat nach e puer Sekonnen.

(*Interruptions diverses*)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Den Debat ass ofgeschloss.

(*Interruptions diverses*)

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Zweemol sidd Der iwwert d'Reglement ewechgaangen, andeem Der dem Här Bodry eng Riedezäit ginn hutt. Ech hätt gären net méi an net manner Rechter wéi d'Deputéierte vun der Majoritéit.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Mä Dir hutt jo och elo Äert Wuert ergraff. Voilà!

Da stëmme mer elo iwwert den Amendement of.

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Neen, mä ech géif gären eng Äntwert ginn op dat, wat hei gesot ginn ass.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Wann den Här Bodry eng konkret Fro gestallt huet, dann äntwert Dir dorop.

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Jo, eng konkret Fro huet e gestallt. D'Äntwert, Här President, läit an deem, wat ech virdrun a menger Ried gesot hunn, nämlech dass d'Gemeng Käer-jeng net tributaire ass vun der Aart a Weis, wéi d'Chamber nom Avis vum Statsrot hir Aarbecht eigentlech net esou strukturéiert huet, fir zu enger Konklusioun kënne ze kommen.

Ech hu gesot, dass déi Konventiounen, déi d'Gemeng Käerjeng - an ech schwätzen net oft am Numm vu menger Gemeng, mä aner Leit hunn dat de Mëtteg awer och allëgrement ge-maach - mat deene fënnf Kierchefabriken den 3. Januar 2018 ënnerschriwwen huet, dës Konventiounen wäerte selbstverständlech, esou wéi d'Gesetz et virgesäit, där allernächster Ge-mengerotssitzung vun der Gemeng Käerjeng zum Vott virgeluecht ginn.

Dëse Vott, dat versprochen ech lech, wäert virun dem drëtten Dag nom drëtten Mount a virun dem Akraafttriede vum Gesetz feststoen.

Wann Der awer, Här Bodry,...

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Dat do geet net!

► **M. Claude Haagen (LSAP), *rapporteur*.** - Neen!

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Dat ass Är Mee-nung.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Jo!

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Wann Der awer der Meenung sidd, dass et de Gemengerot vun der Gemeng Käerjeng hätt misse sinn...

(*Interruption*)

Wann Der der Meenung sidd, dass et de Ge-mengerot vun der Gemeng Käerjeng hätt misse sinn, dee virun dësem Dag hätt missen déi Deliberatioun huelen, da kommen ech op meng Interventioun zrëck, wou ech lech d'Fro gestallt hunn: Läit am Dossier vun der Cham-ber d'Korrespondenz vun deenen 106 Ge-mengen?

Läit se am Dossier vun der Chamber, elo wou Dir par le fait du prince eng Decisioun huet, déi bei 106 Gemenge kontrolléiert huet, ob an all Gemeng vun dësem Land de Gemengerot d'Decisioun geholl huet?

Dat ass déi Fro, Här Bodry, déi ech lech op Är Fro zrëckstellen. Hutt Der dat gemaach?

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Hei geet et ëm den Amendement! Neen!

(*Interruptions*)

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Jo! Jo!

(*Interruptions*)

Den Här Bodry behaupt hei...

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Seng Partei mécht sech awer och zum Porte-parole vun enger Ge-meng,...

► **M. Claude Haagen (LSAP), *rapporteur*.** - Här Wolter, ech kann lech just soen, datt dat an der Kommissioun net gemaach ginn ass an datt Äre Courier erakomm ass den 12. - dat hutt Der virdru gesot, Dir hutt se den 3. ap-prouvéiert - den 12. Januar um 9.27 Auer.

Doropshin hutt Der mech jo drop ugeschwat, ech hätt missen d'Kommissioun nach eng Kéier zesummeruffen opgrond vun deem Dokument, dat do ass, dat awer nëmme vun engem Schäf-ferot eragaangen ass, dat menger Meenung no, souwäit ech awer d'Gemengegesetzge-bung kennen, muss approuvéiert sinn iwwert de Gemengerot.

► **M. Marc Spautz (CSV).** - Do sidd Der mat Schëffleng awer anescht verfuert; do gëtt et eng Decisioun vum Gemengerot.

► **M. Claude Haagen (LSAP), *rapporteur*.** - Vu Schëffleng ass näischt erakomm. Vu Schëffleng ass näischt erakomm, vun anere Gemengen ass näischt erakomm. Hei ass eppes erakomm nom Vott, ech wëll nach eng Kéier soen, et ass net fir polemisch ze sinn, nom Vott, nom Vott an der Kommissioun, nom Vott an der Kommis-sioun, Här...

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Se si mat anere méi pingele, wéi se mat sech selwer pingele, sinn.

► **M. Claude Haagen (LSAP), *rapporteur*.** - Jo, jo, nom Vott vun der Kommissioun, an ëmmer nëmmen decidéiert vun engem Schäfferot. Vun engem Schäfferot!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Kol-leegen, ech mengen,...

► **M. Claude Haagen (LSAP), *rapporteur*.** - Sou, Dir hätt jo kënne Äre Gemengerot och virdrun zesummeruffen, well Dir wousst jo, wéini datt de Vott an der Chamber war.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - ...vu dass d'Diskussioun eriwwer ass,...

► **M. Claude Haagen (LSAP), *rapporteur*.** - Esou einfach ass et och net. Dat wësst Der och!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - ... fäerten ech, dass mer eis heiriwwer net eens ginn. Ech wëll awer nach eng Kéier...

► **M. Claude Haagen (LSAP), *rapporteur*.** - Déi, déi ugräifen, mussen och kënne astiechen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - ...eng kleng Interpretatioun an d'Enn vun der Debätt erabrëngen.

(*Interruptions*)

► **M. Claude Haagen (LSAP), *rapporteur*.** - Sou einfach ass et.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - An der Debätt steet, also am Reglement steet, dass d'Amendementen an der allgemenger Diskus-sioun...

(*Interruptions*)

Wann ech gelift! Wann ech gelift!!!

► **Une voix.** - Jo.

(*Hilarité*)

Et ass dach wouer!



► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- ... dass d'Amendementen an der allgemenger Diskussioun inclus sinn. Wann also nach e Rescht ass vu Riedezäit, da kann déi gebraucht ginn, ier mer...

► **M. Alex Bodry** (*LSAP*).- Et kann ee sech net Porte-parole vun engem Schafferot maachen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- ...d'Debatt ofgeschloss hu mat dem Lancement vum Vott.

Vote sur l'amendement 1

Also, d'Diskussioun ass eriwwer a mer stëmmen iwwert den Amendement of, dee vun der CSV abruecht ginn ass, an deen, mengen ech, largement vum Här Wolter och explizéiert ginn ass. D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen.

► **Plusieurs voix**.- Iwwer wat stëmme mer of?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Iwwert den Amendement!

(Interruptions)

An dann d'Procuratiounen.

D'Ofstëmmungseresultat ass 34-mol Neen, 26-mol Jo. Domat ass den Amendement 1 net ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Mir géifen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7037 a sengem Ensembl iwwergoen. D'Ofstëmmung fänkt elo un.

(Concertation interne)

Jo, ech gi vum Generalsekretär drop opmierksam gemaach, ech soll drun erënneren, wat de Rapporteur gesot huet, wat déi Erreur-matérielen ugeet a wou mer och den Accord... Ech wëll duerfir nach eng kéier dorop hiweisen, fir dass mer wëssen, iwwer wat mer ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7037 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo...

(Brouhaha général et hilarité)

► **Mme Anne Brasseur** (*DP*).- Et ass ee vu menge leschte Votten, mä anscheinend huet d'Maschinn mech hei schonn ofgeschriwwen. Ech sinn awer nach ëmmer do.

(Hilarité générale et interruptions)

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Et geet séier hei!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Also 34-mol Jo a 26-mol Neen. Domat ass de Projet de loi 7037 ugehall.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ass d'Chamber d'accord, d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

5. 6864 - Projet de loi portant sur le bail commercial et modifiant certaines dispositions du Code civil (suite)

Mir géifen dann direkt de Vott huelen iwwert dee Projet, dee mer gëschter duerchdiskutéiert hunn, de Projet de loi 6864 iwwert de Bail commercial. Ech mengen, do ass alles gesot a mir kënnen zur Ofstëmmung iwwergoen.

(Brouhaha général)

Also, et ass dat Gesetz, iwwert dat mer gëschter diskutéiert hunn, iwwert de Bail commercial.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6864 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass eriwwer.

An ech gesinn, d'Madamm Brasseur huet mat ofgestëmmt. Den Apparat huet sech enges Bessere beléiere gelooss. 57-mol Jo, 3 Abstentatiounen. Domat ass och de Projet 6864 ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Sidd Der mat der Dispens d'accord?

(Assentiment)

Merci.

Da géife mer zum nächste Projet iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 7096, e Kooperatiounsaccord tëschent den EU-Länner a Kasachstan, dee mer ratifizéieren. An et ass de Rapporteur, den Här Yves Cruchten, deen d'Wuert huet.

6. 7096 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de partenariat et de coopération renforcé entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la République du Kazakhstan, d'autre part, signé à Astana, le 21 décembre 2015

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **M. Yves Cruchten** (*LSAP*), *rapporteur*.- Merci, Här President, an ech kann lech versprechen, dass mer bei deem heite Projet kee Sträit wäerte kréien iwwert d'Riedezäiten,...

(Hilarité)

...an ech mengen, och net vill um Fong.

Der Europäescher Unioun hir Relatiounen mat der Republik vu Kasachstan baséieren de Moment op engem sougenannten APC, engem Accord de partenariat et de coopération, deen zanter dem Juni 1999 a Kraaft ass. Där Accorde ginn et der méi. Am Ganze ginn et der zéng.

D'Iddi derhannert ass, bei eise Partner d'Demokratie ze stäerken an och hir Wirtschaft ze entwëckelen. Et ass en Deel vun eiser Noperschaftspolitik. Dës Accorde stellen och den institutionelle Kader fir de politeschen Dialog. Wat déi wirtschaftlech Kooperatioun ugeet, sou kann ee soen, dass Kasachstan fir 24 Milliarden Euro Gidder an d'Europäesch Unioun exportéiert, a virun allem Pétrol, an ëmgedrëit d'Europäesch Unioun eng 7,5 Milliounen Euro a Kasachstan exportéiert, wat haaptsächlech am Beräich Maschinnebau oder vun Equipementer ze gesinn ass.

Am Joer 2011 krut d'Kommissioun dunn den Optrag, en Accord de partenariat et de coopération renforcé mat Kasachstan auszuhandelen, dee mir haut mat dësem Gesetz wëllen unhuelen. Dësen neien Accord baséiert op deenen dräi bekannte Pilieren, éischstens dem politeschen Dialog, zweetens dem Commerce an drëtzens an der Coopération sectorielle an den Domänen vum Développement durable, der Justiz oder nach der Sécherheet.

Ier ech elo den Accord vu menger Partei zu dësem Projet ginn, wëllt ech awer onbedéngt drop hiweisen, dass d'Europaparlament seng definitiv Zoustëmmung zu dem Accord mat Kasachstan u Konditiounen geknäppt huet. Grad an de Froe vun de Mënscherechter, déi d'Parlament nach net erfëllt gesäit, mussen nach Verbesserung kommen. Dëst huet d'Europaparlament a senger Resolutioun den 22. November 2012 ausgedréckt. Mir sollten also och nom Vott vun haut nach en A drop halen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Dat war kuerz a bündeg. Dann hunn ech eng Wuertmeldung vum Här Laurent Mosar.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar** (*CSV*).- Merci, Här President. Merci fir d'Éischt dem Rapporteur fir säin exzellente mëndlechen awer och schrëftleche Rapport. De Rapporteur huet op e Punkt opmierksam gemaach, deen eis och bien entendu um Mo läit, dat ass dee vum Respekt vun de Mënscherechter. Mir wëssen, datt Kasachstan leider Gottes am Moment nach kee Modell ass, wat de Respekt vun deene Mënscherechter ubelaangt.

Ech géif vläicht och nach direkt en anere Volet do mat eranhuelen. Dat ass dee vun der Good Governance. Och wat d'Regierung vu Kasachstan ugeet, si sécherlech nach eng Rei vun Efforten ze maachen. Mir wëllen duerfir och nach eng kéier de Minister invitéieren, weider och ze versichen, dat Land an déi richteg Richtung ze kréien.

Dat gesot, bréngen ech awer hei den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Weider Wuertmeldungen? Den Här Kartheiser huet d'Wuert.

(Interruption)

Entschëllegt, Här Kartheiser! Fir d'Éischt kënn den Här Adam; ech hat den Här Adam net gesinn.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Wéi kann een deen net gesinn?

(Interruptions)

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Merci, Här President, ech wëll et kuerz maachen. Ech wëll dem Yves Cruchten Merci soe fir all seng Ausféierungen, déi ech deelen. An ech wollt awer och heihinnerkommen, fir nach eng kéier do nozedrécken, wat och den Här Cruchten ugedeit huet: Kasachstan ass schonn ee kriddeleche Partner.

Transparency International huet Kasachstan 2016 op déi 131. Plaz gesat. Dat heescht, datt et an 130 State vun deenen 176, déi am Ranking sinn, manner Korruptioun gëtt, an et sinn also just 34 Staten, déi méi Korruptioun kenne wéi Kasachstan. An et ass och esou, datt Amnesty International seet, datt 2016-2017 d'Grondrechter wéi Meenungsfräiheet a Versammlungsfräiheet a Kasachstan ageschränkt sinn.

Et gëtt och positiv Zeechen: Kasachstan léisst zënter 1999 international Wahlbeobachtunge vun der OECD zou. Déi kommen zwar allerdéngs regelméisseg zu därselwechter Konklusioun: datt déi Wahlvirgäeng alles anescht wéi transparent sinn an och net den Ufuederunge vun deene Wahlprozesser, wéi mir se an der westlecher Welt fuerderen, entgéintkommen. A wann eng Partei 82% vun de Stëmme kritt an e President mat 95,6% gewielt gëtt, dann ass een zu Recht mësstrauesch.

Duerfir si mer der Meenung, datt do nach vill ze maachen ass.

(Interruption)

Wa mer awer esou wäit ginn, dat Land ze kritiséieren, dann ënnerstëtze mer trotzdem d'Zesummenaarbecht, déi mer hunn. A mer soen: Et ass wichteg, datt mer ebe keng Isolatiounspolitik maachen, mä ëmmer erëm déi Mënscherechtsfro matdiskutéieren, an datt mer och Kasachstan hëllefen, sech wirtschaftlech weiderzëntwëckelen. An et muss een och derbäisoen: D'Europäesch Unioun ass och net ganz altruistescht bei deenen doten Hëllef. Et ass natierlech och fir d'EU interessant, en Handelspartner an deem doten Deel vun der Welt ze hunn. An do ass Kasachstan net onwichtig.

Duerfir ginn ech dann och den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Den Här Gusty Graas hat och d'Wuert gefrot. Hie kritt et selbstverständlech.

► **M. Gusty Graas** (*DP*).- Och ganz kuerz, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, effektiv, wann een deen Accord do duerchliet, da kéint ee jo bal mengen, mir géifen hei mat Kasachstan eng nei Relatioun ustriewen. Dat wëlle mer och maachen. Mä et muss een awer natierlech ganz realistesch bleiwen. Mir wëssen, wat fir ee politesche Regimm an deem Land ass. D'Virriedner hei hu schonn drop hiweisen.

Ech mengen, och fir eis ass natierlech den Aspekt virun allem vun de Mënscherechter ganz wichteg. Mir hoffen, datt et elo net nëmmen hei bei gudden Absichte bleift, mä datt deen Accord hei och dann eng gutt Basis wäert bidden, fir datt an Zukunft net nëmmen déi Relatiounen mat deem Land, mä doriwwer eraus och an dem Land selwer d'Situatioun sech dach besonnesch op wesentliche rechtsstaatleche Punkte kënnen verbessern.

Ech wëll awer ofschléissend dem Yves Cruchten e Merci fir säi Rapport soen a brénge selbstverständlech och d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. An elo huet d'Wuert den Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Jo, villmools Merci, Här President. Ech wëllt vläicht e puer Punkte maachen. Deen éischten, natierlech: dem Här Cruchten e grouse Merci fir dee Rapport, deen en eis presentéiert huet.

Kasachstan ass fir Lëtzebuerg e wichtige Partner, an ech schléisse mech och ganz gär all deene Kommentaren un, déi op d'Mënscherechtsproblemer an deem Land opmierksam gemaach hunn. Mir ginn och dervun aus, datt den Här Minister Asselborn an dem Dialog mat Kasachstan och déi Problemer uschwätzt an op Verbesserungen hiwiarkt.

Interessant ass awer fir eis elo an dëser Debatt, datt mer deen Accord, wéi mer et och herno mat Kuba gesinn, als Lëtzeburger Parlament integral virgeluecht kréien zur Ratifizéierung. Mir hate virdu an där Debatt, déi mer gefouert hunn, gesinn, datt beim Artikel 22 eis Verfassung seet: Déi soll der Chamber virgeluecht ginn - dat ass jo hei esou presentéiert ginn -, an deene Punkten, déi se interesséiert. Dat wor zum Deel en Objet vun der Debatt.

Den Artikel 37 vun eiser Verfassung, deen iwwert d'Ratifikatioun vun den internationalen Traitée schwätzt, gesäit eng Differenzéierung an deem Sënn net vir! Et ass also och am Verfassungsrechtlechen hei zu Lëtzebuerg eng Evidenz, datt en Traité, deen d'Chamber soll ratifizéieren, der Chamber a senger Ganzheet, a senger Totalitéit virgeluecht gëtt.

Firwat ënnersträichen ech dat hei? Ma genau sou wéi am CETA mat Kanada gëtt et hei eng Partie, déi an der Kompetenz vun der Europäescher Unioun läit, an eng aner Kompetenz, notamment de politeschen Dialog, deen haaptsächlech d'Memberstate betrëfft. Et ass also e Caractère mixte, wéi mer et och an aneren Accorden hunn. An et ass eben hei fir eis interessant als ADR, fir ze ënnersträichen, datt mer souwuel mat Kasachstan wéi mat Kuba, zwee Dossier, déi mer haut diskutéieren, als Chamber dee ganzen Traité virgeluecht kréien.

A fir eis ass et eng logesch Konsequenz, datt mer och aner international Accorden, déi zum Deel hei méi kontrovers diskutéiert ginn, wéi den CETA oder eventuell zukünfteg Accorden och mat den USA, mir wësse jo net, wéi sech dat weiderentwëckelt, och als Ganz dem Lëtzeburger Parlament virgeluecht kréien.

Et ënnerläit net Brësseler Instanzen, wéi och ëmmer déi sech nennen oder wéi se zesumme-gesat sinn, fir engem Parlament Deeler vun Accord virzëenthallen, déi et soll ratifizéieren.

Dat gesot, Här President, gi mir ganz gär eisen Accord fir d'Ratifizéierung vun dësem Accord.

Ech soen lech villmools Merci.